

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp.

Se sont abstenus: Mme Mady Delvaux-Stehres;

M. Robert Mehlen.

Domat wier dee Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ofgeschloss, a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4875 iwwert de Bau vun engem neie Lycée zu Péiteng.

Et si bis elo agedroen déi Hären Halsdorf, Zanussi, Schummer, Jaerling, Garcia, Bisdorff, Sunnen an d'Mme Err.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.

6. Projet de loi 4875 autorisant le Gouvernement à construire un nouveau bâtiment pour le Lycée technique Mathias Adam de Pétange y compris l'aménagement des alentours

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Här President, honorable Kolleginnen a Kollegen!

Et war duerch groussherzogleche Beschluss vum 23. November 2001, wéi d'Mme Minister vun den Travaux publics den 3. Dezember d'lescht Joer dëse Gesetzesvorschlag deponéiert huet, a mir si frou, fir haut, gutt véier Méint méi spéit, de Projet de loi 4875 zur Ofstëmmung kënnen virzeleeën.

De 14. Januar war d'Kommissioun vun den öffentliche Aarbechten op der Plaz, zesumme mat der Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse, fir sech d'Situatioun unzekucken, besonnesch och am Hëllef op verschidde Kriticken, déi virbruecht gi waren, wat de Site, wou deen neie Lycée technique Mathias Adam soll gebaut ginn, ubelaangt. Den 20. Februar huet d'Kommissioun vun den öffentliche Aarbechte mech als Rapporteur genannt, an zesumme mat der Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, déi sech iwwregens och de Site ukucke war, de Projet de loi ënnersicht an diskutéiert.

An där Sëtzung gouf och dee positiven Avis vum Statsrot vum 29. Januar besprach, an déi eenzel liicht Textännerungen, déi déi héich Kierperschaft virgeschloen huet, goufe vun der Kommissioun zréckbehalen. De 7. Mäerz

gouf dann de Projet de rapport mat grousser Majoritéit, ouni Géigestëmm, vun der Kommissioun ugeholl.

D'Gebailechkeeten, an deenen de Lycée technique Mathias Adam de Moment nach ënnerbruecht ass, sinn an de 60er Joren opgeriicht ginn a bestinn aus prefabrikizierten Elementer. Dëst Gebai ass an engem ganz schlechten Zoustand, a schon zënter 1994 ass vu verantwortlechen a fachleche Kreiser gewosst, datt Reparaturen hei net méi sënnavoll wieren, an datt en Neibau déi eenzeg valabel Léisung ass.

Bedéngt duerch d'Kris an der Stolindustrie an d'demographesch Entwécklung am Anzugsgebidd goufen et Héichten an Déiften, an an der Lescht waren de miserable baulechen Zoustand an déi ongenügend Raimlechkeeten un der Réckleefegkeet vun der Schülerzuel vun dësem Lycée schold.

Och déi homeresch Diskussiounen iwwert déi Plaz, wou den neie Lycée technique Mathias Adam sollt gebaut ginn, hunn dem gudden Numm vun där Schoul méi geschuet wéi genotzt! Et ass also héich Zäit, datt eppes geschitt.

Wat d'Kapazitéit vun den neie Gebailechkeeten ubelaangt, sou ass virgesinn, datt si den aktuelle Gegebenheeten a Belaanger soll entsprechen. Et gouf der demographescher Entwécklung an de Gemenge vum direkten Anzugsgebitt Rechnung gedroen, sou wéi och de Beméiung vum Educationnsministère, fir déi regional Lycée vis-à-vis vun deenen am Zentrum opzewäerten.

Sou ass virgesinn, datt um Site vu Péiteng ronn 1.300 Elève kënnen opgeholl ginn, an zu engem spéideren Zäitpunkt soll dann d'Schoul "am Jencker" zu Déifferdeng, mat ronn 700 Elève, déi noutwendeg finanziell Mëttele kréien, fir den Erausforderunge vun engem optimale Schoulunterricht gerecht ze ginn.

Den Exposé des motifs an d'Annexé vun dësem Projet de loi beschreiwen an allen Einzelheeten den Objektiv vun dësem Gesetz, dee geneeë Bauprogramm, d'Architektur an d'Konstruktioun. Den techneschen a finanziellen Deel si genee beschriwwen, grad wéi den Aménagement vum direkten Ëmfeld, deen noutwendeg ass, fir datt de Schoulbetrieb sou agréabel wéi méiglech ka funktionnéieren.

De Schoulkomplex setzt sech aus dräi Deeler zesummen, déi matenee verbonne sinn, a wou d'Schoulsäll, d'spezial Klassenäil, d'Atelieren, d'Sportsinfrastrukturen an d'Verwaltung ënnerbruecht sinn. Den Haaptfligel huet fënnef Niveauen, déi zwee aner Deeler hu jeeweils ee Stack, respektiv zwee Stäck iwwert dem Buedem.

An dësem neie Schoulkomplex si virgesinn: 65 normalgrouss Schoulsäll, 12 méi kleng Klassenäil, 36 Säll fir Spezial-Unterricht, wéi zum Beispill Bio-Chimie-Physique, Electro, Geographie a Geschicht, Musikunterricht + Audiovisuel, Multimedia, Konschtunterricht, Informatik an Turnen. Ausserdeem ginn et 2 polyvalent Säll, 13 Atelieren an 1 Bureau-modèle.

Wat elo de Site ubelaangt, deem zréckbehale gouf, sou handelt et sech ëm e 4,1 ha groussen Terrain, 1,5 km vum Zentrum vu Péiteng an 1,2 km vum Zentrum vu Rodange ewech. Am Osten dervu läit d'Strooss fir op Rodange/Lamadelaine, nördlech läit d'Collectrice du Sud, westlech läit en Industrieterrain, a südlech dervu geet d'Eisebunn laanscht. D'Péitenger Gemeng huet virgeschloen, si géif en Terrain zur Verfügung stellen op der anerer Säit vun der Strooss, déi vu Lamadelaine/Rodange kënnt, fir do e Bus-Arrêt anzerichten.

D'Argumenter, déi fir dës Site schwätzen, an dovun konnte sech och déi dräi virgenannte parlamentaresch Kommissiounen op der Plaz iwwerzeegen, sinn, datt d'Schoul problemlos ze erreechen ass; engersäits mam Bus, wou eng Haltestell ganz no beim Site ageriicht gëtt, grad wéi och mam Zuch. D'Eisebunnsgesellschaft huet decidéiert, fir en Halt südwestlech vum Campus anzerichten, deem duerch en ënnerierdesche Foussgängerwee vun enger Breet vu sechs Meter mam neie Lycée soll verbonne ginn. Do dernieft gëtt et och genügend Parkméiglechkeete fir Persouneween. De Parking, dee westlech vun der Autosbréck läit, déi iwwert d'Eisebunn féiert, gëtt och mat engem sécheren ënnerierdesche Passage vun zéng Meter Breet mam Campus verbonnen.

De Site als solchen ass vu verschiddene Kreiser contestéiert ginn, an zwar mam Argument, datt en Terrain, deem esou no beim PED läit, sech net géif fir e Schoulbetrieb eegnen, engersäits weinst dem Kaméidi, deem op där Plaz ze erwaarde wär, an anerersäits weinst der Gefor, déi doduerch kéint bestoen, datt de Buedem vum Terrain verseucht wier.

D'Mme Educatiounsminister huet d'Kommissioun iwwert déi kontrovers Diskussiounen informéiert, déi iwwer siwe méiglech Sitë fir dësen neie Lycée gefouert goufen. En etlech Terraine waren am Gespréich, mä konnte weinst deene verschiddensten Ursaachen net zréckbehale ginn. Ee Site zu Péiteng, deem no laangem Hin an Hier als gutt ëmfonnt gi war, konnt um Enn dach net a Fro kommen, well ganz einfach den Terrain net disponibel war. Mä souguer och géint dës Site ware Pétitiounslëscht gemaach ginn! D'Mme Minister Brasseur huet an hire Konklusioun festgehalen, datt, wann deem zréckbehale Site vläicht net deem idealste wier, sou wier leider, no laangem Sichen, keng besser Plaz disponibel, an et wier héich Zäit, dass endlech en neit Gebai fir de Lycée technique Mathias Adam gebaut géif, deem den Ufuerderunge vun engem moderne Lycée géif entsprechen.

D'Mme Bauteminister huet d'Kommissioun doriwwer an d'Bild gesat, datt deene kriteschen Interventiounen vun de Géigner vum Site extra Rechnung gedroe ginn ass: Si huet eis gesot, datt eng Etude de faisabilité ugefrot gouf, déi positiv ausgefall ass, an datt all denkbare Moossname virgesi sinn, fir deene problematesche Punkten entgéintzewierken. D'Gebai géif esou gebaut an ausgeriicht, datt d'Geräisch vu baussen net géif

stéieren. D'Mme Hennicot huet drop higewisen, datt, obscho keng speziell Pollutioun vum Buedem festgestallt gouf, trotzdeem eng budgetär Ausgab vun ongeféier 3.720.000 Euro fir d'Preparatioun vum Terrain virgesinn ass.

Fir datt d'Geräischer, déi duerch d'Collectrice du Sud an duerch d'Eisebunn entstinn, sou weening wéi méiglech solle stéieren, gëtt d'Schoulgebai a längelzecher Form, an der Mëtt vum Terrain, parallel zu deenen zwou Stroossen opgeriicht, wou am mannste Kaméidi ze héieren ass. All Raimlechkeete gi mat Frësch-Loft-Ventilatioun équipéiert, sou datt et méiglech ass fir d'Coursen ze halen, ouni eng Fënster opzemaachen. D'Baumaterialien, déi benotzt ginn, garantéieren eng optimal akustesche Isolatioun.

Gréngfläche ginn um a ronderëm de Site ugeplanzt, ënner anerem e Park, deem zum Lycée gehéiert, sou wéi och dicht Plantatiounen, déi souwuel en opteschen, wéi och en akusteschen Zweck erfëlle sollen.

Et sief nach gesot, datt 1,5% vun der Gesamtausgab fir den artisteschen Dekor virgesinn ass.

Och den ekologesche Kritäre gëtt bei dësem Gebai Rechnung gedroen, dës net eleng, wat d'Baumaterial ubelaangt. Et gëtt eng Cogénératiounsinstallatioun, an den Equipement photovoltaïque an d'Sonnenzellpanneae maachen 1% vum globale Betrag vun den Ausgaben aus.

Am Projet de loi, deem aus véier Artikelen besteet, ass ënner anerem de Gesamtbetrag vun 106.594.215,65 Euro festgehalen, deem net dierf iwwerschritt ginn, mat der Reserve vu gesetzlechen Haussen, déi am Verlaf vun den Aarbechten antriede kënnen. D'Ausgabe selwer lafen iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires.

No dësen Explikatiounen wëll ech nach all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet de loi matgeschafft hunn, sou de Verantwortleche vum Bauteministère a vun der Verwaltung vun de Bâtiments publics, awer och der Kollegin an de Kollegen aus der Kommissioun, déi de schrëftleche Rapport mehrheetlech an ouni Géigestëmm ugehol hunn. Ech bieden dofir och d'Chamber, dës Gesetz ze stëmmen.

Sou wäit zum Rapport vun der Kommissioun.

Här President, mat Ärer Erlaabnes wëll ech dann nach kuerz e puer Wuert a mengem perséinleche Numm soen.

Wann een dervun ausgeet, datt d'Schoulgebai esou no wéi méiglech do gebaut solle ginn, wou d'Méizuel vun de Schüler wunnt, déi dës Schoule besiche mussen, sou ass mat Sécherheet d'Auswiel vun Terrainen net grouss. Et mussen also ëmmer erëm Kompromisser gemaach ginn, fir allen Interessen, sou och de Standortvirdeeler, gerecht ze ginn.

Wann een un de Lycée Aline Mayrisch an der Entrée vun der Stad Lëtzebuerg denkt, deen haut voll a ganz akzeptéiert ass, sou wëll ech un déi vill Kriticken erënneren, déi dee Projet bei der Planung an och nach während der Ausféierung begleet hunn.

Am Ëmfeld vun de Südgemenge lafen de Moment gezielt Fuerderungen, fir Lycéeën an esouguer eng Universitét op den Industriebrooche vu Belval an Terres Rouges opzerichten, ouni datt sech do scheinbar déi geringst Gedanke gemaach ginn iwwert d'Buedempollutioun, déi mat Sécherheet méi bedenklech ass wéi déi um Site, wou de Lycée technique Mathias Adam gebaut gëtt.

(Interruptions)

Mat Sécherheet ass op dese Siten de Geräischpegel, bedingt duerch Verkéier an d'Proximitéit vun der Stolindustrie an dem TGV, net méi kleng!

Un d'Adress vun all deenen, déi géint esou Schoulprojete wéi dee vum Lycée technique Mathias Adam beim PED, genee esou wéi deemnächst déi op den Industriebroochen op Belval an Terres Rouges, protestéieren, wëll ech ganz daitlech Komplimenter aussprechen! Si droen derzou bäi, datt d'Autoritéite gefuerdert sinn, fir maximal Virkéierungen ze treffen, datt enner kengen Ëmstänn dat antrieden dierf, wat d'Kriticker prophezeien! - Dofir sollen a musse mer diesen Dialog begreifen. Wann en och onbequem ass, sou ass e mat Sécherheet wäertvoll!

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. D'Wuert huet den Här Halsdorf.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dat ech fir d'alleréischte dem Rapporteur, dem Här Ady Jung, merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen e bei deemem Gesetzesprojet gemaach huet.

Erlaabt mer awer och, dass ech des Tribün benotzen, fir a menger Qualitét als Deputéierten an och Buergermeeschter vun der Gemeng Péiteng, Gemeng, wou de Lycée technique Mathias Adam doheem ass,...

(Interruption)

...an deem Dossier méi Transparenz ze schafen, am Besonneschen, wat d'Wiel vum Site ugeet.

D'Wiel vum Site, ech wëll dat vläicht nach eng Kéier hei rappeléieren, well et schéngt esou ze sinn, wéi wa verschidde Leit dat net richteg verstan hätten. Dat fonctionnéiert esou, dass e Schäfferot, a par extension dann och e Gemengerot, eng Proposition mécht un d'Regierung, dass d'Regierung dee Site erauswielt, an dass do dann déi zwee Ministere fiederféierend sinn, dat heescht an deem allgemenge Fall de Minister vun der Educatioun

an dann an deem aneren de Minister vun de Bauten. Dat ass de Package, deen d'Décisiounen hält, an haut geet et sécherlech drëm, eng prinzipiell Décisioun ze huelen, eben e Lycée ze bauen op eng al Industriebrach an d'Entrée vun enger Zone industrielle, engem PED.

Derbäi misst dat, wat mer haut hei hunn, net onbedéngt sinn, wann nämlech am Joer 1999 den deemolege sozialistesche Bauteminister an den deemolege sozialistesche Buergermeeschter, respektiv de Schäfferot, hir Hausaufgab gemaach hätten an e Projet de loi, dee fix a fäerdeg war, déposiert hätten.

Dës war nämlech materiell an inhaltlech méiglech. Ech erënnere mech nämlech, dass héich Regierungsbeamte mir dat confirméiert hunn. Dat ass awer du leider net geschitt.

Well wier dat geschitt, dann hätten och déi sozialistesche Politiker, déi de leschte Samsdeg sech um Péitenger Fussballterrain versammelt hunn, fir ze protestéieren, vläicht schonns den éischte Baustee vun engem neie Lycée technique Mathias Adam an der Gemeng Péiteng kënne leeën. Da wär eis vläicht Verschiddenes erspuert bliwwen.

(M. Willy Bourg prend la Présidence)

Iwwerrascht huet mech awer, a vill Leit wahrscheinlech, dass grad an der éischter Rei Politiker opgetruede sinn, déi zum Beispill fir ee Frankelach plädéiert hunn, déi wollten e Rehazenter an e Frankelach setzen, déi dat wierklech wollten, déi op där anerer Säit awer hei kee Lycée wëllen an eng Zone setzen, wou mol ni eng industriell Aktivitéit war. Dat ass sécherlech net ganz glaubwürdeg an, well dat nun esou ass wéi et ass, si mer haut ...

(Interruptions)

... mat deser Problematik befaasst.

Mir hunn alleguerde festgestallt, dass verschidde Leit, an et waren ëmmer déiselwecht Leit, déi vill geschriwwen hunn, déi vill dergéint geschriwwen hunn, an déi vill desinforméiert hunn. De Stil vun dese Leit war méi wéi eng Kéier ënnert aller Klarinette, mä jiddferengem säi Stil. Eis Matbierger wäerte sech hei hir Meenung bilden.

(Interruption)

Erlaabt mer och besonnesch op zwee Trakten hinzeweisen, déi ausgedeele gi sinn. Trakten, wou perséinlech Attacken drop sinn, an esou eng Aart a Weis fir virzegoe vu Proffen, dat ass sécherlech nees eng Kéier net dee beschte Stil, an ech kéint mer virstellen, wann et e Fussballmatch wär, da géif et fir esou ee Behuelen eng rout Kaart ginn. Well et ass gewosst, wann een de Mann hält an net de Ball, da kritt een eng rout Kaart.

Mir hunn hei an der Chamber an de leschte Jore méi wéi eng Kéier d'gréng Luucht gi fir de Bau vun neie Lycéeën. Ech erënnere mech och hei besonnesch un de Vote vum heitege Lycée Aline Mayrisch, wou och polemiséiert gouf.

Den deemolege sozialistesche Minister wor vum Geesseknäppchen als Site iwwerzeegt, an haut gesi mir och, dass dëst Gebai anstänneg fonctionnéiert an dass d'Konzentratioun vu verschiddene Lycéeën mat ville Schüler op enger Plaz, wat jo en negatiivt Argument déi Zäit war, an och déi Befierchtunge vun enger vill befuerener Nationalstrooss, d'Escher Autobunn, dass déi keng Problemer maachen. Dëse Lycée fonctionnéiert ganz gutt, an ech wëll pour information soen, dass dee méi no bei där Strooss läit wéi deen zukünftege Lycée technique Mathias Adam.

Mam Site vum neien LTMA hunn aus deselwechte Befierchtungen awer wéi gesot de Proffecomité, de Schüler-comité, a besonnesch LSAP-Südpolitiker Problemer.

Ech muss och feststellen, an dat ass och bedauerlech, dass sech leider dësen Dossier an de leschte Woche politiséiert huet. Dat hätt net misse sinn, mä ëmmer nees hu jonk Sozialisten, lokal Politiker, vu Péiteng oder vun Déifferdeng, Deputéierten, an haut souguer nach een EU-Deputéierten hire Kommentar gemaach, a beim Leschteren - beim Här Goebels - sinn ech wierklech iwwerrascht. Ech froe mech, ob hien net tatsächlech Gedächtnislücken huet, esou wéi en se schonn am Fall Kralowetz huet. Hie schreift jo net kee Lycée an eng Friche, hie schwätzt vu Verseuchung, an et ass kloer bewisen - an den Néckel Strotz huet dat haut och nach gesot -, mat deenen Dokumenter, déi uleien, dass déi Verseuchung relativ ass an dass dëse Site eng Zone de réserve war, wou ni industriell Aktivitéit war.

(Interruptions)

Mir ass iwwerhaupt opgefall, dass an dësem Dossier, wann een e global kuckt mat allen Aspekter, d'Sozialisten ëmmer d'Fangeren am Spill haten.

An de 70er Jore bis d'90er Joren ass jo vill diskutéiert ginn. Do ware sozialistesche Décideuren do, a besonnesch och op Gemengenniveau, déi hätte kënnen - wéi ech sou gär soen - Neel mat Käpp maachen.

An den 80er an an den 90er Joren, besonnesch Enn 80er, Ufank 90er Joren sinn Installatiounen an de PED gesat ginn, e Fussballterrain a Weieren. Do ass da gefördert ginn, an haut gëtt blockéiert. Nun, dat ass emol sou an der Politik, an doru muss ee sech gewinnen!

De Lycée technique Mathias Adam ass jo an de 70er Jore gebaut ginn an huet deemools och scho ganz vill Gedäisch gemaach.

Et wor gewosst iwwer Joren, datt bei dësem Gebai, wat de Bau oder d'Aart a Weis ugeet, Problemer wieren, dass also déi Problematik ëmmer géif méi schlëmm ginn.

Hei war also ganz kloer gewosst - iwwer Jorzéngte kann ech bal soen -, dass en Handlungsbedarf war an dass deen ëmmer méi imminent géif ginn.

Et wor och gewosst, dass dës Schoul, nodeems aus der Mëttschoul ee Lycée technique gouf, keng anstänneg

Äntwert hat op d'Problematik vun techneschen Ate-lieren, also war och do en Handlungsbedarf.

Déi Concernéiert waren allegueren am Bild vun der Situatioun. Et ass awer eréischt bis an d'90er Joren, wou et gedauert huet, fir dass fir d'éischt no bausse konnt wierklech sichtbar ginn, dass versicht ginn ass, eng Äntwert ze fannen op Problemer vum LTMA.

Dorophon ass jo dann och dat Dokument, wat vill am Mëttelpunkt vun den Diskussiounen stong, dat vum Ministère des Travaux publics vun der Administration des Bâtiments publics - Division des Travaux neufs - ausgeschafft ginn ass, créiert ginn. Dat war am Joer 1997. Dëst Dokument gëtt ganz oft falsch zitéiert, ech géif souguer bal soe bewosst falsch interpretéiert.

Hei ginn oft Sitë matenee verglach, wou d'Auteurs vun den Artikelen alles duerchernee geheien, dofir awer trotzdeem vehement géint alles argumentéieren. Do kann ech lech och e gutt Beispill ginn, dat kierzlech an der Press nozeliere war vum President vun de Jongsozialisten hei vu Lëtzebuerg. Dëse Jongsozialist huet gemengt, vum Site: "un autre site possible, prévu par l'ancienne majorité" - dat war d'Majorité socialiste - "au conseil, et qui envisageait l'implantation du lycée au lieu-dit an de Jencken", an do huet e gemengt: "ce site..., situé entre Niederkorn et Pétange (près des ateliers CFL de Pétange, sur le territoire de Bascharage".

Also do muss ech wierklech soen, dee war wierklech am Bësch, an ech si frou, dass d'sozialistesche Frënn awer bis e Samschde wossten, dass dat net dee Site wär, well se hu sech jo awer op där richteger Plaz versammelt, wat eis allegueren vill Freed mécht.

(Hilarité et interruptions)

Dëse Jongpolitiker awer louch dernieft, grad esou wéi haut de Jeannot Krecké, deen och haut wollt den Ordre du jour änneren, well anscheinend keng Dokumenter do wäer vun den Etüden iwwert d'Buedembelaaschtung, an do huet den Här Strotz si och enges Bessere beléiert.

(Interruptions)

Ech stelle kloer fest, dass d'Gemeng Péiteng, spréich de Gemengerot oder de Schäfferot, jo hätte kënnen op esou Artikelen an esou polemisch Publikatiounen äntwerten. Mir woren awer der Meenung, dass dësen Dossier soll sachlech a korrekt diskutéiert ginn, dofir hu mir och déi Kéier alt nees net reagiert.

Ech wollt awer op dat Dokument aus dem Joer 1997 mat deene siwe Siten agoen, fir emol ze beweisen, wéi falsch do argumentéiert ginn ass dobaussen.

Zur Erënnerung nach eng Kéier, wou déi Sitë leien.

- De Site 1, deen an deem Dokument war, läit an de Gemengen Déifferdeng a Käerjeng, vis-à-vis vum Altersheim vun Nidderkuer.

- De Site 2, deen net zrëckbehale gouf, läit bei den CFL-Atelieren zu Péiteng.
- De Site 3, dee war am PED zu Rodange op der Gare. Also net dee Site, wou mer lo dovou schwätzen, mä zu Rodange op der Gare am PED.
- De Site 4, dee louch am Duerfkär vun der Uertschaft Lamadelaine oder Rolleng.
- De Site 5, dat ass deen aktuelle Site, wou de Lycée de Moment drop ass.
- De Site 6 dee studéiert ginn ass, dat ass dee berühmte Site an der Jencken nieft der Athusser Strooss zu Péiteng, dee jo déi sozialistesche Majoritéit zrëckbehalen hat.
- De Site 7, dee louch, oder läit nach haut, an deen do studéiert ginn ass, zu Péiteng beim Kierfent nieft der Firma Eucosider.

Ze preziséiere bleift an dësem Kontext:

- datt also net, wéi oft fälschlech a ganz oft fälschlech behaupt gëtt, nëmme Siten an der Gemeng Péiteng studéiert gi wäeren, mä et sinn och zwee Siten, déi iwwert d'Gemeng Péiteng eraus leien, studéiert ginn, an zwar de Site beim Altersheim zu Nidderkuer an der Site vun den CFL-Atelieren, wou een negativen Avis vum deemolege Bauteminister do war;
- dass de Lieblingssite vu Verschiddenen haut bei der Péitenger Atelier also '97 a Betruecht gezu gouf, ech wëll dat nach eng Kéier tel quel soen; an
- dass de Site am PED bei der Rodanger Gare net identesch ass mam Site vun deem mer haut schwätzen, well dee läit am PED an deen hei läit an der Entrée vum PED, deen ee läit 500 Meter no Westen, also a Richtung Frankräich, deen heitegen an der Entrée vum PED.

Datt also op Basis vun dësem Dossier vun 1997 den deemolege sozialistesche Buergermeeschter dem Gemengerot de Site vun der Athusser Strooss zu Péiteng virgeschloen huet, dat sinn Tatsaachen, an d'Proposition vun der CSV, déi déi Zäit an der Opposition war, déi gemengt huet, den Idealsite, dat war deen am Duerfkär vu Péiteng, an haut si mer nach dovun iwwerzeegt, dass dat dee beschte Site wär, mä et gëtt eng ideal Politik an et gëtt eng real Politik, a realpolitesch ass dee Site nun emol, dee mer proposéiert hunn, well deen aneren anscheinend ganz schwéier ze realiséiere wär. Duerfir hu mir eis déi Zäit ...

Une voix.- Et gëtt genee deeswechte Projet bei eis op dem fréiere Site vum Lycée realiséiert, an ech sinn och der Meinung, dass dat dee beschte gewiescht wär.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Gutt, mä duerfir hu mir awer dann dee Moment och kloer eis de sozialistesche Frënn alliiert an der Site op der Athusser Strooss

unerkannt eben, well dat nun emol sou war. Mir wollten eng unanime Linn. Wéi mer duerno nees frësch à charge gaange sinn, war et nun nach ëmmer onméiglech, dee Site ze realiséieren, sou dass mer op deen heite Site kommen. Dee Site do ass jo och - dat war jo de Site Nummer 5 - an där Etüd als e Site dohinnergestallt ginn, wou et net méiglech war, en neie Lycée hinzebauen.

Also kloer: De Site Péitenger Ateliere koom also deemools iwwerhaupt net a Fro, an haut ass dës Site eng Idealvirstellung. Do kann een nëmme soen: Wat d'Zäite sech änneren!

Dass d'Zäite sech änneren, konnte mer och am Péitenger Gemengerot mierken. De Gemengerot vu Péiteng huet den 3. Abrëll 2000 unanime, dat heescht mat der Stëmme vun de sechs sozialistesche Gemengerotsmëmbere, ee Kredit vun enger halwer Millioun Lëtzebuerger Frang gestëmmt, fir Etüden op dem Site Porte Lamadelaine ze maachen, mat der Iddi, dës Site der Regierung als méigleche Site fir den neie Lycée ze proposéieren.

All Membere vum Gemengerot, och déi sozialistesche Fraktioun, waren der Meinung, dass dës Site fir den neie Lycée a Fro kënnt. Dës Unanimitéit huet eis och bestärkt deemools, grad esou wéi d'Resultater, déi mer vun der Etude de faisabilité kritt hunn, an déi mer am Juni 2000 duerch de Büro Zeyen a Baumann maache gelooss a presentéiert hunn.

Ech erënneren hei nach eng Kéier drun - an d'Mme Basseur huet dat scho méi wéi eng Kéier gesot -, datt ee schnelle Choix deemools als immens néideg ëmfonnt ginn ass, well eben Ufank 2000 den Direkter, Proffen, d'Elterevereinigung, déi et déi Zäit nach ginn ass, am Besonneschen, déi hunn alleguerten Alarm geschloen a si hunn drop gewisen, mat Fotoen op der Televisioun, an der Press, dass d'Mësstänn grave wäeren am LTMA. Ech kéint mer et net virstellen, dass déi an deene leschte Méint besser gi sinn, sou dass wierklech eng Urgence besteet, an déi huet eis och deemools an eisen Iwwerleeunge geféiert.

De sozialistesche Deputéierte Marc Zanussi hat jo deemools och scho kräifeg Gas ginn an dësem Dossier och - wéi géif ech soen - no vir geprescht.

Une voix.- All Respekt!

(Interruptions et hilarité)

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Dofir ware mir als responsabel Politiker an der Gemeng Péiteng gefuerdert, eben eng schnell Léisung ze fannen, an eben dës Site an der Entrée vum PED huet dës schnellst Ëmsetze méiglech gemaach, well den Terrain an der Hand vum Stat war an also keng Iwwerraschung beim Uschafe konnten oprieden.

Well grad dee vum sozialistesche Buergermeeschter proposéierte Site hat net nëmme eng Biergerinitiativ

ervirgeruff, mä et gouf och Bedenken ekologescher Natur, a schliesslech huet de Propriétaire vun de meeschten Terrainen eis iwwer Affekot soe gelooss, datt hien Oppositioun géif maache bis an déi lescht Instanz bei der Acquisitioun vun den Terrainen.

"Un homme averti en vaut deux". Mir wossten also, nieft alle Bedenken, déi et nach gouf - iwwert d'Nothaltegkeet vum Site, iwwert d'Mobilitéit, iwwert den Trafic, an esou weider -, datt hei keng schnell Léisung konnt fonnt ginn, an dofir ass dës Propositioun an der Entrée vum PED entstanden.

Eis Iwwerleeunge ware folgend, an ech wollt der honorabler Chamber déi mol nach eng Kéier ervirbréngen:

1. De Site ass direkt aménageabel.
2. De Site ass grouss genuch. 4,1 Hektar sinn aménageabel, dee ganze Site huet iwwer 6 Hektar, an et wär och méiglech gewiescht - wat ech och kloer hei soen - op dee Site eng Schwemm dropzebauen. D'Regierung huet eis elo proposéiert, dat net ze maachen. D'Gemengeresponsable vu Péiteng hu kee Problem domat, si wäerten déi Responsabel vum Lycée esou ënnerstëtzen, dass si wierklech zefridde ginn. Wéi gesot, de Site ass grouss genuch. Falls do sollten iwwer Joren aner Kenntnissier kommen, kënn een ëmmer nach do déi néideg Décisiounen treffen.
3. D'Stroossennetz, dat ass och schonns do, also kréie mer mat dësem Site keng nei Versigelung.
4. D'Schinnennetz ass direkt dernieft, also ass dat heiten eng Favoriséierung vum öffentlechen Transport.
5. Mir waren eis bewusst, dass eng Nationalstrooss derneift Kaméidi géif maachen, hunn awer gemengt, datt de Bau a Fonctionnement vum heitege Lycée Aline Mayrisch - dee läit jo nieft der Escher Strooss - de Beweis wäeren, datt esou Problemer ze léise wäeren.
6. Och den Neibau vum Escher Lycée technique, nieft der Collectrice vu Bieles, wou sécherlech nach méi Verkéier ass a wou et keng Bedenke gouf, huet eis an eisen Iwwerleeunge bestärkt, fir dës Décisioun ze treffen.

Ech géif mengen, dës Verkéiersproblematik misst jo awer comparabel sinn.

Wat eng eventuell Contaminatioun vum Site ugeet, wosste mir, datt op dëser Plaz ni eng industriell Aktivitéit stattfonnt huet, datt also eng eventuell Contaminatioun nëmme limitéiert konnt fonnt ginn. Dës Terrainen - mir hu Fotoen dovun - wore Reserveterraine vun der MMR a goufe laang Joren exklusiv vu Bauerebetriber exploitéiert.

Des Weideren hu mer gemengt, datt eng Valoriséierung vun den Industriebraachen een nohaltegt politescht Zil wär, well jo gewosst war, datt och op Esch-Belval ähnlech schoulesch Strukturen entstoe sollten.

Gewosst war och, dass de Lycée Hubert Clement op d'Lentilles Terres Rouges wëllt plënnere, wou och gewosst ass, dass dës Terrainen nach doudséch vill méi schlëmm contaminéiert si wéi déi Terrainen an der Entrée vum PED.

Mir hu gemengt, eng Contaminatiounsproblematik misst jo och comparabel sinn.

Mir wossten, dass mat der Metlux an der ALZ zwou Firmaen nieft dem Site géife leien, déi eng industriell Aktivitéit hätten, industriell Aktivitéiten, déi awer net geféierlech wäeren, well déi eng Aluminium, en Endprodukt, verschaffen, an déi aner Aluminiumbeschichtung vu fäerdege Polyethylenfilmer maachen. Dat si keng geféierlech exothermesch Reaktiounen.

Mir wossten, datt den héije brongen Tuerm mat Bull uewen drop, deen een esou vill an der Press an op Fotoe gesäit, de Symbol vum PED, oft a gare vu Géigner vum Site ëmmer nees presentéiert gëtt, datt dëst Monument awer no bei engem Kilometer vum Site ewechläit. Ech mengen, dës Tatsaach konnt ee grad de leschte Samschdeg realiséieren, wou déi sozialistesche Südpolitiker hiren Treffpunkt net bei dësem Tuerm, mä villméi um Péitenger Fussballterrain gemaach hunn. Ech huelen och un, et wor, well dës méi no beim Site läit, oder wor et och vläicht, dass verschidden - géif ech soen - monumentalistesche Gefiller do waren, well jo de Péitenger Fussballterrain bekanntlech eng Kreatioun vun engem sozialistesche Minister ass.

Ufank 2000, wéi mir dës Site proposéiert hunn, wosste mir och, datt de Lycée Aline Mayrisch net wäit vun de risegen Tanke vun de Gaswierker vun der Stad Lëtzebuerg läit an trotzdem gebaut gouf. Et ass ni drop higewise ginn, dass do och e Geforemoment ass, dee wuel esou grouss ass wéi deen am PED zu Péiteng.

Mir wossten des Weideren, dass de Lycée technique vun Esch nieft där vill ze grousser Cogénératioun an net wäit vum Escher Elektrohéichuewe géif leien, an dass hei och ni Problemer gesi goufen.

Mir wossten och, datt den zukünftege schouleschen Aménagement vum Belvaler Site no beim Escher Elektrohéichuewe géif leien, dass also hei och nees eng Kéier eng Kohabitatioun vun Industrie a kulturellen a schouleschen Aktivitéite wär.

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Mir mengen, och dës Risikoproblematik misst jo comparabel sinn.

Eng "net Industrie", eng Schoul an d'Entrée vun engem PED, dat misst jo da méiglech sinn. Och hei hu mer Vergläicher gezunn, d'Situatioun evaluéiert.

Eis franséisch Noperen haten de Collège Monet an deeselwechte gesat. Mir wossten, datt den Auchan, eng grouss Surface commerciale, wou vill Leit hikommen,

och an de PED verpflanzt sollt ginn, wat jo lo eng Tatsaach ass.

Vun engem sozialistesche Minister mat sozialistescher Matverantwortung um Péitenger Gemeengeplang goufe jo och Enn 80er, Ufank 90er Joren net nëmmen zwee Fussballterrainen an de PED geplangt, mä och nach een Erhuelungsgebit mat Fëscherweieren, direkt dernieft an de PED. Dat ass dee selwechte Politiker, deen haut an d'Zeitung schreift, am Tageblatt, hie kéint sech net virstellen, dass een eng Schoul kéint an e PED setzen.

Och all dës Aspekter hunn eis bestärkt, fir ze mengen, datt eng schoulesch Aktivitéit an eng Émplangung an esou engem Territoire kee Problem kéinte sinn, ëmsou méi wann een um Site steet an een no Norden, Süden oder Oste kuckt, ee keng industriell Aktivitéite ka mierken, well eben dëse Site an der Entrée läit an nëmmen no Weste mat industriellen Aktivitéiten a Verbindung kënn.

En plus ass dëse Site ...

Wat gelift?

(Interruption)

D'accord, awer de Wand ... westnördlech läit en. Dat heescht, de Wand geet schif driwwer, net ganz.

Dëse Site läit nëmme 500 Meter vum ale Site ewech, dat wëll ech och ganz kloer soen, an ech mengen, Här Huss, 500 Meter, dat ass och keng Éiwegkeet, wa Schadstoffen an der Loft wäeren, mä dorop komme mer och nach ze schwätzen.

(Interruption)

Dat hänkt vum Schaastesch of, wéi héich deen ass. Dann ass et besser heiandsdo méi no wéi méi wäit.

Well eng industriell Aktivitéit vläicht vill méi als komplementar, als Usporn ze gesi wär, zum Beispill kéinten d'Schoule Stagë maachen an dësen Industrien, hu mer gemengt, grad am Kader vun engem Lycée technique wär dës Kohabitatioun eng Iwwerzeegung fir e weidert gutt Argument fir dëse Site.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass nun esou, dass et ebe Reaktiounen gouf, an dass mir dat Gefill hunn, dass oft Frustratiounsgefiller hei am Vierdergrond stungen, dass net korrekt, net sachlech a guer net konstruktiv argumentéiert ginn ass. Et sinn ëmmer déiselwecht Proffen an déiselwecht Schüler, déi reklaméiert hunn. D'Elterevereinigung huet sech souguer Ufank 2000 distanzéiert an opgeléist. Et sinn och ëmmer déiselwecht sozialistesche Politiker, déi eppes opgefouert hunn, ouni a mengen an a villen hiren An, anstänneg a konstruktiv ze argumentéieren.

Dëst sinn Tatsaachen! Destruktiv Aktiounen sollen hei alles zerstéieren, léiwer iwwerhaapt näischt wéi eng Schoul dohinner. Ech hunn e bëssen d'Gefill nom Motto "Wann et net vun eis kënn, dann ass et näischt".

M. Robert Mehlen (ADR).- Dat do sinn haart Wierder.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech si frou, Här Mehlen, dass Dir mir nolauschtert!

Wann ee wierklech objektiv Vergläicher zitt, dann ass dëse Site am Verglach zu anere politeschen Décisiounen, déi geholl goufen an nach musse geholl ginn, vertriebar. Dëse Site ass kee Ghetto, wéi ëmmer gesot gëtt. D'Loft an de Geforepotential sinn net méi schlecht, wéi an aneren Uertschaften am Süden. Wat d'Loftbelaaschtung ugeet, hu mir kloer festgestallt, wéi d'Situatioun ass, an och wat statistesch d'Krankheitsfäll ugeet, ass d'Gemeng Péiteng net méi belaascht wéi aner Südgemengen. Mir hunn do Etüde gemaach a mir hunn Données à l'appui.

Une voix.- Da weist eis se eemol!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech géif lech déi gäre weisen. Doduerch, dass dësen LTMA realiséiert gëtt, gëtt den Areal vum PED an eisen An e puer honnert Meter no Weste verréckelt, e gëtt méi kleng. Zitt een nämlech an de Plan d'aménagement eng perpendiculaire Nord-Süd-Linn, da gesäit een, dass lénks dovun industriell Aktivitéite sinn a riets dovu keng industriell Aktivitéiten. A sollt dësen Deel eemol ëmklasséiert ginn, da gëtt et onméiglech op Basis vu Fakten, spréich Implantatiounen, nozevollzéien, datt hei eemol e PED war.

An dësem Areal gouf et ee PED nëmme laut Numm, industriell Aktivitéite gouf et op all dësen Terrainen, ech betounen dat nach eng Kéier, Lycée technique Mathias Adam, Fussballterrainen a Weiere keng. Dës Terraine ware sou genannten "Zones de réserve". Dëse Site ass an eisen An en anstännege Site. En ass och, laut nohaltege Kriterien, éischtklasseg. Mat der Wiel vun dësem Site gëtt net nëmmen nohaltege Politik versprach, hei gëtt se och gemaach. De Virwurf "Dëse Site géif net zentral an der Uertschaft leien, mä aus der Uertschaft eraus", dorop muss ech lech och kuerz äntweren.

Dëse Site läit am Häerz vun der Gemeng Péiteng 500 m westlech vum heitege Site. Wann ee kuckt, wéi vill Schüler de Moment aus der Gemeng Péiteng an dës Schoul kommen, wann ee weess, dass bis 2004 635 Unités d'habitation am Bau sinn oder an de Bau kommen an eiser Gemeng, dann ass genuch lokaalt Potential do, fir Schüler an dës Lycée ze bréngen. Direkt dernieft ass ee Wunngebit an eng Zone artisanale et commerciale mat Caféen, mat Tennishalen a sou weider. Och d'Weiere mat Bistro an d'Fussballterrainen leien direkt dernieft. Och hei gëtt et een Accès ënnert der Strooss, uewen, wann ee vun de Spadséierweeër respektiv vun de Weieren op de Fussballterrain eriwwegeet, an et ass net esou, wéi ee vläicht kéint schléissen, wann ee gëschter Owend den "Nol op de Kapp" gekuckt huet, wou ee gemengt huet, dass vläicht deen Iwwergang, deen do valoriséiert gouf, dass dat e wichtegen Iwwergang wär.

Dësen ass éischter en zweetklasseg, well en net vill benotzt gëtt vun de Leit. Ech hunn a mengem Liewen, a

vill Leit wahrscheinlech, nach ni esou vill Kanner op där Plaz do gesinn, an et gëtt aner Weeër, uewen an och hannen op der Bréck bei der Péitenger Sportshal, déi benotzt ginn, fir op déi aner Säit vun der Collectrice ze kommen. Et gëtt Velosweeër, all dës Infrastrukturen existéieren, an ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'Gemeng Péiteng beim Stat intervenéiert, fir dass, wann de Lycée elo gebaut gëtt, dass dann do spéitstens déi néideg Mesurë geholl ginn. Ech wëll och drop hiweisen, datt mir an eise Propositione Méiglechkeete vu Spadséierweeër a Velosweeër weisen, déi an d'Uertschaft Péiteng erawiesen.

Komescherweis - an dat wëll ech hei och ervirsträchen - gëtt beim Site "Porte Lamadelaine", déi sou genannten zentral Lag, vun där ech elo geschwat hunn, als negatiivt Argument vum Proffecomité verwend. Beim Site "Péitenger Ateliers", dee jo de Proffecomité virschléit, spillt dës Argumentatioun net, obschonn dës Site och kloer an der Sortie vu Péiteng bei den Eisebunnsateliere läit, also total aus der Agglomératioun eraus.

D'Gefor fir en Accident, déi och heiansdo ervirbruecht gëtt, an do gëtt och desinforméiert. Do war en Accident am PED, dat war och kee Feier, dat war en Distilléierapparat, wou ee Ventil ewechgefuer ass an déi Plaz ass ee Kilometer ewech vun deem Lycée. Et war also kee Brand. E Brand war awer zum Beispill an den 90er Joren an de Péitenger Ateliers, a wann een dee Site préconiséiert, muss ee wëssen, dass och bei Ateliers e Geforemoment ass, dass also do och d'Gefor ass grad esou wéi bei op deem Site hei an der Entrée vum PED. Hei gëtt also ganz kloer an der Argumentatioun nom Prinzip gefuer "deux poids et deux mesures".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gutt Kompromisser si ganz oft och gutt politesch Décisiounen. Den LTMA an der Entrée vum PED ass e Kompromëss tëschent der Vergaangenheet an dem Fortschrëtt. Et ass gewosst, dass de roude Buedem oft a Sonndesriede gelueft gëtt an oft als idyllesch an als Identitéit duergestallt gëtt. Déi Riedner sinn houfreg op eis Vergaangenheet, an dës roude Buedem bréngt awer sécherlech och Niewewierkunge mat sech, wou et drëm geet, wann een an Zukunft plangt, dës mat responsiblem Virgoen ëmzesetzen. Deess soll ee sech bewosst sinn, well et gëtt keng Zukunft ouni Niewewierkungen. Et muss een d'Vergaangenheet analyséieren a kennen, fir dat, wat haut ass, och ze verstoën an d'Zukunft richtig virzebereeden.

D'Regierung, mengen ech, ass hei grad mam gudden Beispill virgaangen, wéi se d'Revalorisatioun vun den Industriebräachen ugaangen ass. 600 ha op Esch-Belval, wou eng Cité des sciences mat enger Universitéit, mat engem Lycée a sou weider entstoe soll, Privatiniciativen, wou grouss Banke wéi DEXIA investéieren, d'Fräizeet, wou d'Firma UTOPLIS e Kino soll fir Jugendlecher bauen. Wann een zu dës Revaloriséierungen "jo" seet an an där Logik iwwerleet, da kann een net zum Péitenger Projet

"neen" soen, well een Neen zu dësem Projet ass ganz kloer och en Neen zur Revaloriséierung vun Industriebräachen, och beim Site Esch-Belval läit d'Elektrostolwierk ganz no dobäi, an do wësse mir och, dass och do, Här Huss, Dioxinen erauskommen, wou zum Beispill zu Péiteng, dat kann ech lech kloer schwaarz op wäiss weisen, dass keng Dioxine bis elo fonnt gi sinn am Beräich vum PED, well wann dat de Fall wär, da sinn ech iwwerzeegt, da wär also ganz kloer domat Politik gemaach ginn.

Et ass also kloer, dass d'Vergaangenheet sech net spuerlos an der Zukunft erëmfënnt, géif ech soen. Et ass e bësse wéi bei engem gudden Medikament: Déi beschte Medizin huet och hir Niewewierkungen, a wann d'Heelungspotential vill méi grouss ass wéi d'Niewewierkungen, da bleift dës Produkt interessant. Et heescht eben, dës Niewewierkungen ze eliminéieren respektiv ze kontrolléieren. Ech sinn der Meinung, a vill Leit sinn der Meinung, datt de Péitenger LTMA e gudden Kompromëss ass tëschent der Vergaangenheet a moderner Zukunftspolitik. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn eemol fir d'éischt iwwerrascht iwwert déi zwou Interventiounen, déi mir aganks hei héieren hunn, wann ech dem Ady Jung virdrun nogelauschtert hunn, deen engersäits als Rapporteur an dono a sengem perséinlechen Numm geschwat huet, an e schreckleche Widdersproch a sengen Aussoe fonnt hunn. Hien huet aganks kritiséiert, dass iwwert de Projet an iwwert de Site vum LTMA vill geschwat ginn ass, an dass dat dem Site méi geschued hätt, wéi et em genotzt hätt, an zwee Sätz drop seet den Ady Jung dann awer, dass deen Dialog an d'Kritik an d'Ausenanersetzung eng Noutwendegkeet a gutt sinn. Et muss ee sech, Här Jung, ee fir alle Mol entscheiden, ob ee fir den Dialog ass an ob een den Dialog gutt fënnt ...

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Dat stëmmt Här Zanussi!

M. Marc Zanussi (LSAP).- ... an ob een och bereet ass, sech am Dialog mat Meinungen ausernee ze setzen, déi nun eemol net engem seng eege sinn, an domat hutt Dir offensichtlech Schwieeregkeeten.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Dir hutt der nach méi wéi ech! Ech hu keng!

(Interruption)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Dann zur Interventioun vum Här Halsdorf, do denken ech, datt et sécherlech vill ze soe gëtt, an ech wäert a menger Interventioun och op dat eent oder dat anert zrëckkommen. Et ass och e bësselchen einfach, fir hei de Site vum PED mam Frankelach ze vergläichen, a wann den Här Halsdorf

vir drun do geschwat huet, dass vläicht op där enger oder anerer Plaz Polemik bedriwwen ginn ass, da muss ech awer feststellen, dass dat heiten nach eppes dobäigeluegt ass. D'Frankelach ass net ze vergläiche mam PED. Do gëtt et an der onmëttelbarer Géigend keng aner ...

(Interruption et hilarité)

Här President, huet den Här Wolter d'Wuert och? Et war nach ëmmer u mir.

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur. - A wéi war et dann elo just virun enger halwer Minutt mam Dialog a mat der Diskussioun an der Ausernanersetzung?

M. Marc Zanussi (LSAP). - Wann ee gären d'Wuert hätt, da freet een et!

Ech bleiwen hei nach bei den Ausféierunge vum Här Halsdorf. Wéi gesot, ech si mat esou Ausféierungen net d'accord, a wann hien hei vill zitëiert huet, da wäert ech vill zitëieren. Hien huet déi eng Saachen zitëiert, ech zitëieren déi aner Saachen, an et ass och bedauerlech, wann an enger Diskussioun wéi där heiter vum Här Halsdorf gesot gëtt: "Leider gëtt déi Diskussioun do politiséiert". Jo, wat maache mir dann? Et gëtt e Site, et gëtt eng Diskussioun iwwer Projete gefouert, et gëtt kritiséiert, mä et dierf awer net politiséiert ginn. Et bien, wat maache mir dann? Da kommt mir demissionéieren allegueren a mir iwwerloossen de Beamten d'Gestioun vun deenen dote Saachen, wann an engem politeschen Dossier net méi dierf politiséiert ginn oder wann dat vun där enger oder anerer Säit net gewënscht ass, da mengen ech, da si mir wäit an dësem Parlament hei komm.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, mengen ech dierf een och net vergläichen, wann an der Géigend vun enger Industriezon, engersäits Fëschweiere sinn, wou een eemol heiansdo gemütlech eng Stonn fësche geet oder e Fussballterrain ass, wou een heiansdo eemol déi eng oder aner Stonn Fussball spille geet, an et vergläicht een et mat der Implantatioun vun engem Lycée, wou honnerten an honnerte Kanner dagdeeglech, Stonnen a Stonne verbréngen mussen. Dat sinn Argumenter, déi ee menger Aschätzung no net gëlle loosse kann, mä ech kommen a menger Interventioun nach op dat eent oder anert zréck.

Mir stellen also hei fest, dass déi Bildungsoffensiv, déi vun der Regierung a vun der Demokratescher Partei, am Wahlkampf annonciéiert ginn ass, keng ass. Mir stelle fest, dass no bal dräi Joer Amtszäit endlech ee vun deenen éischten eegestännege Projete vun dëser Majoritéit hei an der Chamber deponéiert gëtt, an et handelt sech bei dësem Projet ëm de Bau vum Lycée technique Mathias Adam vu Péiteng, ee Projet, bei deem mir als Sozialiste soen, dass bal alles falsch gemaach ginn ass, wat nëmme falsch ze maache war. Mir sinn als Sozialisten der Meenung, dass dëse Projet aus enger ganzer Rei vu Grënn weder esou nach op déi dote

Plaz hi passt. An ech wäert a mengen Ausféierungen op déi eenzel Argumenter agoen.

De PED ass eng Industriezon, an eiser Meenung no gehéiert an eng Industriezon, wou schonn Entreprises installéiert sinn, keng Schoul hin. Eng Industriezon ass duerfir geduecht, fir Industrien dran ze setzen, an an Äntwerten op Questions parlementaires, déi mir vum Minister Boden kritt hunn, kommen ech och dorop nach zréck. An déi Argumenter, déi géint d'Implantatioun vun deem Lycée an d'Industriezon schwätzen, kann een nach eng Kéier résuméiert virdroen, an et kann ee se och net als Polemik an als onsachkënneg Argumenter ofstempelen. Déi Etüd, déi gemaach ginn ass vum Büro MPU am Juni 2000, ass hei e puer Mol zitëiert ginn, an ech wëll dann eben och deen aneren Deel vun der Etüd nach zitëieren, wou ganz kloer geschriwwen steet "dass bei geöffneten Fenstern ein Unterrichtsbetrieb nach derzeitigem Kenntnisstand nicht möglich ist". Do gëtt vun engem Hannergrondgeräusch vu 45-72 dB geschwat, an et muss ee wëssen, dass no allen Erkenntnisser 70 dB scho gesondheetsschiedlech sinn.

Et kann een natierlech soen: "Mir bauen ee Lycée, wou keng Fensteren opgemaach ginn, dann héiere mir de Kaméidi net", mä et kann een dann op där anerer Säit soen: "Si gëtt da kënstlech beléift", an et weess een, dass op e puer honnert Meter dovunner d'Kläranlage steet, da wënschen ech de Schüler bonne chance bei där Beléiftung, déi se vun där doter Säit kréien.

Et ass och vir drun vun de Buedemanalysé geschwat ginn, an et ass dovunner geschwat ginn, wat am Buedem ass. Den Här Halsdorf huet zouginn, dass déi Etüden erginn hunn, déi vum Büro Fugeo Geotechnique gemaach gi sinn, dass Schwéiermetaller am Buedem sinn, Hydrocarburen dra sinn, déi erwisenermoosse kriebserregend sinn, an dass aus dem Buedem géfteg Gasen emporsteigen, déi geféierlech sinn. A wann hei dovunner geschwat ginn ass, dass déi Etüden net virleien. Déi Etüde leie vir! Dat, wat awer net virläit, ass den Assainissementkonzept, wéi dee Buedem do soll assainéiert ginn. A mir hunn an der Chamberkommissioun doriwwer geschwat gehat, ob et dann net sënnvoll gewiescht wier, fir d'éischt deen Assainissementkonzept virzeleeën, ier een un de Bau vun deem dote Lycée geet. Do ass eis gesot ginn: "Ier de Projet gestëmmt ass, si keng Suen do, an duerfir kënne mir déi Etüden do net maachen". Eng Entscheidung, déi mir op jidde Fall och net an deem dote Sënn deelen.

Dann ass et och eng Tatsaach, dass et säit 1991 Entreprisé gi sinn, déi an där doter Industriezon funktionéiert hunn an déi sech net un hir Betribsoplage gehalten hunn, an dass et och déi eng oder aner Entreprise gëtt, déi während där Zäit mat Ëmweltproblemer konfrontéiert war an d'Oplagen net erfëlle konnt. Dat si Kriticken, déi net nëmme vun der Associatioun vun de Proffe gemaach gi sinn, mä et sinn och

Kriticken déi vum Mouvement Ecologique a vun anere Plazen komm sinn.

D'Distanz vun der Kläranlag an dee positiven Afloss op d'Ëmloft an de Schoulen hunn ech virdru schonn zitëiert, mä wéi gesot, et gi jo keng Fënsteren opgemaach, vläicht kréie mir dann dee Problem do op eng aner Aart a Weis an de Grëff, a wa virdrun hei dovunner geschwat ginn ass, dass de Lycée dach esou flott op där doter Plaz do läit, et bien, wann den Här Halsdorf och virdru gemengt huet an ee vun eise jonke Politiker zitëiert huet, de Georges Ramos, fir en net ze nennen, dee sech do e bësse mam Site verwiesselt hat, konnte mir eis awer vun deem Site iwwerzeegen, an d'Kollegen Deputéiert kennen all déi Plazen, déi an där Etüd opgewise sinn, an et brauch een dofir net op esou Saachen zrëckzegräifen, fir den Androck wëllen ze erwecken ...

(Interruption)

A, dat war eng aner Persoun! Dann zéien ech dat zrëck. Ech hat gemengt, et wär den Här Ramos gewiescht. Et ass deen da glécklecherweis net.

Ech wëll dem Här Halsdorf just soen, dass déi Deputéierten, déi sech mam Projet ofginn, alleguer d'Sitë kucke gaange sinn. A wann een dovun schwätzt, dass dee Site ganz gutt läit, muss een awer soen, dass fir d'Fräistonnen, déi jo bei engem Lycée ufalen, et awer ganz schwierig ass, fir d'Schüler, fir sech op eng aner Plaz ze déplacéieren. Wéi ewell evirgestrach ginn ass, ass de Site ëmgi vu Stroossen, déi geféierlech ze iwwerquiere sinn, a fir bis an den Zentrum vun der Stad Péiteng ze goen, dierft an enger Fräistonn schwierig sinn. Dat ass en zousätzleche Grond, fir deen do Site ofzelehnen.

Déi Diskussiounen an déi Kriticken, déi vun den Enseignant kumm sinn, an net nëmme vun den Enseignante mä och vun de Schüler a vun den Elteren, sinn, eiser Meinung no, Grond genuch, fir géint deen do Projet ze stëmmen.

Wat dee Site ubelaangt, dee vun deem Gemengerot erausgesicht gi war, dee virdrun an der Majoritéit war, de Site "an de Jencken", esou war dat e Site, och wann et do déi eng oder déi aner Kontestatioun ginn huet, dee vum Léierpersonal, vun den Elteren a vun de Schüler an der Gemeng Péiteng gedroe ginn ass.

Et ass eng Pétitioun ginn. Wat huet sech derbäi erginn? Dat huet den Här Halsdorf selbstverständlech net gesot. Am Wahlkampf ass d'CSV higaangen an huet mat der Biergerinitiativ geliebäugelt a gesot: Wa mir an d'Majoritéit kommen, da suerge mir derfir, dass deen do Site eliminéiert gëtt, a mir plädéiere fir een anere Site. Leider ass dat an d'Realitéit ëmgesat ginn. D'CSV huet sech selbstverständlech missen un déi Versprieche halen, déi se deene Leit ginn hat. Et muss een an der Zwëschenzäit zouginn, dass fir de Site "an de Jencken" eng Rei vu Milliounen Steiergelder ausgi gi sinn, fir Terrainen ze kafen. Et muss ee sech froen, wat op deem Terrain an nächster Zukunft geschitt.

Dann ass vun där Etüd geschwat ginn, déi am Mee 1997 publizéiert ginn ass, wou aacht méiglech Sitë fir e Lycée localiséiert gi sinn, Plazen, déi, eiser Meinung no, den Uspréich vun enger moderner Schoulinfrastruktur besser entsprach hätten, mä déi net eeschthaf genuch weiterstudéiert gi sinn. Deemools, esou wéi ech d'Etüd gelies hunn, an ech hunn hei Zitater, ass de Site vum PED verworfen gi weinst Froe vun Ëmweltbelaaschtung, Elektrosmog, der Collectrice du Sud, an esou weider.

Een anere Site, deen och virdrun ugeschwat gi war vum Här Halsdorf, dat ass de Site Nummer 2 bei den Ateliere vun de CFL. Deen hat eng Rei vu Virdeeler deemools zouggeschwat kritt: d'Gréisst, d'Proximitéit zu der Gare, d'Tatsaach, dass en zentral geleeë wier. De Site hat allerdings just ee schreckleche Bockfouss, e long net um Territoire vun der Gemeng Péiteng mä zu Bascharage, an dat huet net dierfe sinn.

Déi Diskussiounen, déi mer elo während laanger Zäit iwwert de Site gefouert hunn, haten och als Konsequenz, dass an der Gemeng Déifferdeng sech Gedanken iwwert de Lycée gemaach gi sinn. Et hu Parteie sech zesummesat a proposéiert, dass dee Projet vum Lycée sollt opgesplitt ginn. Een Deel sollt op Péiteng kommen an een Deel op den Territoire vun der Gemeng Déifferdeng.

An enger Motioun, déi am Joer 2000, den 18. Mee, déposéiert gi war, a vum Här Garcia a vum Här Meisch mat ënnerschriwwer war, war festgehalen ginn, dass déi Proposition sollt eeschthaf studéiert ginn. Et stong weider an där Motioun dran, dass wann de Lycée zu Péiteng géif gebaut ginn, alleguer déi Gemengen, déi ronderëm sinn, sollte consultéiert ginn, fir ze kucken, wéi et mam Avancement vun deem Projet sollt weitergoen. Ech froen, wat mat där Motioun a mat deem, wat do gefuerdert gouf, geschitt ass? Menger Aschätzung no bis elo nach näischt.

Et gëtt och Presseerklärungen a Bréiwer un de Statsminister, wou d'Parteie vun der Gemeng Déifferdeng ganz klor schreiwen: "Entrüstet über die Regierungsentscheidung, das neue LTMA in der Industriezone des PED zu errichten." Dat ass een Text, deen och vum Här Meisch als deemolege Vertrieeder vun der Demokratescher Partei ënnerschriwwer ginn ass. Et muss ee soen, dass den Här Meisch e ganz flexible Mensch ass a seng Meinung ganz séier ännert, och esou an deem Punkt, an haut dovun näischt méi wëllt wëssen.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur. - Et ass nëmme een Dommen, dee seng Meinung ni ännert.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Här Jung, dat do ass eng Äntwert, déi kann nëmme vun lech sinn.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur. - Ech si frou, dass Dir se approuvéiert.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Ech sinn nach net fäerdeg. Wéi gesot, den Här Meisch huet seng Meinung

geännert, an d'Majoritéit vun Déifferdeng seet elo net méi, dass de Projet soll gesplitt ginn, een Deel op Déifferdeng an een Deel op Péiteng, mä si hätten elo gären e komplette Lycée op den Territoire vun der Gemeng Déifferdeng.

Eng Industriezon ass fir eis ebe keng Plaz, wou Schoule sollen dra gebaut ginn, a wann ech virdrun dervu geschwat hunn, dass Regierungsmembren eng ähnlech Meenung vertrieeden, da wëllt ech erënneren u verschidde Questions parlementaires, déi vum Här Klein a vu mir gestallt gi sinn. Déi eng am Juli 1998 vum Här Klein, wou gesot ginn ass an der Äntwert vum Här Minister, dass déi do Terrainen ausschliesslech industriellen Zwecker sollte virbehale sinn.

(Interruption)

An der Question parlementaire ass dat och esou libelléiert, Här Halsdorf.

An där Question parlementaire, déi ech am Dezember 1999 gestallt hunn, ass et ähnlech formuléiert gewiescht, an d'Äntwert huet dann och geheescht: "... pour aider une région qui a comme vocation la reconstitution d'emplois industriels ou de services industriels." Dat war d'Definitiou fir déi Aktivitéiten, déi an déi do Zon sollte kommen.

Entweder de PED ass eng Industriezon, da gehéiert, eiser Meenung no, keng Schoul dohinner, a wann eng Schoul dohinner kënnt, muss ee wëssen, dass de Succès an den Intérêt vun där Industriezon bei den Industrië selbstverständlech noléisst, well Industrië gi sech net gären dohinner implantéieren, wou Schoule sinn a Kanner sech ophalen. Den OGB-L huet a senger Stellungnahm vum 31. Mee sech och géint deen do Lycée an där do Industriezon mat darselwechter Argumentatioun ausgeschat.

Nach vläicht e Wuert zu deem berühmten Dialog, deen ëmmer erëm an d'Fenster gestallt gëtt.

Et kann ee sécherlech vun deene Kriticken halen, wat ee wëllt, mä mir hu virdrun héieren, dass et der gëtt, déi net vill dovun halen. Den Anstand, mengen ech, hätt awer verlaangt, dass een déi Kriticken ophëlt, eng Kéier driwwer nodenkt an déi Bréiwer, déi geschriwwen ginn op d'mannst beäntwert. Et bien, vun all deenen, déi sech géint de Site ausgeschwat hunn, ass eng Rei vu Bréiwer geschriwwen ginn un de Bauteministère. Vum Bauteministère ass net emol en Accusé de réception komm. Eng Rei vu Bréiwer sinn un den Educationsmministère gaangen. Do ass eng Äntwert komm, an zwar dass d'Bréiwer géinge klasséiert ginn.

Entrevuë si gefrot ginn. Eng Entrevue war vun der Mme Brasseur accordéiert ginn, an zwar deen Dag, wou owens op der Televisioun deklaréiert ginn ass, dass de Lycée an de PED kënnt, Entrevue, déi nëmmen eng hallef Stonn gedauert huet.

Dat zum Dialog, dee vun dëser Regierung a besonnesch vun der Demokratescher Partei ëmmer erëm an de Vierdergrond gestallt gëtt an deen derzou gefouert huet, dass emol net déi elementaarste Regele vun der Héiflechkeet respektéiert ginn, nämlech op Bréiwer ze äntwerten, och wann ee sech net wëllt mam Inhalt ausenaner setzen.

Trotz all deenen Argumenter, kënnt elo offensichtlech awer de Lycée an déi do Industriezon. Et muss ee sech ganz einfach froen: Firwat? D'Äntwert ass ganz einfach. Déi do Plaz ass déi eenzeg, déi dem Buergermeeschter vun der Gemeng Péiteng an de Krom passt, an d'CSV-Bauteministère wëllt eben dem CSV-Buergermeeschter e Gefale maachen an d'Intérète vun de Kanner, den Elteren an den Enseignante sinn hinnen net schrecklech wichteg.

Géint dëse Site gouf et a gëtt et net nëmmen Oppositioun vun der LSAP-Fraktioun, et gëtt d'Oppositioun vun der lokaler LSAP-Sektioun, déi ëmmerhin 3.000 Ënnerschrëfte gesammelt huet, mä och déi 3.000 Leit, déi do ënnerschriwwen hunn hätte keng Ahnung vun Tuten a Blosen, wann ech déi Ausféierunge virdrun héieren hunn, an déi léigen alleguer falsch. Et gëtt Kritikke vun den Enseignanten. Et gëtt Kritikke vun de Proffenorganisationen, fir nëmmen déi do ze nennen.

Et gouf géint dëse Standuert eng Rei vu Publikatiounen. Et gouf eng Rei vu Manifestatiounen, mä wéi ee wahrscheinlech feststellt, alles ëmsoss. Dëse Projet ass en exemplarescht Beispill derfir, wéi d'Demokratesch Partei a besonnesch dës Regierung et mam Dialog hält, déi eng aner Meenung vertrieede wéi déi, déi si hunn.

Dëse Site ass, an dat ass eis iwwerzeegte Meenung, soss näischt wéi d'Resultat vun engem parteipolitesche Kouphandel tëschent der CSV an der Demokratescher Partei.

Niewent der Plaz gëtt et awer nach eng Rei vun anere Grënn, fir géint dëse Projet ze sinn, an ech kommen dorop nach zrëck.

Eng vun den Ursaachen ass, dass d'Schüler, déi am Régime préparatoire sinn an am Gebai zu Déifferdeng "am Jencker" setzen, deen awer och zum Lycée technique Mathias Adam gehéiert, weiderhi müssen an deem Gebai bleiwen an dat ënnert mënschenonwiederdege Konditiounen, wéi jiddereen an deenen eenzelne Berichter feststelle konnt.

Bei der Diskussioun 1994 iwwert d'Reform vum Régime préparatoire huet jiddereen, deen hei op der Riednertribün stong, de Schüler versprach, dass si an Zukunft kënnte mat hire Kolleegen aus dem Enseignement secondaire technique an d'Schoul goen. Tatsaach ass, si bleiwe weiderhin écartéiert. Dëst ass an dësem Fall ganz besonnesch bedauerlech, well et offensichtlech politesch bewosst geschitt.

An der Regierungserklärung vun dëser Majoritéit steet: "... à intégrer dans la mesure du possible dans les bâtiments de l'enseignement secondaire technique le ré-

gime préparatoire". Wann et bei engem Neibau net méiglech ass, de Régime préparatoire ze integréieren, da froen ech mech, wéini dann?

Bei der Interpellatioun iwwert de Préparatoire virun zwee Joer ass et eppes net ginn, wat et haut gëtt, dat ass d'Resultat vun der PISA-Etüd. Och déi Etüd huet erginn, dass de Geescht vum Préparatoire, esou wéi en hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, dee richtegen ass, well alleguer déi Schoulsystemer gutt ofgeschnidden hunn, déi et fäerdeg bréngen, d'Kanner während enger laanger Zäit zesummenzehalen, fir esou ze verhënneren, dass déi sozio-ekonomesch Ënnerscheeder, déi et nun emol gëtt, och hei am Land net zevill staark derzou bäidroen, dass d'Kanner en Echec scolaire erleiden. Mä och dat, Dir Dammen an Dir Hären, pickt eis offensichtlech net. Mir kommen zrëck zu engem Modell vun der Ségrégiatioun a verschanzen eis léiwer hannert der Ausso, dass d'Etüd PISA nun emol d'Particularitéite vum Lëtzebuerger Schoulsystem net richteg erkannt huet, ee Saz, deen ee leider, fannen ech perséinlech, an deene leschten Deeg op dëse Bänken zevill oft héieren huet.

Beim Projet vum LTMA geet et drëm, d'Auslännerkanner an déi Kanner aus sozialschwache Milieue bei sech ze loossen. Eng Ghettoiséierung geschitt hei, déi géint de Geescht vum Régime préparatoire ass an domat géint de Wëlle vun der Chamber. Dat ass, eiser Meenung no, moralesch net ze vertrieën an e regelrechte politesche Skandal.

Mir hunn och dozou eng Motioun préparéiert, déi ech hei déposéieren, an där mir nach eng Kéier drop hiweisen, dass de Régime préparatoire an der Lycée soll integréiert ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que l'idée de l'intégration de tous les élèves était un des motifs décisifs pour la création du régime préparatoire en tant que régime intégrant l'enseignement secondaire technique;*
- *considérant qu'il était de l'intention du législateur de lutter contre la ségrégation dans la population scolaire et ceci par une collaboration étroite entre ces deux ordres d'enseignement;*
- *rappelant que l'étude PISA de l'OCDE a démontré que le rassemblement sous un même toit de tous les élèves jusqu'à l'âge de 15 voire 16 ans est favorable à l'évolution des élèves et permet de renforcer leurs compétences de manière sensible;*
- *considérant que d'après la loi du 3 juin 1994, le régime préparatoire fait partie intégrante de l'enseignement secondaire technique;*
- *convaincue qu'une collaboration tout comme l'intégration ne peuvent être réalité vécue que si les circonstances matérielles le permettent, voire si les deux*

ordres d'enseignement se trouvent réunis sous un même toit;

- *rappelant la déclaration gouvernementale de 1999, qui stipulait que « dans le cadre de la construction de nouveaux établissements d'enseignement post-primaire, surtout ceux à dimension régionale, il sera veillé à ce que, dans la mesure du possible, chaque établissement offre un cycle inférieur complet de l'enseignement secondaire tant classique que technique et préparatoire »;*

invite le Gouvernement

- *à intégrer matériellement les classes du régime préparatoire actuellement hébergées dans le bâtiment vétuste « Am Jencker » dans le Lycée technique Mathias Adam à Pétange et à déposer dans les meilleurs délais un projet de loi en ce sens.*

(s.) Marc Zanussi, Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux.

Bei der Interpellatioun, déi hei iwwert de Préparatoire war, hu mer net nëmme vun de Schüler geschwat, mä mir hunn och vun den Enseignante geschwat, a mir hunn de Schüler versprach, a bal jiddereen huet dat gemaach, dass mir eis derfir géingen asetzen, dass och am Préparatoire haaptsächlech brevetéiert a qualifizéiert Personal misst schaffen. Mir stelle fest, dass haut am Régime préparatoire 50% vun den Enseignanten, déi do schaffen, net brevetéiert an net an deem Mooss qualifizéiert sinn.

Eng vun de Méiglechkeeten, fir deem opzehëllefen, wär, dass ee géing probéieren, iwwert en Aménagement vun hirer Carrière derfir ze suergen, dass méi Enseignante sech fir deen do Job géifen interesséieren. Ech hat 1998 eng Question parlementaire un d'Mme Hennicot-Schoepges gestallt, a si huet geäntwert: "Pour revaloriser le travail du personnel de l'enseignement modulaire, un aménagement de la carrière de l'instituteur de l'enseignement préparatoire est envisagé."

Bei der Interpellatioun, déi mir haten, hunn eng Rei vun Oppositionsparteien deem zougestëmmt, an och d'CSV huet deemools sech hei fir eng Revaloriséierung vun där Carrière ausgeschwat. An ech zitëiere ganz kuerz den Här Sunnen, deen a sengem Punkt 8 bei dem Débat iwwert de Préparatoire Folgendes gesot huet: "D'Valorisatioun vum Schoulpersonal am Préparatoire ass eng Noutwendegkeet. Déi potentiell Kandidaten müssen d'Méiglechkeet hunn, fir eng Promotioun an d'Carrière supérieure ze kréien."

Elo gëtt et vum Educationnsministère en Avant-Projet de loi, dee Kadere vum Personal aus den Etablissementer vum Enseignement secondaire an dem Enseignement secondaire technique fixéiere soll. An dësem Projet gëtt ënnert anerem déi nei Funktioun vum Professeur de langues de l'enseignement secondaire technique geschaft mam Zil, eng méi breet Recrutéierungsbasis an

deem helte Beräich ze fannen an de Chargéen och d'Méiglechkeet ze ginn, zum Fonctionariat iwwerzegoen. Mir fannen als Fraktioun, dass ee vun dëser Geleeënheet profitéiere sollt, fir och d'Situatioun vun den Enseignanten aus dem Régime préparatoire ze regelen, esou wéi dat hei vun den Oppositionsparteien an och vun der CSV proposéiert gi war, gelegentlech dem leschten Débat, an ech géing och am Numm vun eiser Fraktioun eng zweet Motioun deponéieren, wou mir dat doten als Vorschlag abréngen.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *considérant que la loi du 3 juin 1994 portant création du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique, dans son Article I, dit que l'enseignement et la mise en œuvre des mesures pédagogiques dans le régime préparatoire sont confiés prioritairement aux instituteurs d'enseignement préparatoire et aux instituteurs d'économie familiale;*
- *considérant que la même loi, dans son Article I, prévoit que les instituteurs d'enseignement préparatoire soient recrutés parmi les instituteurs de l'enseignement primaire et spécial;*
- *considérant qu'en 1995, dans le cadre de la loi sur la réorganisation des écoles d'infirmiers publiques et privées intégrant ces écoles dans l'enseignement secondaire technique, un reclassement conséquent en faveur du personnel concerné a été décidé;*
- *considérant que, dans la réponse du 30 septembre 1998 à une question parlementaire au sujet de la revalorisation du travail des enseignants du régime préparatoire, Mme Erna Hennicot-Schoepges, en sa qualité de Ministre de l'Education nationale et de la Formation professionnelle, avait signalé qu'une proposition y relative était en élaboration et qu'un aménagement de la carrière de l'instituteur d'enseignement préparatoire était envisagé;*
- *considérant que l'effectif des instituteurs enseignant au régime préparatoire a diminué de façon significative depuis 1994;*
- *considérant que la publication des postes d'instituteurs et des postes de chargés de direction vacants dans le régime préparatoire ne trouve auprès des institutrices et instituteurs expérimentés qu'un écho insuffisant;*
- *considérant dans l'intérêt des buts pédagogiques du régime préparatoire, il est indispensable et urgent d'inciter les instituteurs expérimentés du primaire et du spécial à briguer des postes dans l'enseignement préparatoire;*
- *considérant qu'un avant-projet de loi fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique est en voie d'élaboration;*

- *considérant que dans le cadre de cet avant-projet de loi il est prévu de créer la nouvelle fonction de professeur de langues de l'enseignement secondaire technique;*
- *considérant qu'il est aussi prévu de faire bénéficier quatre infirmières-enseignantes du LTPS des dispositions transitoires appliquées lors de l'entrée en vigueur de la loi du 11 janvier 1995;*

invite le Gouvernement

- *à intégrer dans le cadre de "l'avant-projet de loi fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique" le reclassement de la carrière des instituteurs du régime préparatoire de l'EST ainsi que des chargés de direction préposés audit régime.*

(s.) Marc Zanussi, Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux.

E weidere Problem, Dir Dammen an Dir Hären, ass dee vun der Sportsinfrastruktur. De Problem besteet doranner, dass d'Sportsinfrastruktur, esou wéi se elo geplangt ass, ganz sécherlech net duer geet, fir anstännege Sport ze maachen, an d'Tatsaach, dass keng Schwemm an deem dote Gebai ass, féiert och zu weidere Komplikatiounen.

D'Berechnung, déi gemaach ginn ass vum Ministère, fir d'Sportsinfrastruktur ze definéieren, ass falsch. De Ministère geet dovunner aus, dass 33% vun de Schoulsportstonne Schwamme sinn. Dat ass awer net richtig, ganz einfach, well et op de Septiemen 23% sinn, op der Huitième bis Dixième 25% a 17% op der Onzième bis Treizième a vu Première bis Troisième och 17%. Dat gëtt een Duerchschnitt vun 33% Schwammen a 37% Sport am Sall, an allegueren déi Berechnunge féieren natierlech dozou, dass dat, wat an den Äntwerte vun der Mme Brasseur iwwert d'Unitéite vum Sport geschriwwen ginn ass, nämlech dass 4,6 Unitéiten aus der Berechnung erauskomme géingen, falsch ass. Et brauch ee méi wéi 4,6 Unitéiten an och eleng d'Tatsaach, dass dee Muskulatiounssall, deen als Virwand muss duerhalen, deen awer nëmmen 13x14 Meter ass, fir déi fënneft Unitéit ze komplettéieren, net duergeet, fir en anstännege Schoulsport ze maachen.

D'Associatioun vun de Sportsproffen huet eng Rei vu Kriterien ausgeschafft a pädagogesch Normen, no deenen d'Sportsinfrastrukture konzipéiert gi sollen. Do gëtt et Modeller, déi dovun ausginn, dass ee soe kann, dass 40% vun der Zäit, wou eng Klass Sport huet, eng Aire de base noutwendeg ass, an dass awer a 60% vun der Zäit, wou d'Klass Sport huet, méi wéi eng Aire de base noutwendeg ass, nämlech zwou.

Wann een dann dovun ausgeet, dass déi 33% Schwammen net richtig sinn, kënnt ee selbstverständlech och op eng aner Zuel vu Stonnen am Sall. Dat sinn der dann 162, a wann een dee Mode de calcul applizéiert, dee

vun de Sportsproffen ausgeschafft ginn ass, da kënnst ee vun deene 60%, wou zwou Aires de base noutwendeg sinn, op 6,5 Unitéiten a bei deenen anere 40% kënnst een op 2,17 Unitéiten, dat sinn insgesamt zesummen 8,7 Unitéiten, déi noutwendeg wieren an nach nëmmen 8,7 Unitéiten, wann een dovun ausgeet, dass beim Sportsunterricht, beim Transport, bei den Déplacementen alles honnertprozenteg klappt géint, wat jo och sécherlech net de Fall ass.

E weidere Punkt, deen net respektéiert ginn ass, ass d'Tatsaach, dass an deen Avisen an an deene Calculen, déi vun de Sportsproffen gemaach gi sinn, gesot ginn ass, dass déi Unitéiten 30x18 m hu sollen. Eng Norm, déi op anere Plazen applizéiert ginn ass, mä déi awer hei beim Lycée technique Mathias Adam alt erëm eng Kéier net applizéiert ginn ass, well d'Unitéiten hunn nëmme 27x15 m, dat ass, wéi gesot, ëm esou méi bedauerlech, well dat dote Moosse sinn, déi op anere Plaze schon applizéiert gi sinn. An domadder, mat deenen dote Moossen, bréngt dat natierlech eng Rei vun zousätzleche Problemer mat sech, fir déi sportlech Aktivitéiten ze maachen.

Déi heite Resultater heeschen awer soss guer a glat näischt, wéi dass déi Sportsinfrastruktur, déi elo um Plang besteet, verduebelt misst ginn, fir hallefwegs anstännege Schoulsport maachen ze kënnen. A wann ech da weess, dass d'Ministerinnen alleguer dem Avis vum COSL iwwert de Schoulsport grouss Bedeitung bäimiessen a soen, wat fir eng formidable Initiativ an Aarbecht, dass dat ass, da misst se jo och eiser drëtter Motioun zoustëmmen, déi ech hei deponéiere wëllt, wou mir froen, dass een zousätzleche Projet gemaach gi soll, fir d'Sportsinfrastruktur dach wierklech deenen elementaarste Bedürfnisser vum Schoulsport kënnen unzepassen.

Motion 3

La Chambre des Députés

- *considérant l'importance du sport à l'école pour le développement des jeunes d'un côté et du sport de l'autre comme le défend justement le Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (C.O.S.L.);*
- *considérant l'étude de l'Association des Professeurs d'Education Physique de l'Enseignement Public (APEPEP) datant de 1998 et demandée par la ministre de l'Education Nationale de l'époque, Mme Hennicot-Schoepges, afin que soient élaborées des normes relatives aux infrastructures sportives;*
- *considérant que la répartition entre les cours d'éducation physique en salle et en piscine a été mal estimée lors de la planification des nouvelles infrastructures sportives du nouveau Lycée technique Mathias Adam (LTMA) de Pétange selon l'APEPEP;*
- *considérant par conséquent que l'infrastructure sportive prévue dans le projet en question est insuffisante pour assurer les cours d'éducation physique de manière adéquate;*

invite le Gouvernement

- *à déposer dans les meilleurs délais un projet de loi supplémentaire prévoyant des infrastructures sportives adaptées aux besoins de l'enseignement d'éducation physique.*

(s.) Marc Zanussi, Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux.

Wann déi Sportsinfrastruktur do net ausgebaut gëtt, huet dat selbsterständlech Konsequenzen, dass Déplacementen mussen gemaach ginn, an ech wëllt just drun erënneren, dass am Moment, wat de Schoulsport ubelaangt an deenen Infrastrukturen, wou d'Schoul elo ass, hinne 684 m² pro Lektioon a Sall zur Verfügung stinn, an dass wann se an deem neie Gebai sinn et der nëmmen nach 465 m² sinn. Dat ass eng Verschlechterung vun 32%! Gëtt d'Sportsinfrastruktur net ausgebaut, muss selbsterständlech op de Centre sportif zu Péiteng ausgewäicht ginn, mat där klenger Differenz, dass et vum aktuelle Site bis an de Centre sportif dräi Minutten ze Fouss sinn, an dass et vum PED bis an de Centre sportif dräizéng Minutten sinn an dat erëm mat der Konsequenz, dass Schoulsportstoune mussen zesummegeleegt ginn, a jidderee weess, dass dat net am Intérêt vun de Kanner ass.

Deselwechte Problem stellt sech mat der Schwemm. Bedauerlecherweis gëtt déi Schwemm am Lycée technique Mathias Adam net gebaut. D'Ursach, déi d'Regierung geholl huet, fir dëse Projet net ze realiséieren, war déi, dass gesot gëtt "Déi Schwemm zu Rodange gëtt iwwerdeckt a kann da profitéiert ginn", et bien och do muss ee sech da mam Bus dohinner déplacéieren et muss een zréckfueren, minimal zweemol zéng Stonne gi verluer, d'Stonne mussen och hei zesummegeleegt ginn, an domat sinn et Blockstoune an hunn als Konsequenz, dass d'Kanner nëmme méi eemol d'Woch an der Schoul Sport hunn, eppes, wat awer mengen ech vun allen Expären ëmstridden ass, well gesot gëtt, dass déi Unitéite sollen opgedeelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann nach e puer Wuert zu deem Dialog, oder besser gesot zu der Ignoranz vun de Ministère, an där heiter Fro vun der Sportsinfrastruktur. An engem Bréif vum 20. Mäerz 1997 huet d'Mme Hennicot d'Sportsproffenassociatioun invitéiert, déi Norme fir d'Sportsinfrastrukturen auszeschaffen. Am Oktober 1998 ass deen Dossier iwwerrecht gi mat deenen Normen a Berechnungsmethoden, déi ech elo virun zitéiert hunn, et ass awer näischt geschitt. D'Aarbecht ass gelueft ginn an domadder an den Tirang gelueft ginn. An engem Bréif, deen d'Mme Hennicot uschléissend geschriwwen huet, ass vu Consultatioun vun der Sportsproffenassociatioun bei Neibaute gesprach ginn, mä och déi ass net agehale ginn.

Dann huet d'Mme Brasseur den 28. Januar eng nei Initiativ an eng ganz nei Form vu Consultatioun versprach. Et sollt nämlech eng Structure consultative restreinte

agefouert ginn, wou selbstverständlech d'Vertriedung vun der Sportsproffenassociatioun dra sollt vertruede sinn an der Persoun vum Här Guy Engel. Déi Consultatioun war awer esou restreinte, dass se entweder ni zesumme-komm ass oder d'Sportsproffe vergiess gi sinn. Et huet dat eent oder anert Gespréich kuerz stattfonnt, awer ee richtegen Dialog, esou wéi e gewénst war, konnt an ass op dëser Plaz och erëm eng Kéier net gefouert ginn. Ofschléissend zu dësem Kapitel wëll ech bemierken, dass tëschent dem Juli 1998 an dem Januar 2002 aacht verschidde Bréiwer un déi responsabel Ministère geschéckt gi sinn, dräi dovun un d'Mme Brasseur, déi aner un d'Mme Hennicot. Dialog a Réckmeldung null! Keng anstänneg Äntwerten oder guer keng Äntwerten!

(Interruptions)

An d'Sportsproffe musse sech selbstverständlech déi fundamental Fro stellen, wéi et méiglech ass, dass jiddferen vun der Consultatioun schwätzt, mä se awer leider net stattfénnt. D'Äntwert dorop ass menger Aschätzung no kloer, d'Consultatioun ass fir dës Regierung nëmmen ee Schlagwuert, an der Realitéit gëtt se vun de politesche Verantwortlechen net gewénst.

Ee Wuert nach zum Avis vum Conseil d'Etat, deen och virdrun zitéiert ginn ass. De Conseil d'Etat huet säin Avis geschriwwen an huet bemängelt, dass eng Rei vun Informatiounen him net virlungen, fir deen Avis ze schreiwen, an et ass dat, wat mäi Kolleg, de Georges Ramos, als President vun der Jeunesse socialiste Déifferdeng geschriwwen huet. Dat ass bedauerlech a bedenklech, dass een Avis geschriwwen gëtt, ouni dass all d'Elementer um Dësch leien. De Conseil d'Etat mécht dann nach ee schreckleche Feeler, denken ech, wou en draschreift, dass de Jencker, dat Gebai zu Déifferdeng, an Zukunft 700 Schüler emfänke soll.

Jiddferen, deen de Jencker kennt, weess, dass haut do 300 Schüler dra sinn, an dass d'Gebai voll ass bis uewen hinner an do keng 700 Schüler drapassen. Dobäi kënnt, dass all d'Parteien - an och den Här Meisch - gesot hunn, dass dee Site Jencker am Fong der Gemeng Déifferdeng, well e schlecht läit, net gutt passt, an dass am Fong déi Schoul do op eng aner Plaz verluegt gi soll.

Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend e puer allgemeng Bemierkungen nach! Dëse Projet, mengen ech, beweist, dass d'Regierung net un engem eeschthaften Dialog interesséiert ass, an alleguer déi Leit, déi dat wëllen, offensichtlech liicht op den Aarm hält. Ech mengen, dass déi Ausféierunge vu virdu bewisen hunn, dass vu ville Parteien ee konstruktiven Dialog an dësem Fall gewénst ginn ass, dass déi Fuerderungen, déi op den Dësch komm sinn, keng maximalistesche Fuerderunge waren, mä Fuerderungen, déi e Kompromëss duerstellen, an et gëtt een den Androck och net lass, dass den Dialog am Fong fir dës Regierung éischter eppes Lästeges wéi eppes Nätzlech ass, wat äusserst bedauerlech ass.

Déi nächst Joren, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten et sécherlech net méi einfach maachen, well d'Zäit leeft lues a lues der Regierung an de Projekte fort an dat wäert dann an Zukunft misste verstärkt als Argument duerhalen, fir net brauchen ze dialogéieren. Dass den Dialog bei der chrëschtlech sozialer Partei ni déi stäerkste Form war, ass näischt Neies. D'Demokratesch Partei ass awer ugetrueden, domadder den Dialog an alle Punkten an alle Formen, an enger nach ni do gewiesener detaillierter Ausgab ze fleegen an d'Transparenz ebenfalls.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Dir wësst jo eemol guer net, wat dat ass!

M. Marc Zanussi (LSAP). - Här Rippinger, elo hutt Dir eng gutt Geleeënheet verpasst, fir de Mond ze halen!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Ech hunn lech gefrot, mat weem den Här Goebbels dialogéiert huet.

(Interruptions)

M. Marc Zanussi (LSAP). - Leider, gëtt dat net applizéiert, a mir wäerten eis déi gréisste Freed maachen, fir bei deenen nächste Wahlen, déi sécherlech a glécklecherweis geschwé kommen, d'Leit un déi Versprieche an un d'Realitäten ze erënneren.

Mir wäerten dëse Projet selbstverständlech net stëmmen. Mat eis, wahrscheinlech een Deel vun der Oppositoun a bei der CSV si mir e bësselche gespaant, well mat dësem Projet gëtt jo niewent de Kriticken um Site an um Bau awer eent vun deene gesellschaftspolitesch wichtegste Gesetzter vun der leschter Legislaturperiod, nämlech d'Aféierung vum Régime préparatoire, mat Féiss getrëppelt, well et offensichtlech an der Demokratescher Partei net genuch Courage gëtt, fir d'Iddien an d'Philosophie vum Régime préparatoire ëmzesetzen. Ech denken un d'Interventiounen vun der Mme Stein, un d'Interventiounen vum Här Sunnen zum Préparatoire, an ech mengen, dass si et eescht gemengt hate mat der Iddi vun der Integratioun vun den Auslännerkanner, mat der Iddi vun der Integratioun vun de Kanner aus sozial schwache Milieuen a mat gutt ausgebildetem Léierpersonal fir de Régime préparatoire, deen de Garant si sollt fir eng méi grouss Chancëgerechtegkeet.

Ech géing ofschléissen domat, dass ech een Appel maachen un d'CSV-Politiker, dëse Projet, deen och géint de Geescht vun enger Rei oder vun engem vun de wichtegste gesellschaftspolitesche Schoulprojete geet, net ze stëmmen. Eis Meenung dozou hutt Dir virdrun héieren. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell dem Rapporteur, dem honorabelen Här Ady Jung, fir säin äusserst

präzise mëndlechen a schrëftleche Rapport merci ze soen. Dat erlaabt mir et net méi op all déi Detailler baulecher Natur mussen anzegoen.

Den Här Halsdorf huet en exzellenten Historik gemaach, deen ech voll a ganz deelen, an et huet och do kee Wäert, dat nach alles ze widderhuelen, et ass jo net, wéi wa mer eréischt säit gëschter wéissten, dass déi aktuell Gebai-lechkeete vum Péitenger Lycée net méi den Ufuerderunge vun engem adequaten Unterricht entsprechen. Émsou méi grouss war mäin Erstaunen, wéi ech leschte Samschdeg vun där Manifestatioun vun de Sozialisten zu Péiteng héieren hunn an och iwwer dat, wat mäi Virriedner an den Här Krecké ganz ongenéiert elo hei zum Beschte ginn hunn.

An där leschter Legislatur gouf déi Péitenger Gemeng, menges Wëssens no, an et ass scho betount ginn, vun engem sozialisteschen Député-maire gefouert, an d'Sozialiste waren och an där leschter Regierungsmajoritéit, an där se den zoustännege Minister fir d'Baute gestallt hunn. Ech kann also just feststellen, dass d'Sozialisten dunn, wéi se all d'Kaarten an der Hand haten, et net fäerdeg bruecht hunn, en neie Lycée zu Péiteng ze bauen.

Den Här Goebbels sot am Hierscht 1995 bei der Ouverture vun der Foire: "Ces dernières années le Gouvernement a accordé une grande priorité au développement des infrastructures scolaires, même si nous connaissons actuellement une augmentation importante de la population scolaire nous forçant ici ou là à des improvisations passagères." Dat war 1995. Ech weess net, wat den Här Goebbels deemools ënnert "improvisations passagères" verstanen huet oder och nach, wat déi grouss Prioritéiten a puncto Schoulinfrastrukture waren, wou dach scho wäit virun 1995 bekannt wor, ënnert wat fir enge schwierige Konditiounen d'Enseignanten an d'Schüler vum Lycée technique Mathias Adam hu misse schaffen. Tatsaach ass a bleift, dass den deemolege Bauteminister a seng deemoleg Kolleegen, ugefouert vum sozialisteschen Député-maire vu Péiteng, et net ronn kritt hunn, fir dee Lycée ze bauen, well soss sténge mer haut net hei, an et wär scho längstens iwwert d'Bühn. Mä "gouverner c'est prévoir", a just hei huet d'LSAP versot.

Deen neie Lycée gétt elo op deem Terrain, deen den Här Halsdorf, als Péitenger Buergermeeschter, a seng Gemeng proposéiert hunn, gebaut. Nodeems dee Projet jorelaang geschleeft huet, wou et dach dréms gaangen ass, fir de Schüler esou schnell wéi méiglech e modernen an ugepassten Unterricht ze garantéieren, geschitt dat elo.

Ech géing souguer ganz klor behapten, dass hei d'Gemengenautonomie, vun där esou vill geschwat gétt, an d'Praxis ëmgësat gétt. Hei gétt de Wëlle vun der Gemeng ganz klor respektéiert.

D'demographesch Entwécklung vun deene leschte Joren an där Géigend huet mat sech bruecht, emol ofgesi vum katastrophalen Zoustand vu senge Gebai-

lechkeeten, dass dee Lycée definitiv net grouss genuch ass. An deenen nächsten zéng Joer wäert d'Schoulpopulatioun am Enseignement postprimaire ëm 35% ongeféier wuessen. Mir brauchen nëmmen d'Zuel vun deenen neie Lotissementer zu Péiteng, zu Déifferdeng an zu Käerjeng ze kucken, da wësse mer, op wat mir zousteieren. Ausserdeem huet de Lycée déi Raim zu Lamadelaine an zu Käerjeng, an deenen d'Atelieren installéiert waren, missen opginn, well déi Gemengen déi Raim fir hiren eegene Schoulbedarf am Primärsektor gebraucht hunn.

Deen neie Lycée soll awer och d'Lycéeë vun Esch an déi aus der Stad entlaaschten, woubäi déi éischt Suerg awer déi soll sinn, dass de Schüler aus där Géigend en Enseignement offréiert kritt, deen den heitegen Uspréich gerecht gétt, an dozou gehéieren nun emol déi néideg Infrastrukturen.

An deem Projet de loi sinn dann och all d'Dispositiounen virgesinn, fir mat deenen neien Infrastrukturen d'Konditiounen fir en héichwäertegen Unterricht ze schaffen, sief dat duerch d'Ausrichtung vun de Gebaier, fir esou mann wéi méiglech Kaméidi vun der Collectrice du Sud oder vun der Eisebunn matzekeréien, sief dat duerch d'Material, dat fir de Bau benotzt gétt, an esou eng optimal akustesch Isolatioun garantéiert, sief dat duerch den Entlüftungssystem, deen et erlaabt soll, dass och Schoul mat zouene Fënstere ka gehale ginn. An deem Kontext kann ee roueg soen, dass a moderne Bank- an Administratiounsgebaier d'Fënsterechen och net opginn.

Den Här Zanussi huet elo grad gemengt, dass eng Belüftung net géing goen, well d'Klärnlag ze no wär. No där Iwwerleeung dierf een dann och net d'Fënsterechen opmaachen, oder richt d'Klärnlag dann net!

Wat d'Contaminatioun vum Buedem ubelaangt, esou ass jo bei de Buedemprouwen erauskomm, an den Här Strotz huet elo grad dee voluminösen Dossier gewisen, dass keng notabel Pollutioun konnt festgestallt ginn. Zirk 3,7 Milliounen Euro ginn drop verwend, fir den Terrain ze preparéieren. Weiderhi ginn eng Cogénératiounsanlage an eng Photovoltaiksanlage installéiert.

De Site, wou d'Schoul soll gebaut ginn, huet och den Advantage, dass e liicht zougänglech fir d'Schoulbussen ass an dass en Arrêt vun der Eisebunn installéiert gétt. En ënnerierdesche Passage féiert vum Arrêt op de Campus scolaire. Weider ass e Parking mat zirka 200 Autosplaz virgesinn.

Mat dem Bau vum neie Lycée technique Mathias Adam, deen iwwregens och positiv vum Statsrot aviséiert gouf, kritt déi Géigend eng Schoulinfrastruktur, déi hir zousteet, an déi et erlaabt, de Schüler e modernen Unterricht unzëbieden an dat an där kuerzméiglechster Zäit, well d'Zäit ass dat, wat eis felt, an et ass wierklech dringend, dass eppes geschitt.

Aus deem Grond wäert meng Fraktioun dee Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer, fir d'éischt op e puer Saachen anzegoen, déi den Här Ady Jung hei gesot huet, wéi en de Verglach gezunn huet mat den Industriebrooche vun Esch-Belval an Terres Rouges, wou e gemengt huet, dass mer jo och do derfir wieren, fir e Lycée drop opzeriichten an aner Schoulinfrastrukturen. Dozou wëll ech soen, zënter Der, Här Jung, zu Esch an den Exil geschéckt gi sidd mat der CSV, Der e bësse Gedächtnisschwund hutt, well soss misst Der wëssen, dass wéi Dir nach am Schäfferot waart, mir ganz seriö mat dem Thema vun der Contaminatioun ëmgaange sinn a mer eis vill méi Gedanke gemaach hu wéi verschidden aner Leit, a mer déi Infrastrukturen, déi dohinner sollte kommen, ofhängeg gemaach hu vun der Contaminatioun vum Terrain a vun der Loft.

Ech mengen, doru misst Dir lech emol erëm e bësse erënneren, mä wéi gesot, Dir sidd scho laang fort, et ass och net méi esou einfach.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Här Jaerling, ech hu kee Problem dermat. Wann uerdentlech entsuergt gëtt, kann een egal wat dohinner setzen, mä dat ass d'Virussetzung.

M. Aly Jaerling (ADR).- Dir hat nach ni mat eppes e Problem an dat ass Äre Problem.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Dir hutt iwwerhaapt keng Problemer, dat ass Är Chance.

(Hilarité)

M. Aly Jaerling (ADR).- Här Jung, ech si vun deem Prinzip, et gëtt méi Léisunge wéi Problemer, dofir liewen ech gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä wat awer haut hei effektiv soll duerchgebaatscht ginn, gesinn ech wierklech schonn als e Skandal un.

Géint de Wëlle vun den Elteren, den Enseignanten an de Schüler, kuerz géint de Wëlle vun der concernierter Bevölkerung, wëllen d'Majoritéitsparteien en neie Lycée matten an eng Industriezon bauen.

(Interruption)

Da just derbäi.

(Interruption)

Dach, ech war gëschter nach do.

Dat ass Politik géint d'Vollek, an dat vun där Partei, der DP, déi virun de Wahlen esou grouss vun Dialog an Transparenz geschwat huet.

Eis Positioun als ADR an deem Dossier ass zënter laangem bekannt. Schon am Dezember 2000 hate mir an eise Parteiorgan zu Péiteng d'Virgehensweis vun der CSV-DP, wat den Neibau vum LTMA ugeet, schaarf kritiséiert, hunn awer och Alternative proposéiert.

Och eis Sektoun zu Péiteng huet, wat de Choix vun deem Site am PED ugeet, hire Protest an hiert absolut Onverständnis manifestéiert.

Iwwert d'Noutwendegkeet vum Neibau vum LTMA besteet zënter 1994 keen Zweifel an en allgemenge Konsens. Et besteet awer och en allgemenge Konsens, datt dee vum CSV-Schäfferot vu Péiteng a vun der CSV-DP-Regierung duerchgeboxte Site net ideal ass. Déi zoustänneg Chamberskommissioun gëtt dat an hirem Rapport zum Deel och zou.

Den Avis favorable vum Conseil d'Etat betrëfft selbstverständlech net de Choix vum Site. Doriwwer äussert de Conseil d'Etat sech ausdrécklech net. Alles, wat de Site selwer betrëfft, gouf dem Conseil d'Etat jo och guer net virgeluegt, a grad beim Site läit d'Kromm an der Heck.

1997 nach gouf de Site am PED vum Bauteministère als inapte considéiert.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech mengen, Dir hutt mir net nogelasschert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Ech zitieren, wat deemools gesot ginn ass:

- "Le terrain ne convient pas: nuisances dues aux industries, ligne à haute tension;
- proximité de la voie de circulation et de la voie ferrée (la création de talus et d'écrans de verdure serait nécessaire);
- étude du sol à réaliser du fait de la situation sur un ancien site industriel;
- le caractère peu accueillant d'un site industriel."

Ech froe mech, wat sech haut do geännert huet!

An do dertëscht muss, eiser Madame Ministesch Brasseur an eiser Madame Ministesch Hennicot-Schoepges no ze uerteelen, e Wonner geschitt sinn: Deen als national Industriezon an als Geschäfts- a Gewerbezon klasséierten Terrain gëtt reklasséiert, fir do eng Schoul bauen ze kënnen!

En Terrain, deem tëscht der staark befuerener Collectrice du Sud an der CFL-Linn Péiteng-Rodange op deelweis contaminéiertem Terrain an direkt niewent geféierlechen Industrie läit.

D'Kaméidisbelaaschtung ass immens staark, wat och déi diesbezüglich Etüd festgehalten huet: "Bei geöffneten Fenstern ist ein Unterrichtsbetrieb nach derzeitigem Kenntnisstand nicht möglich." Esou datt sophistiquéiert Ventilatiounssystemer installéiert gi müssen an dëse Projet deementspreechend verdeieren.

Et ass a mengen Aen iwwerhaapt onzoumuttbar an inhuman, Schüler a Proffen a Raim anzespären, wou se d'Fensteren net opmaache kënnen, wou se also emol net selwer iwwert d'Aératioun vun hirem Sall décidéiere kënnen.

Eng ähnlech bedauernswäert Situatioun hu mir haut schonn deelweis am Lycée Aline Mayrisch an an der International School. Och deemools hate mir dat op dëser Plaz kritiséiert.

Op eng Etüd iwwert d'Loftbelaaschtung gouf verzicht. Et freet ee sech firwat. Et kann een awer unhuelen, datt déi den CSV-DP-Pläng net an de Krom gepasst hätt. Déi Etüd ass net nëmmen iwwert de Site gemaach ginn, et ass eng Etüd iwwert d'Loftverschmutzung allgemeng.

(Interruption)

Da géif ech déi awer gäre gesinn. Déi musst Dir mir unbedingt weisen a mer soen, wéini déi gemaach ginn ass.

Et ass eng Etüd gemaach ginn iwwert d'allgemeng Loftverschmutzung mä net prezis iwwert de Site.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Mat Indicateuren iwwert de Site a ronderëm.

M. Aly Jaerling (ADR).- Dat stëmmt net. Weist mir dat.

D'Ofgasbelaaschtung an deem zukünftege Schoulghetto an der Industriezon tëschent Schnellstrooss an Zuchgleiser ass immens staark, vun den Emissiounen vun deenen do ugesiedelte Betriber emol guer net ze schwätzen.

Ech nennen dat Schoulghetto, well elo nach läit den LTMA matten a Péiteng an ass fräi vun alle Säiten zougänglech. An an Zukunft wäert en dezentraliséiert, ofgeleeën an tëschent Schnellverkéiersweeër a Lärmschutzwäll ageschloss leien.

E geféierleche Virfall mat géftege Léisungsmëttelen am November vum leschte Joer, verursacht duerch d'Usine MIPA, déi an der Noperschaft vun där zukünfteger Schoul läit, huet eis op déi reell Risiko fir Gesondheet a Sécherheet opmierksam gemaach, Risiken, déi op där Plaz an Zukunft fir ronn 1.500 Schüler permanent bestoe wäerten.

Ausserdeem besteet e reelle Plazeproblem. 2001 waren um Péitenger Site vum LTMA, dee 4,9 ha grouss ass, 807 Schüler. Weider 252 Schüler waren um Déifferdenger Site. De Site an der Industriezon ass zwar méi kleng ewéi deen ale Site, nëmme 4,1 ha, dofir sollen awer nach méi Schüler do zesummegepfercht ginn. Geplangt ass e fir ronn 1.300 Schüler. Wann ee gutt wëllt, sinn dat 493 Schüler méi op engem Terrain, deen awer 0,8 ha méi kleng ass, woubäi een nach wësse muss, datt e groussen Deel vun deem Terrain net direkt ze notzen ass. Eleng 1 ha ass op där anerer Stroossesäit als Parking virgesinn.

Da wonnert een sech och net, wann d'Sportsproffe feststelle müssen, datt de Besoin vum Schoulsport net konnt Rechnung gedroe ginn, esou wéi een dat awer vun engem Neibau hätt misse kënnen erwaarden. Zënter 1998 hu si a siwe verschidde Bréiwer op dee Problem higewisen, fir d'lescht de 7. Januar 2002. Ech zitieren: "le projet de loi (...) prévoit des installations sportives insuffisantes en qualité et en nombre pour garantir l'exécution des programmes d'éducation sportive prévus."

An da lëschten d'Sportsproffen detailléiert déi virgesinnen Installatiounen a Flächen op, an dann, dat, wat misst sinn. D'Differenz ass frappant. Alt erëm e Grond méi, fir géint dëse Regierungsprojet ze stëmmen, well et kann net sinn, datt an eiser heiteger Sëtzgesellschaft, grad de Schoulsport wéint engem absolut onverstännege politesche Choix de Kierzere muss zéien.

Formell betounen an der lescht jo och Vertrieder vun de Regierungsparteien d'Wichtigkeet vun der Förderung vun der regelméissegier kierperlecher Bewegung. Grad och am Intérêt vun enger Preventivmedizin, fir mäi Kollege an Expär an der Matière, den Här Colombero, ze zitieren. Mä och, wat dës Kriticken aus dem Proffmilieu ugeet, muss een alt erëm feststellen, datt Dialog an Transparenz just Getuuts vun der DP virun de Wahle war. Déi fundéiert Kriticke vun de Sportsproffen sinn nämlech och net gehéiert ginn.

Wann een sech also déi ganz negativ Aspekter vun deem Site an d'Konsequenzen dovunner op d'Schoulgebai, dat elo dohinner soll gebaut ginn, virun Aen hält, da froe mir als ADR eis, awéiwäit dës Regierung do d'Gesetzer net respektéiert.

De Règlement grand-ducal vum 13. Juni 1979 iwwert d'Sécurité dans les écoles setzt klor a gutt Kritäre fest, wat d'Implantatioun vun enger Schoul ugeet.

Ech zitieren Kapitel 3, Artikel 3.1.01:

"L'implantation d'une école est à choisir en fonction notamment:

- des conditions climatiques et hygiéniques,
- de l'absence de bruit et de pollution,
- de l'agencement favorable et de la sécurité des accès pour piétons,
- de la facilité des accès routiers, eu égard notamment aux transports en commun et aux opérations éventuelles de secours et de sauvetage,
- de l'éloignement de la grande circulation routière, ferroviaire ou aérienne "

Deen Artikel muss ee sech effektiv emol op der Zong zergoe loosson.

Mam Choix vum Site am PED, tëschent Collectrice an Eisebunn, trëppelt den DP-Erziehungsministère seng eege Kritäre mat Féiss.

Mir als ADR stellen eis weider Froen:

Awéiwäit kënnen Dispositiounen vum selwechte Règlement iwwer "émanations dangereuses, pollutions et perturbations sonores" herno do agehale ginn?

Huet an de Majoritéitspartei schon ee sech Gedanke gemaach, wéi vill Autoofgase sech op där Plaz an an deem Gebai konzentréieren?

Wéi steet et mat den Emissiounen vun den direkt derniewent leienden Industrien, Industrië vun deenen eng Rëtsch mat gëftegen a geféierleche Substanze schaffen. Mä wéi scho gesot, op eng Etüd iwwert d'Loftverschmutzung gouf jo verzicht.

A mengen Aen ass d'Décisioun fir dëse Site net nëmme falsch, mä se ass och nach illegal. Se ass genau esou despotesch ewéi de Verbuet vun der zoustänneger CSV-Ministesch vun eiser Renten-Informatiounscampagne am Virfeld vum Rentendësch. Géint d'Décisioun vun der Ministesch hu mir misse virun den Tribunal administratif zéien. Ech roden all deene Betreffene mat dëser Regierung, déi eenzeg Sproch ze schwätzen, déi se versteet, well se se verstoe muss: Klot Äert Recht an!

Eis Partei huet eng klor Virstellung, wéi e Schoulsite auszegesinn huet. Mir hunn - dat ass elo scho méi wéi e Joer hier - en Alternativsite proposéiert. Den ADR huet nach ëmmer d'Wichtigkeet vun enger mënschlecher Dimensioun vun de Schoule betount. Mir stinn a fir kleng an iwwerbléckbar Schouleenheeten. Mir sinn awer och der Iwwerzeegung, datt eng Schoul an engem rouegen, gesonden a frëndlechen Ëmfeld ze leien huet.

Aus där éischter Iwwerzeegung eraus hu mir vun Ufank u virun engem iwwerdimensionéierte Projet gewarnt, wat d'Schülerzuel ugeet. Dofir hu mir eis och fir de Bau vun zwee neie kleng Lycéen am Kordall ausgeschwat: een zu Péteng an een zu Déifferdeng.

Déifferdeng hat jo schons e Site proposéiert, an esou kéint d'Hauptstad vum Kordall, déi ënnert dem Niddergank vun der Stolindustrie nach haut leid, opgewäert ginn. Ausserdeem géinge mir d'Escher Lycéen entlaaschten.

Well, an dat gëllt et ze bedenken, d'Bevölkerung net nëmme am Kordall mä am ganze Süden zënter Jore konstant klëmmt, a kuckt een déi aggressiv Expansionspolitik vun dëser Regierung, da wäert se an Zukunft nach vill méi rapid uwwuessen.

Aus der zweeter Iwwerzeegung eraus hate mir och en Alternativsite proposéiert: Am Gréngen, beim Bësch, a roueger Lag, zwar och um Rand vu Péteng, net wäit vun den CFL-Atelieren ewech. All Extrakäschte wéinst aussergewöhnlechen Ëmweltbelaaschtungen géingen do ewechfalen.

Den Areal wär däitlech méi grouss, géing an engem harmoneschen Environnement leien an um Schnëttpunkt vun den dräi Gemengen vum Kordall: Kärleng, Péteng an Déifferdeng.

(Interruption)

Ech schwätzen net vu Péteng, ech schwätze vu Kärleng.

M. Michel Wolter, Ministère de l'Intérieur. - Mir schwätze vum selwechte Site, mä ech fannen de Bësch just net.

M. Aly Jaerling (ADR). - Do läit e Bësch just hannendrun, ech kann lech herno de Plang weisen.

M. Michel Wolter, Ministère de l'Intérieur. - Ech mengen zwar, dass de Bësch an "de Jencken" ass. Ech mengen, dass Dir deeselwechte Feeler maacht wéi d'Sozialisten, dass Dir de Site an "de Jencken" an de Site an der "rue des Ateliers" amgaang sidd ze verwiesselen.

M. Ady Jung (CSV), rapporteur. - Den Här Jaerling wëllt eis an de Bësch schécken.

Une voix. - Den Här Jaerling gesäit vu lauter Beem de Bësch net méi.

M. Aly Jaerling (ADR). - Virun allem wär dee Site och konform zum Règlement grand-ducal vum 13. Juni 1979. D'CSV-DP-Argumenter géint den Areal hu mech bis haut nach net iwwerzeegen kënnen. E Bauperimeter léisst sech op mannst esou gutt erweideren, ewéi en Industriesite sech ëmklasséiere léisst. Terrainen loosse sech jo opkafen. Deen enken Tunnel, deen do ëmmer kritiséiert gëtt, ass bái wäitem net deen eenzegen Zougank zu deem Areal, an op e Joer weider oder manner kënnt et elo net méi un, no all deene bis elo verschwennte Joren.

Ech géif awer och soen, dass d'Sozialisten elo net brauchen hei de schéine Männchen ze maachen, schliesslech ware si jo mat an der Regierung an am Schäfferot zu Péteng, a si hunn de Site beim CFL-Gebai net gewollt, well en zum gréissten Deel um Kärlenger Territoire läit a well se léiwer deemools Kierchtuermpolitik gemaach hunn. Hätte se sech deemools fir dee Site entscheed, da bräichten se haut net ze demonstréieren an ze maachen, wéi wa se onschëlleg wieren, well de Gros vun de Preparatiounsarbechte fir den neie Lycée fällt an d'Period vun der CSV-LSAP Regierung a geet bis op 1994 zrëck, wou déi éischt Site - et waren der siwen - proposéiert an duerno och analyséiert gi sinn.

Och déi deemoleg Koalitioun am Péitenger Schäfferot hätt kënnen déi néideg Akzenter setzen, a mer sténgen haut net virun deem aarmséilegen Dilemma, deen dës Regierung eis elo heihinner geplättelt huet.

Här President, de Site um PED ass ze kleng. Ech hu schonn drop higewisen, mä, an dat gëtt vun de Majoritéitsparteien houvreg ervaigestrach, e gehéiert schonns dem Stat. E wär also méi bëlleg. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt duerch all déi néideg Investitiounen an de Kaméidenschutz de Projet sech ëm zech Milliounen wäert verdeieren. Dobäi muss een nach all déi néideg Arbechte rechnen, déi ufale fir de Site, deen ech als Ghetto bezeichnen, wéinstens e bëssen ze désenclavéieren.

Zwou ënnerierdesch Foussgängerverbindungen musse geschafe gi mat engem Käschtepunkt vu mindestens 40 Milliounen an eisen ale Lëtzebuerger Frangen, an dat hors TVA. Zousätzlech brauch de Site nach eng Foussgängerpasserell iwwert d'Collectrice. Dat wieren nach eng Kéier mindestens 25 Milliounen Frang.

Vun do aus muss een awer och nach weiderkommen. Déi néideg Terrainen, fir d'Verbindung zu den Uertschäre

vu Rodange a Péiteng hierzestellen, müssen deelweis nach kaaft ginn. Ausserdeem müssen, fir den eigentleche Site vun 3,1 ha voll exploitable ze maachen - bis elo sinn dat nëmmen 2,2 ha -, Installatiounen vun der SES versat an eng Leitung vun der AIR LIQUIDE verluegt ginn. Dat maachen erëm ronn 12 Milliounen Frang aus. Och müssen nach zwou Héichspannungsleitungen vun der SOTEL verluegt ginn.

Rechent een nach d'Käschten vun den néidegen Expertisen derbäi, dann huet de Stat scho wäit iwwer 400 Milliounen Frang ausginn, ier e kann drun denken, fir mat bauen unzefänken.

Firwat dass den LTMA trotz allem dohinner gebaut soll ginn, doriwwer kann een nëmme spekuléieren.

Et kann een awer déi Interëten, dat Gemauschels, dat alles, wat hannert den CSV-DP-Kulisse gespillt huet misse ginn, fir esou eng Décisioun duerchzedrécken, nëmmen ahnen.

Och vu gewerkschaftlecher a wirtschaftlecher Säit kann ee kritiséieren, datt hei eng Reserv vun Industrieterrainen, déi der Expansioun vun heemesche Betriber hätten dénge kënnen an esou enger laangfristeger Ofsécherung vun Aarbechtsplazen, elo zerstéiert gëtt.

Op alle Fall, Här President: D'Implantioun vun deem Lycée an och déi Aart a Weis, wéi d'Regierung hei virgaangen ass, widderspricht diametral allem, woufir meng Partei asteet.

Den ADR fuerdert d'Regierung op, awer nach, awer dann op eng seriö Aart a Weis, dee genannten Alternativsite ze considéieren. Et ass fir den ADR onméiglech, och nëmmen drun ze denken, déi Magouille hei matzestëmmen. E ass e Skandal. Ech géif souguer gäre behaapten, et wär eng Illegalitéit. Den ADR war, ass a bleift géint e Lycée op dëser Plaz.

All déi Betreffen, esouwuel d'Proffe wéi d'Schüler an e groussen Deel vun den Awunner, hu sech géint e Lycée op dësem Site zur Wier gesat. Den Dialog, deen d'DP versprach huet, fënnt nëmme mat der CSV hannert de Kulisse statt. A wien do schlussendlech Recht behält, dat ass wuel alleweil bekannt.

Den Dialog, an domadder d'Demokratie gi mat Féiss getréppelt an deene Betreffen hir Meenung violéiert.

Mir erliewen en typescht Beispill, wéi et an Zukunft hei am Land wäert fonctionnéieren: Despotismus anstatt Dialog, Bevormundung anstatt Demokratie!

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, déi Gréng kënnen de Projet de loi iwwert de LTMA an dëser Form net stëmmen, allerdéngs aus anere Considératiounen eraus wéi anere Leit hir, déi heibanne geschwat hunn.

Mir kënnen dat och rouege Gewëssens maachen, well grad déi Gréng hu virun zwee Joer e konstruktive Vorschlag hei gemaach, deen et erlaabt hätt, am Basseng vun der Kor gläich zwee Lycéen op valabel Siten ze bauen, ouni weder den direkte Betreffenen, nach de Gemengen, nach der sënnavoller Educatiounspolitik op d'Féiss ze trëppelen.

Ech wëll ons Haltung awer an enger logescher Suite d'idées presentéieren, fir d'éischt awer nach kuerz op d'Landesplanung am schoulesche Beräich agoen.

Säit aacht Joer ënnersträichen déi Gréng ëmmer d'Nécessitéit vun enger sënnavoller Landesplanung a Saache Schoulinfrastrukturen.

Mir hunn onzähleg Motiounen hei am Plenum abruecht, vun deenen der zwar vill ugehall gi sinn, awer a munche weéneeg oder näischt geschitt ass.

Ech rappeléieren e puer vun deenen ugeholle Motiounen pour mémoire:

- Eng Motioun iwwer pedagogesch Autonomie vum Lycée Mamer, déi deemools den Här Berger nodrécklech ënnerstëtzt hat.
- Eng Motioun iwwert d'Opsplécke vum Lycée technique vun Esch an zwee verschidden Etablissementen, eent zu Lalleng an eent zu Rämerech.
- Zwou Motiounen iwwert d'Schafung vun engem Lycée zu Réiden.
- Eng Motioun iwwert d'Schafe vun engem Lycée zu Klierf.
- Zwou Motiounen an eng Interpellatioun zu der Nécessitéit vun enger Planifikatioun am Beräich vun Infrastrukturen am EST.
- Mir haten eng Motioun abruecht, an déi och ugehall ginn ass iwwert d'Limitatioun vun der Gréisst vun de Schoulgebaier op maximal 1.200 bis 1.400 Schüler.
- Eng Motioun iwwert de gläichzäitege Vote vun engem Projet de construction an engem Projet de fonctionnement.
- Eng Motioun iwwert d'Décontaminatioun vu Sitë vu künftege Schoulgebaier, haaptsächlech am Kontext vun Terres Rouges.
- Schliesslech am Joer 2000 zwou Motiounen iwwert d'Opspléckung vum LTMA zu Péiteng an zwee Gebaier mat räsonnabler Schülerzuel op zwee acceptabel Siten zu Péiteng an zu Déifferdeng.

Déi Motiounen sinn all Keiers eestëmmeg ugehall ginn. Ech si souguer schonn e bëssen erschreckt, wéi vill Motiounen ugehall gi sinn.

Déi Gréng hu sech also säit engem Jorzéngt konsequent a logesch fir eng Infrastrukturpolitik a Saache Schoulbauten agesat. Si hunn net nëmmen eng reng Ofleh-

nung gemaach, wéi zum Beispill beim Schülerkonzentrationslager um Geesseknäppchen, mä si hunn och konstruktiv Virschléi gemaach.

Mir hunn en opportunistescht Aklénken an eng Nimby-Logik vermieden, hunn awer ausgefeilt Alternativen ugebueden.

Mir hunn och keng populistesch Ubiederung am Hibleck op e Wahlkampf gemaach, mä déi Gréng stinn zu hirer Meenung, och wa verschidden Aspekter vun där Meenung verschiddene Leit net passen.

Ech kommen no der Introduktioun dann zum Site PED vum Lycée technique Mathias Adam.

Déi Etüd vu Bâtiments publics vum 28. Mee 1997 ass iwwer siwe Sitë gaangen. All Siten haten Avantager an Désavantager, an et sinn dräi Siten zrëckbehale ginn:

- Den aktuelle Site, wou de Lycée de Moment ass.
- De Site "an de Jencken".
- De Site bei de CFL-Atelieren.

All déi dräi Siten haten Inconvénienten, an déi Etüd war vläicht e bëssen zevill sommaire, fir eng wëssenschaftlech definitiv Ausso ze erlaben.

Den aktuelle Site zum Beispill hätt bedeit, dass während dem Funktionement vum Lycée hätt missen ofgerappt an nei gebaut ginn. Dat ass natierlech, kann ee soen, zu Diddeleng de Moment amgaang.

De Site "an de Jencken" hätt endlos Prozeduren a Konstatatiounen mat sech bruecht. Dofir ass e fale gelooss ginn.

De Site bei de CFL-Atelieren ass eigentlech deen, deen am mannsten Inconvénienten an der Etüd vun 1997 opzeweisen hat.

Trotzdem huet sech déi nei Regierung ongewéinlech schnell fir ee vun den anere Siten decidéiert, déi eigentlech guer net méi zur Debatt stongen. Dat mannst, wat e ka soen, dat ass, dass de Choix fir de PED-Site op eng zimlech expeditiv Manéier geholl ginn ass, wou vun Transparenz an Dialog net schrecklech vill ze spiere war.

Et huet ee missen den Androck hunn, dass souwuel d'Regierung wéi d'Gemengen esou schnell wéi méiglech wollten zu engem Fait accompli kommen. Den Handlungsbedarf gouf nach méi ënnerstrach no enger Visite vu fënnf Membre vun der Educatiounskommissioun vun der Chamber am LTMA an an der Schoul Jencker, wou leider nëmme Vertrieeder vun de Fraktiounen CSV, DP an déi Gréng derbäi waren, esou wéi den Här Hoffmann.

Eng Rei vun Argumenter géint de Site vum PED si stéckhalteg, aner Argumenter sinn et fir eis manner, anerer souguer kontraproduktiv.

Dat éischt Argument: Et soll op een "ancien site industriel" gebaut ginn. Do kann een natierlech Argumenter

pro a contra fannen. Ech hunn zum Beispill en Argument opgegraff, wat och d'Initiativ opgegraff huet, an zwar dat vun engem Skandal vun enger Spillschoul an der Géigend vu Paräis, déi op e fréiere Site vun der Firma Kodak gebaut ginn ass a wou erhieflech gesondheetlech Schied opgetratt sinn. Vun enger Boulevard-Zeitung, "P.M. Magazin", gouf déi deemoleg gréng Ëmweltministerin Dominique Voynet folgendermoossen zitéiert: "On devra à l'avenir éviter de construire un établissement sensible, comme une école, sur un ancien site industriel, même dépollué."

Ech weess net, ob d'Mme Voynet dat deemools esou gesot huet. Wa se dat gesot hätt, muss ech soen, dass ech net domat d'accord sinn. A Frankräich ass d'Dépollutioun vläicht net esou seriö, mä an Däitschland, wou mir eis jo ëmmer orientéiert hunn, ass mir perséinlech kee Fall bekannt, wou een dépolluéierte Site industriel fir eng Schoul gesondheetlech Problemer mat sech bruecht huet, an ech hunn extra nach bei Spezialisten am Ruhrgebiet nogefrot, wou an deene fofzéng Joer, wou do Schoule gebaut gi sinn, dass natierlech jee no Sensibilitéit vun der Arichtung aneschters dépolluéiert ginn ass, nach ni e Fall, wéi bei der Usine Kodak a Frankräich, opgetratt ass.

Et ass also esou, dass ee sensibel Arichtungen op Industriebroochen installéiere kann. Natierlech muss d'Sanéierung jee no Affectatioun méi oder manner akribesch duerchgefouert ginn. Heiansdo geet souguer eng Sécherung duerch Ofdeckung duer, an anere Fäll muss natierlech méi seriö sanéiert ginn.

Zu Lëtzebuerg huet sech an de leschte Joren e breede Konsens erausgeschéit, fir déi Industriebroocher vun der Sidérurgie och fir aner Zwecker wéi fir nei Industrien ze notzen. Allerdéngs wär et duerfir nëtzlech, fir iwwer ee kompletten Altlastekadaster ze verfügen, fir renger Gewëssens kënnen ze entscheeden, wou sensibel Arichtungen wéi Schoulen oder Wunnunge kéinten hikommen a wouhinnet. Ech hat bei menger Interpellatioun zu den Industriebroochen, vum März 1999, doriwwer eng Motioun presentéiert, déi allerdéngs vum deemolege Minister Alex Bodry negativ beurteelt ginn ass. Wann déi Motioun ugeholl gi wär a wann se och duerchgezu gi wär, dann hätte mir elo vläicht ee gesamten Altlastekadaster an da kéinte mir méi mat rengem Gewëssen entscheeden, wou mir eng Schoul bauen a wouhinnet.

Mir hunn eis och als eenzeg Partei beim Vote iwwert d'Agora genau mat deem Argument enthalen, well mir onzefridde mat der Verantwortlechkeet fir d'Sanéierung vun den Altlasten op de Friches industrielles sinn. Mir sinn also net déi, déi géingen duerfir antrieden, blannemännerchers Schoulen oder Wunnungen op kontaminéiert Siten ze etabléieren. Allerdéngs wëll ech drun erënneren, dass zu Suessem eng schwaarz-gréng Koalitioun en Emplacement vun engem Lycée op der Friche Belval an d'Gespréich bruecht huet. Ech wëll drun erënneren, dass

zu Esch eng rosa-gréng-rout Koalitioun en Emplacement vun engem Lycée op der Friche Terre rouge an d'Gespréich bruecht huet. Ech wëll och drun erënneren, dass zu Esch eng rosa-gréng-rout Koalitioun den Emplacement vun enger Cité des sciences op der Friche Belval an d'Gespréich bruecht huet; eng Cité des sciences, déi op honnert Meter vun enger grousser Industrie sidérurgique, engem Elektrostolwierk an engem Walzwierk steet.

Duerfir wëll ech d'Kollegeninnen an d'Kollegen heibannen virdru warnen, op e grondsätzlechen negative Kurs géint Emplacementer op Industriebroochen anzeschwänken an domat verschidde Kollegen a Kolleginnen a Gemengen, mä awer och op nationalem Plang a Verleeënheet ze bréngen.

Mir krute jo Enn Februar, no diversem Nohaken als Deputéiert endlech déi ominös Etude de faisabilité iwwert de Site LTMA um Site PED, vum Juni 2000, zougestallt. Et huet e bësse laang gedauert, an d'Transparenz schéngt jo net nëmmen am Bauten- an am Educationnsministère zimlech schleierhaft ze sinn, mä och an der Gemeng Péiteng. Soit, op jidde Fall kann een engersäits feststellen, dass d'Kontaminatioun um Site reell ass an och importent Sanéierungsmaassnahmen a verschiddene Streech vum Terrain erfuerdert.

Allerdéngs weist déi Etüd vun der ITU-LUX vum Juni 2000, datt déi do gemoosse Wäerter net all ze vill alarméierend sinn, an ech zitieren: "Unter Berücksichtigung der Tatsache, dass Überschreitungen der relevanten Prüfwerte nur in den oberflächennahen Bereichen nachgewiesen werden konnten und im Bereich der Bohrungen B4, B5 und B6 keine oder nur geringfügige Überschreitungen der oPW 2 vorliegen, wird die Nutzung als Schulstandort aus altlastenbezogener Sicht für vertretbar gehalten.", also gëtt déi Etüd gréngt Liicht fir d'Etablissement vun engem Lycée op deem dote Site. Allerdéngs seet d'Etüd och, dass eng Rei vu Viraussetzungen genannt gi missten an erfüllt sinn, fir dass de Site onbedenklech genotzt gi kéint.

Ech zitieren der e puer: "..., dass im Rahmen der Bauarbeiten zur Schaffung der vorgesehenen Gebäude mit den unterirdischen Parkgeschossen ein großflächiger Aushub bis in eine Tiefe von mindestens 5 m durchgeführt wird; dass die Bereiche, welche nicht versiegelt werden im Rahmen der weiteren Planungen aufgrund der oPW 2-Überschreitungen detaillierter untersucht werden; dass Grundwassererfassungen nicht vorgenommen werden.", a weider seet d'Gutachte vun der ITU-LUX "Entnahme von drei weiteren Grundwasserproben und Durchführung einer gezielten Spurenanalytik auf Phenole". An dann och bei der definitiven Projektplanung, ech zitieren weider: "Durchführung von Bohrungen zur Baugrunduntersuchung, Durchführung von Baggersondierschürfen in den vorgesehenen unversiegelten Bereichen des Grundstückes, Erstellung einer Sanierungsplanung einschließlich Verwertungs-/Entsorgungskonzeption für die Aushubmassen."

Och wann also am Projet de loi e considérable Budgetsposte virgesinn ass fir Sanéierung, muss eiser Meinung no garantéiert sinn, dass déi Aarbechten éischters konsequent a rigoréis duerchgefouert ginn, allen Ufuerderunge vun der Etüd Rechnung gedroe gëtt an am Fall vun onerwaart optriedende Pollutiounen d'Aarbechten deementspreechend misste geännert ginn a souwuel déi lokal an national Autoritéite missten informéiert ginn. Ech déposieren an deem Sënn eng Motioun hei beim Här President.

Motion 4

La Chambre des Députés

- *saluant la détermination du Gouvernement à construire différentes infrastructures scolaires et universitaires sur des friches industrielles;*
- *soucieuse que l'emplacement d'une infrastructure scolaire sur un ancien site industriel ne porte nullement atteinte à la santé de la communauté scolaire;*
- *considérant les recommandations de l'étude de faisabilité concernant l'aménagement du site dans le PED du LTMA;*

invite le Gouvernement

- *à oeuvrer avec le plus grand soin lors de l'assainissement de friches industrielles en vue d'une reconversion vers des affectations sensibles;*
- *à suivre strictement les recommandations de l'étude de faisabilité du LTMA en vue de l'assainissement des parties sensibles du site;*
- *à pratiquer une politique d'information transparente dans le cas où de nouvelles pollutions apparaîtraient et à prendre les mesures adaptées en vue d'un assainissement raisonnablement amélioré du site.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Mir mengen also, dass dat Argument vum fréiere Site industriel nëmmen an deem Fall déeterminant fir de Choix vum Site si kann, wa sech géing erweisen, dass d'Pollutioun sech méi grave wéi ugeholl géing weisen. An deem Fall géinge mir fuerderen, entweder méi wäitreichend Sanéierungsarbechte virzehuelen, wa se esou wäitreichend sinn en Aval och vun der Chamber ze froen oder an deem Fall op eng besser Alternativ zrëckzegräifen.

Dat zweet Argument, wat och ëmmer an d'Welt gesat gëtt ass "d'Lag um Enn vun der Welt" wéi et an engem Flugblat heescht. Ech mengen, dass wann een de Projet kuckt d'Ubannung un den öffentlechen a privaten Transport net méi schlecht ass wéi op anere Plazen. Ech denken och, dass am Kader vun den oppene Grenzen ee künfteg och a Richtung vu méi Echangë mat Schüler a Schülerinne vun der anerer Säit vun der Grenz muss schaffen, an dass dat net onbedéngt dat allerbeschten

Argument ass, fir ee Lycée an den Eck op d'Grenz ze setzen. An da muss ee sech och froen, wou dann d'Lag um Enn vun der Welt vum künftege Lycée vun Terre rouge, beziehungsweise dee vu Belval ass, well déi zwee Lycéeën sinn nach bal méi no bei der Grenz wéi de Lycée zu Péiteng.

Dat drëtt Argument: De Lycée ass ze vill no bei der Bunn a bei der Strooss. Dat ass sécher wouer, mä dat gëllt och fir d'Alternativ, déi mir och ganz gutt fannen, vun de CFL-Atelieren. Allerdéngs muss een och soen, dass de fréiere Bauteminister, deen elo op de Site och do stoe gaangen ass, keng Hemmungen hat, de Geesseknäppche mat Lycéeën ze fëllen, wou jo just eng Autobunn, beziehungsweise e künftege Boulevard urbain, donieft ass. An och, wann ee genau kuckt, sinn déi meescht aner Lycéeën zimlech no bei Bunn a bei Strooss, ech denken u Mamer, Lampertsbierg, an och déi Lycéeën vun Terre rouge a Belval si ganz no bei künftege Stroossen.

(Interruption)

Dat véiert Argument ass dat vun der Inextensibilitéit vum Site. Do muss ech dem Här Zanussi Recht ginn, dass dat sécherlech och gëllt fir d'Sportinfrastrukturen. Ech hoffen, dass et awer net gëllt fir d'Extensioune vun de reng schouleschen Aktivitéiten, well mir jo schliesslech hei eng Motioun gestëmmt hunn, dass de Lycée soll eng maximal Kapazität hunn, an ech wëll net, dass de Lycée vu Péiteng spéider, souguer mat engem gudden Argument wéi d'Integratioun vum Préparatoire op méi Schüler wéi 1.400 géif ausgebaut ginn.

Dat fënneft Argument, wat och am leschten Text vun der Initiativ stung, ass dat vum Déplacement vun den Héichspannungsmasten. Dat fanne mir e gutt Argument, mä mir fannen dat och eng richtig Léisung, wann een Héichspannungsmaste muss aus engem Wunngebitt, wat jo ganz no ass, déplacéieren. Wann dat an engems geet, da soll een déi Dépenses och duerchzéien.

Schliesslech, dat sechst Argument, wat fir eis eigentlech dat vläicht interessantst Géigenargument ass, dass op deem Site nach Industrie sinn, déi um Gebitt vum PED schaffen. Awer och an deem Fall soll een net grundsätzlich domat argumentéieren, well wa mir dat doten als Argument huelen, da baue mir op Belval op jidde Fall keng Cité des sciences mat enger Universitéit, well méi no wéi do d'Stolwierk an d'Walzwierk ass, geet et jo bal net méi. Ech hu mech och an deem Fall erënnert, wéi mir de Lycée, den Neibau vum LTMD zu Diddeleng, haten, dunn hu mir an der Kommissioun e bësse kritesch Remarque gemaach, deen ass jo zu Diddeleng bannendra gemaach ginn, mat all deene Problemer, déi dat geschafen huet, a wéi ech dunn dräi Froe gestallt hunn, op eemol huet den Här Goebbels deemools ganz exaspéiert gesot: "Wësst Dir, Här Garcia, wann Dir nach dräi Froe stellt, da baue mir de Lycée vun Diddeleng an d'Industriezon an da sidd Dir roueg."

(Hilarité et interruptions)

Dat heescht, deemools huet de fréiere Bauteminister op alle Fall näischt dogéint gehat, fir e Lycée an d'Industriezon ze bauen. Ech hoffen awer, an ech ginn och dovun aus, dass de Schäfferot vun Diddeleng net mat där dote Proposition d'accord gewiescht wär.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dat do ass aktenkundeg net beluegt!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Dat ass aktenkundeg beluegt, Här Fayot. Dir kënnt dat roueg nokucken. Ech weess den Datum awer net auswenneg.

Et muss een awer allerdéngs, wann een elo um Bord oder an enger Industriezon baue wëllt, da muss natierlech onbedéngt drop geuecht ginn, dass déi Nuisancen, sief se reell oder potenziell, déi eben op enger Zone d'activité optrieden, sou wäit wéi méiglech vun de sensiblen Infrastrukturen ewech sinn oder ewech solle kommen. An duerfir wëll ech hei, net fir dee Projet nach eng Kéier ze verbessern, well mir si jo géint dee Projet, mä wann dee Projet scho gestëmmt gëtt, da soll een en awer nach verbessern, eng Motioun déposéieren, wou mir d'Regierung opfuerderen, all déi reell a potenziell Nuisancen aus den Alentours immédiats vum futur Lycée technique Mathias Adam ze eliminéieren an och a Concertatioun mat de Responsabele vum PED ze kucken, fir a moyen terme déi Entreprises, déi op dem Site sinn an déi reell oder potenziell Nuisancë presentéiere kéinten, mëttelfristeg vum Site ewechzekeréien, wéinstens zu enger sënnvoller Distanz zu dem Lycée, an dass een do eng Zort Pufferzon schaaft, wou nëmmen Etablissementer hikommen, déi wierklech weder reell nach potenziell Nuisancë presentéieren. Wann een natierlech wëllt all Lycée op fënnef Kilometer vun enger Industriezon ewechhalen, da baut een hei zu Lëtzebuerg kee Lycée méi.

Motion 5

La Chambre des Députés

- constatant que le site du futur LTMA se trouve dans les alentours immédiats d'une zone industrielle en fonctionnement;
- jugeant qu'une cohabitation entre des entreprises d'une zone d'activités et un lycée (technique) peut être viable à condition que la probabilité de nuisances réelles et potentielles pour le fonctionnement de l'école et pour la santé de la communauté scolaire soit réduite de la meilleure façon possible;

invite le Gouvernement

- à éliminer toutes les nuisances réelles et potentielles des alentours immédiats du futur LTMA;
- à oeuvrer, en concertation avec les instances responsables du PED, pour qu'à moyen terme des entreprises du site présentant des nuisances réelles et potentielles

soient délogées, respectivement installées sur des emplacements du PED aussi éloignées que possible du LTMA.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Konklusioun: Déi Gréng lehnen also dëse Projet manner aus prinzipielle Bedenken of, mä ganz einfach dowéinst, well zumindestens zwou besser Alternativen um Dësch lungen an einfach net berücksichtegt si ginn, an ech kommen op déi Alternativen dann ze schwätzen.

Déi zwou valabel Alternative lungen och säit mindestens zwee Joer um Dësch. Si hätten also kënne säit zwee Joer esou wäit kënne weidergefouert ginn, datt mir haut kéinten eng vun hinnen ofséinen, souguer vläicht eestëmmeg.

Déi éischt Alternativ ass déi vum Site bei de CFL-Atelieren. En ass souwuel an der Etüd vun 1997 zréckbehale ginn, mat relativ schwaachen Désavantagen, déi liicht kéinte behuewe ginn, mä och de rezente Memorandum vum Proffecomité huet nach eng Kéier iwwerzeegend duergeluegt, dass dee Site ganz vill Avantagé presentéiert huet, natierlech och Désavantagen huet, wéi all Site, dat hunn ech scho virdru gesot. Fir ons wär et also relativ probabel, dass mir och deem Site hätte kënne zoustëmmen, och wann d'Auslagerung aus dem Zentrum ons datselwecht Kappzerbrieche bruecht hätt wéi beim Projet PED.

Deen eenzeg Inconvénient schéngt also deen ze sinn, dass en zwar no bei Péiteng läit, mä leider um Terrain vun der Gemeng Bascharage.

(Interruption)

Sollt et also esou sinn, wéi hei ënnerstallt ginn ass, dass de Site virun allem net zréckbehale gouf, well an deem Fall de Buergermeeschter vu Péiteng säi Lycée verluer hätt, da géif ech dat eng relativ schappech Approche fannen, wann dat dann och esou stëmmt.

Une voix.- Et ass awer esou!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Besonnesch, well et hätt ee sech jo och kënne eeneg ginn, wéi d'Enseignanten et jo virgeschloen hunn, dorausser e Lycée intercommunal oder e Kordall-Lycée ze maachen. Dann hätt jiddferee säi Kierchtuerm a senger Gemeng behalen.

Déi zweet Alternativ ass deen ale Site vu Péiteng, nämlech dee Site, wou de Moment déi Schoul ass, deen eis am beschte gefall huet a Kombinatioun mat engem neie Site zu Déifferdeng. Mir haten, an dat huet den Här Zanussi jo och fairerweis gesot, de 7. Mee 2000, anläslech vun den Debatte vun der Lag vun der Natioun, eng Motioun preparéiert, déi d'Regierung opgefuerdert huet ze kucken, ob een net kéint déi grouss Offre scolaire am Kordall op zwee onofhängeg Gebaier, eent zu Péiteng, an eent zu Déifferdeng, opdeelen. Dat war deemools och éischer geschitt, an deemselwechte Geescht wéi den Här Zanussi,

nämlech aus der Suerg, dass wann dee Lycée effektiv nëmmen déi 1.300-1.400 Schüler hätt, da géif de Préparatoire a sengem Ghetto an der Schoul Jencker bleiwen.

Ech hat deemools déi Motioun net einfach hei déposéiert, mä ech hu se mat Kolleegen vun alle Fraktiounen ofgecheckt, an ausser der sozialistescher Fraktioun huet all Mensch déi Motioun ënnerschrifwen. Ech muss allerdéngs soen, dass se herno eestëmmeg hei ugeholl ginn ass.

M. Ben Fayot (LSAP).- Et ass kee vun eis gefrot ginn!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Dach, ech hat all Fraktioun gefrot, a si hunn all ënnerschrifwen ausser Är an du krut der op eemol eng Kéier am Slalom an dunn hutt der hei d'Hand gehuewen. Ech ka mech nach ganz gutt dorunner erënneren, mä egal wien se elo gestëmmt huet oder net, et ass op alle Fall näischt mat där Motioun geschitt.

(Interruption)

Duerfir hunn ech se an enger ähnlecher Form nach eng Kéier erabruucht, an zwar de 15. November am Joer 2000 bei den Debatten hei iwwert d'Infrastrukturen am Postprimaire. An deemools huet et geheescht: "... invite le Gouvernement à présenter les conclusions des travaux d'études demandés" - dat waren déi Travaux d'études, déi mir am Mee gefrot haten - "avec les arguments développés sur les avantages et les désavantages de la répartition sur des sites à Pétange et à Differdange." An hei, Eintracht im Tale der Kor, déi Motioun ass erëm eng Kéier eestëmmeg hei am Plenum ugeholl ginn. A wat ass geschitt säitdeem? Näischt.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dat muss lech dach misstrauesch maachen, Här Garcia! All déi Motiounen, déi eestëmmeg ugeholl ginn!

(Hilarité)

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Voilà! Ech hat meng Bedenke jo virdru schonn do geäussert.

Wat hätt also säit dem 7. Mee 2000 kënne geschéien? Et hätt ee kënne an engem raisonnablen Délai zu Déifferdeng ufänken ze bauen. A wann dee Lycée fäerdeg gewiescht wär, besonnesch, well an der Zwëschenzäit an der Gemeng Déifferdeng jo anscheinend Leit sech eens sinn, dee Lycée do beherbergen ze wëllen, wat virdru jo net ëmmer esou ganz eindeuteg war. Wann dee Lycée zu Déifferdeng fäerdeg gewiescht wär, dann hätt een Zäit gehat, déi ganz Schoulpopulatioun vu Péiteng op Déifferdeng iwwert d'Vakanz ze plënnere.

An der Tëschenzäit hätten all Etüden, Voten an Autorisatiounen fir deen heitege Site, deen ale Site vu Péiteng, fir do ze bauen, kënne ofgeschloss sinn, an dann hätt een direkt am Hierscht kënne ufänken zu Péiteng ze bauen. Innerhalb vun zwee Joer no der Fäerdegstellung vum Lycée

Déifferdeng hätte mir am Kordall zwee fuschnei Lycéeë gehat, déi sécherlech bei alle Bedeelegten positiv opgehol gi wären. Et ass mir nach haut schleierhaft, onverständlech a wat och ëmmer, dass do an deem Dossier näischt geschitt ass, well ech denken, dat hätten alleguerte Parteien heibannen an och um Terrain arrangéiert.

Ech ginn et awer trotz de Bedenke vum Här Fayot net op, fir erëm eng Kéier eng Motioun an deem Kontext ze déposéieren, an déi Motioun betrëfft natierlech och net méi de Lycée technique Mathias Adam vu Péiteng, well dee gëtt jo haut hei ofgeséint, mä ech invitéieren an dëser Motioun d'Regierung "à entamer des travaux d'études relatifs à l'emplacement futur d'une infrastructure de l'enseignement postprimaire sur le territoire de la ville de Differdange", well ech denken, dass souwuel an der Kommissioun d'Mme Minister gesot huet, dass näischt géing verhënneren, dass zu Déifferdeng géing e Lycée gebaut ginn, mä ech denken, dass mir an deem Dossier awer vläicht e bësse méi mat Transparenz a méi Geschéck virgoe sollen.

Motion 6

La Chambre des Députés

- *rappelant la motion votée par la Chambre en mai 2000 invitant le Gouvernement à étudier la répartition de l'offre scolaire du postprimaire du bassin de la Chiers sur deux sites distincts à Pétange et à Differdange;*
- *rappelant la motion votée par la Chambre en novembre 2000 invitant le Gouvernement à présenter les conclusions des travaux d'études demandés avec les arguments développés sur les avantages et les désavantages de la répartition sur deux sites à Pétange et à Differdange;*
- *considérant que l'offre scolaire au niveau postprimaire dans la vallée de la Chiers ne sera pas entièrement couverte par le nouvel établissement du LTMA;*
- *constatant la disposition unanime du conseil communal de la ville de Differdange à accueillir un lycée sur un terrain adapté de la commune;*

invite le Gouvernement

- *à entamer des travaux d'études relatifs à l'emplacement futur d'une infrastructure de l'enseignement postprimaire sur le territoire de la ville de Differdange.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

D'Konklusiounen also vu menger Interventioun: Déi Gréng stëmme géint de Projet, net aus prinzipiellen an och net aus opportunistesche Grënn. Mir sinn der Meenung, datt bei dräi Siten, déi am Gespréich waren, net onbedéngt d'Bronzemedaille hätten misste gewielt ginn. Zu den Avantagé vun engem Site gehéiert och, wann e vun de Betraffenen akzeptéiert gëtt a wann et elo eng Majoritéit fir dësen drëttklassegen oder drëttklasséierte Site gëtt, da soll

awer weinstens dofir gesuergt ginn, datt et keng Nuisancë fir d'Schoulpopulatioun um Lycée PED gëtt.

A wann ech elo kucken a gesinn, dass no zwou ee-stëmmeg votéierte Motiounen iwwert de Site Déifferdeng d'Regierung näischt ënnerholl huet, ass et scho bal egal, ob déi drëtt haut acceptéiert gëtt oder net, mä net nëmmen déi Déifferdenger hoffen, dass am Dossier vun hirem Lycée méi transparent, méi schnell a méi sënnvoll geschafft wäert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech mengen, bei dem Neibau vun dem LTMA, do ass net nëmmen ze kämpfe mat Allaaschten am Buedem, mä och mat Allaaschte, wat méi allgemeng d'Implantatiouns-politik vu Schoulraum an dëser Géigend ubelaangt, dobäi huet souwuel d'Kierchtuerms- wéi d'Lokalpolitik eng Roll gespillt. Dat ass schonn ugaangen an de 70er Joren, wou et drëm gaangen ass, fir e Gebai ze baue fir eng Mëttschoul, wat dann den LTMA ginn ass.

Et huet een elo nach mat deene Problemer ze kämpfen, well et schéngt, dass d'Auswahl vun där Plaz, wou deen neie Lycée soll hikommen, och elo nach belascht ass vun esou Considéeratiounen, wéi se schonn zu där Zäit gefouert gi sinn.

Ech wëll ganz offe soen, dass d'Léisung vun deem Problem relativ einfach gewiescht wär, wann, wéi virdu schonn ugedeit ginn ass, een e Lycée fir d'éischt zu Déifferdeng gebaut hätten an dann herno deen neien zu Péiteng an Ugrëff geholl hätten.

Wann hei an der Chamber Gesetzesprojete gestëmmt ginn iwwer Schoulneibauten, egal wou dat elo ass, da freeën déi sech, déi vun deem Neibau solle profitéieren, souwuel d'Léierpersonal wéi och d'Schüler an och esouguer d'Elteren. Et gëtt selten iwwert den Emplacement vun deem Gebai geried, villméi gëtt sech Gedanke gemaach iwwert d'Gréisst vum Schoulraum, iwwert d'Ariichtung vun de Säll, iwwert déi Mëtten, déi zur Verfügung gestallt ginn, wat déi besonnesch Ateliers oder wëssenschaftlech Laboratoiren ubelaangt. Dat ass an dësem Fall net esou. Hei spillt d'Implantatioun, de Site, déi wesentlech Roll, an dee Widerstand, deen an deem Zesummenhank ze vermierken ass, muss engem jo awer ze denke ginn, an dat an engem Mooss, dass een deem muss Rechnung droen.

Et kann een net einfach higoen a soen, dass all déi Argumenter, déi ugefouert ginn, net zielen, besonnesch dann, wann een aner Léisungsméiglechkeete gehat hätten, wéi se och elo vu mengem Virriedner scho méi am Detail duerbruecht gi sinn.

An deem Zesummenhank wëll ech eppes soen iwwert d'Implantatioun vu Gebaier oder aneren Ariichtungen,

eventuell och kulturellen Zentren an Industriebroochen oder an enger nach funktionéierender Industriezon.

An dem Gemengerot zu Esch war et eng Eestëmmegkeet, fir d'Implantatioun vun dem Neibau vun dem Lycée Hubert Clément op de Site vun Terres Rouges ze proposéieren, woubäi och gewosst ass, dass dee Site doudséchier polluëiert ass, mä en huet awer net direkt e prinzipielle Widdersproch ervirgeruff, well mer och wëssen, dass mer dee Site kënnen an déi Situatioun bréngen, dass e fir eng Schoul sech eegent.

Hei geet een awer iwwer all d'Argumenter, déi virbruecht gi sinn, fir déi Wahl do entweder réckgängeg ze maachen oder net ze exécutéieren, einfach ewech an dofir, mengen ech, dass dat net grad dee gudde Wee ass. D'Differenz tëschent enger funktionéierender Industriezon an enger Industriebrooch, déi besteet jo och doran, dass an enger Industriebrooch keng weider Aktivitéit méi ass, ausser wann een der dohëbréngt an déi ganz spezifesch plangt, während an enger funktionéierender Industriezon déi Situatioun jo ganz anescht ass.

Dofir hunn ech meng Bedenken, besonnesch wéinst deem Widerstand, deem ass, souwuel vun den Elteren, de Schüler wéi och vum Léierpersonal, fir dëser Léisung meng Zoustëmmung ze ginn, a well méi einfach an och méi schnell Léisungen do gewiescht wäeren.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Fred Sunnen.

M. Fred Sunnen (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, den Här Ady Jung, huet eis a senger eegener a preziser Manéier iwwert de Projet an d'parlamentaresch Aarbechten an der Kommissioun opgekläert. Ech wëll him e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Ech wollt mech a menger kuerzer Interventioun op d'Strukturen an déi eenzel Enseignementer beschränken, déi fir deen neie Lycée technique Mathias Adam virgesi sinn. Ech fannen et nämlech wichteg, dass och déi schoulesch Offer, déi d'Studenten an dëser Schoul virfannen, haut an hei duergeluegt gëtt.

Déi demographesch Entwécklung vun der Gemeng Péiteng an hiren Nopeschgemenge mécht kloer - an et ass schonn de Mëtteg verschiddentlech betount ginn -, dass de Bau vun engem neie Lycée technique an de leschte Joren ëmmer méi noutwendeg ginn ass. D'Zuel vun de Schüler am Primaire an de betraffene Gemengen ass déi lescht Jore vill an d'Luucht gaangen, an doriwwer eraus ass am Secondaire fir déi nächst Jore mat enger Erhéijung vu 35% vun de Schülerzuelen ze rechnen. Dës Entwécklung ass duerch eng ganz Rei vu Facteure bedéngt:

- Zum engen ass et den Zouwuess un neien Awunner an de Südgemengen, wou ëmmer nei Lotissementer gebaut ginn, virun allem an de Gemengen Déifferdeng, Péiteng a Käerjeng.

- Zum aneren ass et d'Entwécklung vum Solde migratoire, deem e weidert Uuwuesse vun der Bevëlkerung an de Südgemenge mat sech gezunn huet. D'Lycéeën an der Stad Lëtzebuerg an zu Esch stousse lues a lues op d'Grenze vun hire Kapazitéiten. De Bau vun engem neie méi groussen LTMA dréit an dësem Zesummenhank zu enger substantieller Entlaaschtung vun de bestoende Gebaier an zu enger Dezentraliséierung vum Enseignement secondaire bäi.

Compte tenu vun dëse Considératiounen ass de Bau vun engem Lycée mat am Ganzen 2000 Schüler justifiéiert. Um Site Péiteng selwer kommen 1.300 Schüler, wat eng gutt Zuel ass, scho bal e Maximum fir ee Gebai. Op de Site "Jencker" solle 700 Plaze kommen, dat vorwiegend fir de Cycle inférieur, dorënner och de Préparatoire.

Mat dëser Schülerzuel ass den LTMA ee vun eise gréisste Lycéeën.

Wéi gesäit et elo mat der Opdeelung vun deenen eenzelnen Enseignementer aus?

Den Enseignement secondaire, Cycle inférieur begräift zu engem Deel d'Klasse vum Classique, 7^e bis 5^e, an d'Klasse vum Technique, 7^e bis 9^e. Am Cycle moyen, Régime technique, ginn et Klasse vun 10^e an 11^e mat deenen dräi klassesche Standbeener, nämlech d'Division administrative et commerciale, d'Division des professions de la santé an d'Division technique générale.

Am Régime de la formation des techniciens gëtt et d'10^e an d'11^e, och an der Division administrative et commerciale an an der Division électrotechnique. Am Régime professionnel vum Cycle moyen hu mer d'10^e, d'11^e an d'12^e, am Apprentissage commercial, d'Section employé de bureau, esou wéi eng 12^e Section secrétariat. Dobäi kommen nach d'Klassen 10^e bis 12^e an der Section vente am Régime concomitant. Am Handwierk kënnt eng 10^e, Section des métiers de l'électricité, respektiv eng 11^e an eng 12^e, Section des électroniciens en énergie.

Den LTMA bitt doriwwer eraus och en éischt an en zweet Joer fir de CITP, de Certificat d'initiation théorique et pratique an der Section vente-alimentation grandes surfaces un.

Am Cycle supérieur hu mer eng 12^e an 13^e an der Division technique générale an an der Division administrative et commerciale.

Wat elo de Préparatoire, a virun allem de Modulaire ubelaangt, muss ee relevéieren, dass op de Klasse 7^e bis 9^e e Régime francophone fonctionnéiert, eng Klasse à orientation pratique an eng Classe d'accueil pour primo-arrivants.

Wat extra ervirgestrach muss ginn, dat ass d'Tatsaach, dass déi schwachste Jugendlech an eiser Gesellschaft ëmmer eng Chance am Péitenger Lycée kruten. D'Problematik ass bekannt. Et komme Schüler aus der Primärschoul an de Secondaire technique, well se den Alter vun 12 Joer

erreecht hunn. Dorënner sinn awer och déi, déi am véierten oder fënnefte Schouljoer op der Streck bliwwen sinn. Et ass schwéier, där Situatioun vun deene Jongen a Meedercher gerecht ze ginn, och an de Strukture vum Modulaire. Ech sinn der Meenung, dass een déi Defiziter do upake muss - ech hunn et schonn hei relevéiert -, wou se entstanen sinn, nämlech an der Primärschoul.

De Péitenger Lycée huet erkannt, dass een heiansdo besser huet, erëm ganz ënnen unzufänken, fir eng accélériert Alphabetisatioun duerchezéien, fir esou dëse Jugendlechen och eng Chance ze ginn. Déi sou genannt Alpha-Klasse si kreéiert ginn, a motivéiert Enseignanten hu mam Asaz vun der beschtméiglecher Pedagogik versicht, dass si eng Chance sollten hunn, och eng Formatioun maachen ze kënnen an domat e Beruff kënnen ze ergräfen, deen hinnen et erlaabt, sech hiert Liewen esou ze gestalten, wéi si et fir gutt fannen, ouni op een aneren ugewisen ze sinn.

Deenen Enseignanten, déi sech mat vill Méi a groussem Dévouement deene Schüler ugeholl hunn an nach ëmmer unhuelen, gehéiert e spezielle Merci.

Et kënnt, wéi ech elo opgezielt hunn, eng grouss Offer un Enseignement an den neie Lycée technique Mathias Adam. Ech wëllt an deem Kontext ervirhiewen, dass et wichteg ass, all Enseignement unzebidden an an engem Lycée ënnerzebréngen. Ech hat et a menger Interventioun iwwert de Mamer Lycée schonn ënnerstrach: Eis Schoulen a Lycéeën sollen de Kanner e Spigelbild vun eiser Gesellschaft vermëttelen. Si leeschten e wichtege Beitrag, fir de sozialen a solidareschen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft. Kanner, déi an der Schoul net esou gutt matkommen oder déi familiär Problemer hunn, maachen hire Wee am Modulaire an am Préparatoire. Et ass wichteg, dass d'Schüler vum Enseignement classique an technique, y compris de Préparatoire zesummen hiren Unterricht hunn, fir dass ee sech fir deen aneren interesséiert, och wat d'Erfahrungen, d'Problemer an de Milieu vun de Kolleegen ugeet.

Et ass mir bewusst, dass dëst vläicht en idealistescht Wonschdenken ass, mä d'raimlecht Zesummeleeën vun deene verschiddenen Enseignement verhënnert Elitismus a Kompetitiounsdenken. Hei sinn och d'Enseignante gefuerdert, fir mat aller Konsequenz matzezéien, fir d'ganz Strukturen ënner engem an deemselwechten Daach fonctionnéieren ze loossen.

Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech meng Interventioun ofschléissen an den Accord vu menger Fraktioun zum Projet bréngen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Err.

Mme Lydie Err (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net a menge Gewunnechten zu Schoul- oder Infrastrukturprojeten hei Stellung ze huelen, a wann

ech dat haut maachen, hunn ech dofir zwou speziell Ursaachen. Éischtens, well ech als Presidentin vun der Petitiounskommissioun befaasst war mat zwou Petitiounen; eng, déi vun den Enseignanten a vun de Schüler ausgaangen ass; an eng zweet Petitioun, déi vun der lokaler LSAP-Section ausgaangen ass. Mir hunn zesummen décidéiert, an der Petitiounskommissioun eng Instruktioun iwwert déi Sachlag vun deem Péitenger Lycée ze maachen, an zwar hu mer déi op d'Petitioun vun den Enseignanten an de Schüler hi gemaach, déi deeselwechten Objet hat wéi déi aner Petitioun. Mir hunn also fir d'éischt mat enger vun deenen zoustännege Ministerinne geschwat, mir hu mat de Fonctionnaire geschwat, mat de Proffen a souguer mam Direkter vun där Schoul.

Une voix.- A mat de Schüler!

Mme Lydie Err (LSAP). - A mat de Schüler. Jiddereen, dee bei där Sitzung dobäi war, konnt sech iwwerzeegen, dass et dem Direkter do wierklech ganz wichteg war, an dass et him déck gedoen huet, an där Fonctioun als Pétitionnaire vis-à-vis vu sengem eegene Patron an der Petitiounskommissioun ze setzen. Dat ass déi éischt Ursaach, firwat ech heizou schwätzen. Ech denken, dass ech duerch déi Instruktioun an der Petitiounskommissioun deen Dossier do kennen.

Déi zweet Ursaach ass, dass ech an deem Péitenger Lycée, wéi en nach net Lycée Mathias Adam geheescht huet, mä Péitenger Mëttschoul als Chargée de cours uganks der 70er Jore geschafft hunn, an dass et deemools schonn en Zoustand war, deen eigentlech net méi zouzemuude war.

Une voix.- Très bien!

Mme Lydie Err (LSAP). - Den Här Huss huet deiselwecht Zäit do geschafft an e kann dat bestätegen. Déi Schoul war vun Ufank un - dat muss ee soen - eng improviséiert Infrastruktur, déi net geméint war, fir ze daueren, an déi am Fong hir eege Liewensdauer entre-temps zweemol verduebelt huet, an dat zum Ongudden, wat d'Schüler wéi d'Enseignanten ubelaangt. Souwäit zu der Ursaach, firwat ech hei Stellung huelen.

Eng Rectificatioun un d'Adress vum Här Halsdorf wëll ech hei maachen, well och den Här Innenminister mech schonn drop ugesprach huet, an hei an engem Zwëscheruff gemengt huet, d'Sozialiste wieren zwar géint de Site, wéissten awer nach net, wou wat wier. Dir hutt den Zwëscheruff gemaach, Här Minister, an Dir hutt op deem Punkt: "Kuckt den Artikel!", a sou weider gesot. Den Artikel, dee vum Här Halsdorf ugeschwat ginn ass, an dee geschriwwen war - éischt Rectificatioun - net vum President vun de Jusoen, mä vum Secrétaire vun de Jusoen, dem Yves Kruchten, dee vu Péiteng ass, an deen déi Site ganz gutt kennt. A sengem Originalbréif, wéi en un d'Press erausgaangen ass, hei läit, ass de Site genau définiert: "Le site privilégié par les élèves et les enseignants sur l'ensemble des propositions, situé entre Nieder-

korn et Pétange, près des ateliers CFL de Pétange sur le territoire de Bascharage, ne semble avoir jamais constitué pour le bourgmestre et ses collègues une alternative réelle, puisque ses intérêts politiques locaux (Kierch-tuermspolitik) ont toujours prévalu."

Dat ass den Text vum Artikel, deen awer an "La Voix du Luxembourg" e bësselche gekierzt ginn ass. Duerch déi Kierzung ass da Folgendes erauskomm: "Il y a quelques années, c'est l'équipe même de l'initiateur du projet qui s'est obstinée à combattre un autre site possible prévu par l'ancienne majorité au Conseil communal et qui a envisagé l'implantation du lycée au lieu "an Éigent". Ce site" gëtt effektiv an der Zeitung weider gesot, an dat bezitt sech op den "an Éigent". Dës Zesummeffaassung vun "La voix du Luxembourg" stellt eng Dénaturatioun vum originale Brëif duer, deen iwwregens a senger korrekter Form an deenen aneren Dages- a Wochenzeitungen publizéiert ginn ass.

Dat just fir dem Här Innenminister ze soen, dass wann d'Sozialiste géint dee Site do sinn, se ganz genau wëssen, vu wat se schwätzen, dass se och déi aner Site kennen, an zwar net nëmmen déi, déi de Moment oder an deene leschte puer Joer an der Diskussioun waren. Mir Sozialisten, besonnesch déi aus dem Süden, kennen déi Site allegueren, déi an der Diskussioun waren. Ech soen lech, dass ech à titre personnel déi nämlech Präferenzen hu wéi déi, déi d'Jusoen hei ausgedréckt hunn, an déi par hasard och déi si vun den Enseignanten an den Eléven, déi an der Schoul zu Péiteng schaffen. Mir wëssen, dass dat elo spéit ass, mä ech kann lech vläicht och e Wuert Erklärung ginn, firwat dee Projet ënnert där virechter Regierung net weidergaangen ass. Et muss ee soen, dass nämlech och dee Site, dee vum Här Halsdorf an der Oppositioun deemools net gewënscht war, Désavantages hat; och do kann ee sech eens sinn.

De Site, deen elo an Diskussioun ass, huet evident Désavantages, an ech géif mech gären dem Här Garcia ralliéieren, fir ze soen, dass meng Bedenke géint dee Site net prinzipiell an der Tatsaach leien, dass en no bäi, oder matzendran - oder awer den Här Halsdorf hält jo ëmmer dodrop, dass e seet: - um Bord vun enger Industriezon läit, soe mer also: dass en um Bord vun enger Industriezon läit. Net haaptsächlech doduercher sinn ech dogéint, mä weinst der Manéier, wéi hei a Presenz vun engem aneren, drëtten a bessere Site, dee grad esou séier, wann net méi schnell hätt erschloss kënne ginn, trotzdeem déi Alternativ vum Site an der Industriezon gewielt ginn ass, dass hei net an Transparenz geschafft ginn ass, mat deenen Elementer, déi dës Site nun eemol erginn.

Ech denken, dass wierklech zu deem Site bal alles gesot ginn ass: wat seng Désavantages sinn, nämlech ofgesi vun der Industriezon, de Fait, dass e bei engem Rondpoint läit, dass d'Collectrice dolaanscht geet, dass de Kaméidi vun der Bunn déi aner Säit kënnt, dass et immens schwéier ass, als Foussgänger do ze zirkuléieren, an dass et nach vill méi

schwéier gëtt an enorm Sue kaschte wäert, fir déi Plaz do, déi excentréiert ass par rapport zu allen zwou Uertschaften aus der Géigend, eenegermoossen ze verbannen.

Ech fannen et dann och wierklech schued, wann ech da liesen, wat haut de Mëtten hei virun der Chamber ausgedeelt ginn ass: "...Auf konkrete Projekte angesprochen, meinte Herr Jean-Marie Halsdorf, er könne sich am heutigen LTMA-Standort ein Centre intégré pour personnes âgées vorstellen, also ein Altersheim mit Pflege-möglichkeiten etc. Die CSV-Fraktion vertrete den Standpunkt, dass ältere Bürger in die Nähe des Dorfkentrums, sprich des pulsierenden Lebens, gehörten." Ech fannen d'Argumentatioun eng Zoumuddung, dass déi al Leit, déi normalerweis gären hir Rou hätten, an den Zentrum gehéieren, während probéiert gëtt, déi jonk Leit, op d'gréng Wiss ze setzen.

Do kommen ech elo zu deenen eigentleche Schwierigkeiten, déi ech mat dësem Site hunn, an déi näischt mam Prinzip ze dinn hunn, dass en um Bord vun enger Industriezon läit. Wat ech wierklech den absoluten Hummer hei fannen, ass, dass kee Mënsch bis elo vun all deene Riedner dervunner geschwat huet, wat deen heite Site par rapport zu iergendengem anere Site vu Méikäscht mat sech bréngt, obschonns mer de Moment nach net genau wëssen, wéi héich dee Surcoût do ass.

Ech soen lech e puer Saachen aus deenen Etüden, déi mer hunn. Ee vun deene Problemer, déi ech haaptsächlech mat deem Site hei hunn, ass jo deen, datt refuséiert ginn ass, déi Sanéierungsetüd iwwert de Buedem, déi gefrot ginn ass an déi noutwendeg ass, an déi am Fong nëmme provisoersch gemaach ginn ass, virdrun, ier de Projet hei an der Chamber gestëmmt gëtt, ze maachen, well eis vun de Fonctionnaires an der Petitiounskommissioun gesot ginn ass, et wier keen Artikel am Budget do, deen et erlabe géif, approfondéiert Etüden ze maachen, ier de Projet gestëmmt wier.

Wann dat, Dir Dammen an Dir Hären, Transparenz an Dialogbereitschaft ass, da kann ee wierklech nëmme staunen. Et ass net nëmme keng Transparenz a keng Dialogbereitschaft: Et ass einfach eng politesch Décisioun, déi géint de gesonde Mënscheverstand geholl gëtt - net, well de Site do läit, mä well net alles, wat problematesch an dësem Site ass, gekuckt ginn ass, a well hei probéiert gëtt, deen enormen Iwwerpräis, deen duerch dës Site entsteet, ënnert den Teppech ze kieren. Och, wa Lëtzebuerg de Moment e räicht Land ass, fannen ech et net normal, dass e Lycée op enger Plaz gebaut gëtt, well et faisabel ass, wann ee genau weess, dass e bal eng hallef Milliard - wann net méi - kascht wéi deeselwechte Lycée op enger anerer Plaz. Ech weisen lech aus deene puer Etüden, déi mer hunn - an do feelt déi wichtegst, déi vun der Dekontaminatioun vum Buedem - e puer Präisser, an da ka jiddfree sech dorausser seng Rechnung maachen.

De Surcoût, deen aus der Etüd, déi vun der Péitenger Gemeng erstallt ginn ass, a bei där mer eis iwwert de Präis jo keng Gedanke maache mussen - dee geet eis jo an deem Fall näischt un, se huet awer op jidde Fall eppes kascht. De Surcoût vun där Etüd misst och an de Surcoût hei erakommen. Do geet notament Folgendes ervir: "Eng liaison piétonne souterraine sous la voix d'accès Lamadelaine-Rodange vers le terrain proposé pour le parking, dont le coût est estimé environ à 20 millions de francs, hors TVA; une liaison piétonne souterraine vers la future gare CFL pour environ 20 millions, hors TVA, une passerelle piétonne au-dessus de la collectrice pour environ 25 millions de francs luxembourgeois, hors TVA." - Lo si mer op 65 Milliounen. - "De plus il faudra procéder aux études de faisabilité..." - Net d'opportunité, bien entendu! - "...au déplacement d'équipements techniques présents sur le site: 1) Déplacement de la conduite d'eau, des champs d'anode et d'équipements connexes" fir ongeféier "7,5 millions de francs luxembourgeois, hors TVA; déplacement de la conduite d'azote et des équipements connexes appartenant à Air Liquide pour environ 4,1 millions de francs luxembourgeois, déplacement des conduites de haute tension appartenant à Cegedel, dont le coût n'est pas encore chiffrable..."

An déi Héichspannungspoteauen, déi op deem Terrain lo sou do stinn, dass keng Schoul dobäi gesat ka ginn, dat sinn der menger Meenung no - awer ech si kee Fachmann - weinstens véier. Wann dee Coût net emol hei indiquéiert ass, da gëtt et sécherlech dozou gutt Ursachen, an dat ass a mengen Aen och schonn erëm eng Verdunklungspolitik, well, wann hei mat oppene Kaarte gespillt géif ginn, da kéint ee genau ausrechnen, wat de Surcoût dann ass. Den Hauptproblem ass, dass d'Etüd iwwert d'Sanéierung vum Terrain nach net gemaach ginn ass, well jo anscheinend déi eréischt gemaach ka ginn, nodeem mir gestëmmt hunn. Mir wëssen net, wat déi kaschte wäert, a mir wëssen natierlech och net, wat eventuell dobäi erauskomm wier, a wat déi Dekontaminatioun vum Buedem, wou déi Schoul dann drop soll kommen, kaschte wäert.

Da liese mer awer - an dat ass am Fong och de Summum - am Projet de loi, ech liesen lech vir, op der Säit 3 vum Rapport vun der Kommissioun: "...alors qu'aucune pollution notable du sol n'a été détectée, un assainissement approprié du terrain est prévu." - Tu parles! Wann et net néideg wier, géif et dach wahrscheinlech net gemaach ginn. - "Une enveloppe budgétaire de quelque 3.720.000 Euro est prévue pour les travaux de préparation du terrain." Dat heescht, wann ech no Adam Riese dat richteg gerechent hunn, dass dat 230 Milliounen Frang fir d'Préparatioun vum Buedem kënnt. Mir wëssen net, wat d'Expertisé kaschten, mir wëssen net, wat den Déplacement vun den Héichspannungspoteaue kaschten, a mir sinn elo schonn op enger halwer Milliard Surcoût par rapport zu engem Lycée op enger anerer Plaz.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass, Dir Dammen an Dir Häre Kolleegen, och e Problem fir mech bei dësem Site, dass een esou eng Konstruktioun mat enorm héije Surcoût mécht, wann een eng Alternativ vun aneren Terrainen huet, wann datselwecht Gebai op enger besserer Plaz fir manner Suen hätt kënne gebaut ginn.

Och an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg wuessen d'Beem net an den Himmel, an et ass net normal, dass e Surcoût vun deene Montante wéi ech se lo genannt hunn, acceptéiert gëtt, a wou et menger Meenung no nach laang net duer geet, well mer nach e puer Inconuen dran hunn. Mir hunn do beispillsweis de Veloswee, fir dass d'Kanner an enger gewëssener Sécuritéit vun hirer Schoul soit op Péiteng, op Lamadelaine oder op Rodange fuere kënnen, deen nach net mat dran ass; den Tunnel fir op d'Gare ze goen ass net mat dran, den Tunnel, fir an d'Garagë vum Parking ze goen, an och net ...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

... d'Passerelle iwwert d'Collectrice. Wa mer dat alles zesammenzielen, da kann ee sech nëmme wonneren, wat dat eng Proportioun ausmécht par rapport zum ganze Coût vun dësem Projet, wéi e jo am Gesetz mat 4,3 Milliarden ugekënnegt ass. Ech schätzen, dass de Surcoût vun dëser Geschicht net wäit vun enger Milliard ewechläit. Wann een da kuckt, wat d'Basis ass, a wat een hätt évitéiere kënnen, da sinn dat fir mech jiddefalls inacceptabel Proportiounen. Aus de genannten Ursachen ass meng Partei an ech selwer géint dëse Site.

Mir sinn eis awer an eppes eens, dat ass, et presséiert, dass zu Péiteng gebaut gëtt. Mir froen eis awer, an ech froe mech dat mat lech, Dir Dammen an Dir Hären, och wann Der deemnächst an enger grousser Majoritéit trotz deene Chiffren an deenen Argumenter, déi hei virbruecht ginn, dee Projet stëmme wäert: Wat mécht et fir e Sënn, fir fir bal eng Milliard méi wéi op enger anerer Plaz eng Schoul hinzebauen, wou weder d'Schüler nach d'Elteren, nach d'Proffe wëllen, a wou muar, och wa se do steet fir en deiere Präis, eventuell keen eragoe wëll? A mengen Aen op jidde Fall net ganz vill.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e kontroverséierte Projet fënnt säin Enn an hoffentlech d'Zoustëmmung vun der Majoritéit.

De Bau vum Péitenger Lycée ass ganz sécher, wat seng Virgeschicht ugeet, e Musterbeispill, wéi et net soll goen. A wann ech den Historique maachen op eng aner Manéier, wéi en hei gemaach ginn ass, da wäert Der gesinn, firwat dass ech dat esou soen.

1994 war all Mënsch sech eens. Déi Péitenger Schoul, déi an de 60er Joren als Préfabriqué gebaut gi war, misst renovéiert ginn, an déi méi déif Analys iwwert den Zoustand vum Gebai huet zu der Konklusioun gefouert, dass eng ganz nei Schoul déi richteg Léisung wier.

1995 ass et du mat Plangen ugaangen am Baute-ministère, a fir d'alleréisch huet de Baute-minister de Finanzminister ugeschriwwen, fir nach Terraine bäize-kafen um Site selwer vun der Schoul. Déi éischt Projete waren also geduecht, fir um Site selwer ze vergréisseren.

1994 waren du véier Siten an der Diskussioun:

de Site vun der aktueller Schoul,

den Terrain am PED, deem deemools vum Minister Goebbels abruecht ginn ass,

en Terrain zu Lamadelaine,

en Terrain zu Nidderkuer,

jee, si sinn alleguer hei opgezielt ginn.

Et koumen am Verlaf vun der Zäit den Terrain zu Bascharage bei der Eisebunn bäi an deem an der Athuser Strooss, wou mer jo elo haut gesot kréien, dat wier déi Alternativ, déi hätten missten duerchgefouert ginn, wou-bäi jo gewosst ass, dass wéi mer am Baute-ministère Programmer ausgeschafft hate fir deem Terrain an de Jencken, sech eng Biergerinitiativ gegrënnt huet an de Stat net Propriétaire vum Terrain war.

1996 gouf de Programm ausgeschafft. Et goufen déi proposéiert Terrainen analyséiert an och de Minister vum Aménagement du Territoire, den Här Bodry, huet deemools eng Proposition gemaach. Et war déi, fir beim Kierfecht déi Schoul ze bauen, an en huet sech awer do d'Fangere verbrannt, well d'Schoul war och net mat där Proposition d'accord.

Eng öffentlech Versammlung, un där de Minister Goebbels an ech zu Péiteng deelgeholl hunn, huet erginn, dass eng vehement Opposition komm ass fir d'Delokalisatioun vun der Schoul vu Péiteng. Déi Schoul huet missen zu Péiteng bleiwen.

1998 freet de Baute-minister erëm bei de Finanzen, dass nach Terraine bäikaaft soll ginn zu deem Terrain an der Athuser Strooss. Am Mäerz 1999 hält d'Regierung d'Dé-cisioun fir de Jencker, dat heescht, de Préparatoire zu Déifferdeng weider als Schoulgebai bäizebehalen an décidéiert och d'Rehabilitatioun vun deem Gebai, dat an der Tëschenzäit de Stat jo vun der Gemeng ofkaaft huet.

De 17. Mee 1999 organiséiert sech d'Biergerinitiativ géint de Projet an de Jencken an et kann ee sech elo froen, firwat huet de Minister Goebbels net de Projet déposéiert. Dann hätte mer eng aner Diskussioun an der Tëschenzäit kritt. Dat ass awer net geschitt, an am September sinn erëm Containeren opgeriicht ginn. Dir Dammen an Dir Hären, dat ass jo e Wuert, dat haut an där Debatt net gefall ass, vu kengem. Jorelaang hu mer driwwer diskutéiert, dass et onzoumuttbar ass, dass

d'Schüler an de Containeren sëtzen. Hei gi mer 1999 nach nei Containeren opriichten, amplaz dass mer hätte sollen d'Dé-cisioun huelen an e Projet de loi, deem ausgeschafft war, ënnerbreeden.

Ech wollt mat dese puer Etappe weisen, wéi et hin an hier geet, an dat bestëmmt beim gudde Wëlle vu jidderengem, mä ech muss lech soen, bei esou Projeten notzt de gudde Wëllen näischt, wann näischt dobäi erauskënnt. Mat de Sozialiste war dese Projet net ze realiséieren. Dat hu mer gesinn. E war esou no bäi, mä et ass net zum Projet de loi komm, obschonnns dass haut de Sozialisten hiren Tamtam schlecht zu Gesiicht steet, well ech mengen, wann e bësse méi Stehvermögen do gewiescht wier, da wier et méiglech gewiescht.

Ech muss soen, de Minister Goebbels huet och deem Terrain vum PED an Erwägung gezunn, an en huet ganz bestëmmt d'Opposition bei der Schoul gefaart an en huet net drop zréckgegraff.

Dës Regierung huet sech fir Schoulneibauten eng aner Method ginn. Ech hoffen dofir, dass dat hei dee leschte Projet ass, dee mer op esou eng kontroverséiert Manéier hei diskutéieren, wou herno kee méi weess, wat da richteg am Dossier dran ass, wou dann Désinforma-tiounen kommen, well dat, wat zum Beispill d'Mme Err hei gesot huet, dat stëmmt net. Dee Poteau vun der Héichspannung brauch net geréckelt ze ginn. D'Schoul gëtt esou implantéiert, dass dee Poteau net brauch geréckelt ze ginn. Wa si vu Surcoute schwätzt, dann heescht dat net, dass déi Surcouten net bei anere Siten och do gewiescht wieren. Et kann een also net Äppel mat Bire vergläichen an esou e primitive Verglach dohinner stellen als en Argument fir en anere Site.

Elo zur Method vun deser Regierung. Mir hunn ze-summe mam Minister vum Aménagement du Territoire, mat der Educatioun, mam Transportministère a mam Baute-ministère et fäerdeg bruecht, fir no knapp enger halwer Regierungsperiod zu engem Plan sectoriel Lycée ze kommen an dee wäerte mer deemnächst ofseenen, en an der Regierung festhalen an da wësse mer, wéi mer déi Neibaute vun deene Schoulen, déi an deenen nächste Jore sollen ugaange ginn, dann och upaken.

Et ass evident, dass bei allem, wat de Stat baut, d'Gemengen e ganz wichtige Partner sinn. A wann d'Gemengen net matzeien, dann ass et net méiglech, dass een an engem Projet virukënnt. Mir hu gesinn, dass tëschen 1995 an 1999 d'Gemeng et net fäerdeg bruecht huet, en Terrain, deem ouni Opposition bei de Leit duerch-gaange wier, ze proposéieren.

Et as also dem Asaz vum neie Schäfferot, deem mer et verdanken, dass mer virukomm sinn. An, Dir Dammen an Dir Hären, bei deser Schoul handelt et sech wierklech ëm en dréngende Besoin. Ech hunn hei e Rapport, vun deem och net geschwat ginn ass, vun 1996. Do steet dran: "En raison d'une vétusté flagrante, d'un manque

de capacité, d'une infrastructure inadaptée aux besoins actuels, il est envisagé de restructurer le lycée".

Also, déi Argumenter vu Salubritéit, vu Sécuritéit a vu Confort beim Schoulhalen, si leschten Enns déi, un déi mer eis sollen halen, wa mer iwwert d'Urgence vun enger Implantatioun diskutéieren. Ech si frou, dass mer konnten an der Regierungsequipe, mat der Awëllegung vum Minister Grethen als Minister vun der Economie, deen d'accord war, dass deen Terrain aus dem PED fir déi heiten Zwecker gebraucht géif ginn, an och mat der Mme Brasseur hirem Stehverméigen, beweisen, dass mer duerchaus capabel sinn, fir wichteg Décisiounen schnell ze huelen.

Ech muss soen, dass ech den Ausféierunge vum Här Halsdorf, wat d'Awänn vun de sozialistesche Politiker ugeet, näischt bäizefügen hunn. Et ass leschten Enns awer och fir des Regierungskoalitioun e schéine Succès. Mir hunn hei gewisen, dass mer an 2,5 Joer mat der Demokratescher Partei zesummen e kriddelege Projet konnten développéieren, well jidderee wousst, ëm wat et gaangen ass, a well déi Leit och zu hirem Wuert stongen, déi mer gebraucht hunn.

(Interruptions diverses)

Wa mer jidderee froe ginn, wou en da gär seng Schoul hätt, da fäerten ech, da baue mer keng Schoul méi. Ech sinn der Meinung, dass d'Politiker do sinn, fir Responsabilitéiten ze huelen, an dass net fir näischt den Här Halsdorf 47% bei de Wahlen zu Péiteng kritt huet an dass en dofir habilitéiert ass, fir am Numm vun engem groussen Deel vun der Bevëlkerung ze schwätzen.

Elo ass déi Analys vun deem Terrain och am Bericht vun 1996 gemaach ginn, an zwar liesen ech lech och do vir, wat an de Konklusione steet fir deen Terrain am PED: "Configuration et surface parfaite, toutefois" soe se dann, misst eng Analyse détaillée du sol gemaach ginn. "Accès parfait à partir de la collectivité, implantation évitant toute perturbation avec les habitants de la commune, réalisation des travaux sans perturbation".

An déi, déi mengen, mir kënnen eng Schoul op engem bestehende Site nei bauen a virun dra Schoul halen, déi solle sech emol esou e Modell ukucke goen. Déi sollen emol kucke goen op de Lampertsbiërg wéi laang et do gedauert huet. 12 Joer laang hu mer do un engem Chantier geschafft, an en ass nach net fäerdeg.

Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, hei huet d'Regierung hir Responsabilitéit geholl. Mir wäerten dee Site do natierlech esou bebauen, dass en net herno wéi e Site op der grénge Wiss ausgesäit, ouni Beem an ouni agreabel Gréngfläche ronderëm. Wat déi Buedemanalysen ugeet, wou mer eng sommaire Analys gemaach hunn - well dat muss ee jo och soen, de Site hat ni eng industriell Aktivitéit. Et war ni eng Schmelz op deem Site. Et ass also ni do mat Schwéiermetaller geschafft ginn. Dat, wat do läit, si Schlaken, déi vun der Eisebunn vun de Schinnen hier-

kommen, déi do als Material gebraucht si ginn -, esou wäerte mer op jidde Fall déi Analysen esou maachen, wéi se gemaach musse ginn.

Et steet fest, dass mir fir Planungen - dat muss den Här Krecké jo da wëssen, an e muss sech dat a senger Kommissioun och emol op der Zong zergoe loosse -, mat eisem jetzege Fonctionnement vu Contrôle a Budgetszwang, net d'Gelder hunn, fir esou grouss Analysen ze maachen, an dass mer dofir de Vote vum Projet de loi ofwaarderen.

Ech komme gär bei d'Chamber erëm, fir dann ze soen, wat d'Resultat vun der Analys ass.

Den Här Zanussi huet der CSV-Schoulpolitik eng aussergewöhnlech gutt Bonnote ginn, wéi en hei de Régime préparatoire esou gelueft huet, well ech erënneren drun, dass dat Gesetz vum Marc Fischbach war, a fir de Préparatoire am Jencker zu Déifferdeng setzen ze loosse, dat schéngt mer net d'Absicht vun der Mme Unterrechtsminister, well elo schonn ass en Architekt beoptraagt, fir eng Etude de faisabilité ze maache fir de Jencker. Dofir ass dem Här Garcia seng Motioun sans objet. Et deet mer leed, déi kann ech net unhuelen. Mir wäerten an 2,5 Méint wëssen, ob fir de Jencker eng Renovatioun vum Gebai oder en Neibau muss virgesi ginn. Ech denken, dass mer mam Här Buergermeeschter vun Déifferdeng a mat sengem Schafferot deemnächst och wäerten zesummenkommen, fir dat do ze diskutéieren.

Et steet also näischt enger Regelung an de Féiss, fir tëschent Péiteng an Déifferdeng mat zwou Schoulen, déi an engem neien Zoustand sinn, eng Schoulpolitik ze maachen, déi sech vertrieide léisst an déi qualitativ déi beschte Garantie gëtt.

Dat gesot, Här President, soen ech natierlech all deene merci, déi gehollef hunn un deemem Projet schaffen, absenz der Bautekommissioun. Mir hätten de Projet jo schonn éischter kënnen stëmmen, wann ech net do eng aner Verflüchtung gehat hätt.

Ech soen all deenen, déi herno e konstruktive Vote wäerte ginn, merci, a wéi gesot, fir d'Zukunft gëtt d'Planung zesummenhängend an domadder och an Ofsprooch mam Ministère de l'Aménagement du Territoire, dem Transport a selbstverständlech der Educatioun gemaach. Well dat wëll ech och nach soen: Wann hei gemengt gëtt, ech géif net äntweren op Bréiwer, dann hunn ech dofir deene Leit eng Explikatioun ginn, well ech wëll net, dass zwee Ministère géinteneen ausgespillt ginn, an ech wëll net, dass, wann d'Mme Unterrechtsminister fir de Programm zoustänneg ass, dass se dann hoffen, wa se net duerchkommen, bei de Bauteminister ze kommen. Ech maachen dat net an ech hunn hinnen dat och ganz kloer gesot.

Ech kréien de Programm vum Unterrechtsministère an da baue mer, an da këmmere mir eis am Bauteministère ëm déi technesch Saachen an ëm déi baulech Saachen, awer fir den Inhalt sinn ech net den Usprichpartner.

Dat gesot, soll do keen den Dialog an d'Feld féieren. Ech mengen, hei ass vill geschwat ginn, laang geschwat ginn. Ech war Gott sei Dank déi Period virdrun dobäi, well soss hätt ech net gesinn, wéi dat do géif ausgoen, wa mer net déi Décisioun géifen huelen a virumaachen.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Unterrichtsmi-
nistesch, d'Mme Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn am Fong den Ausféierung vum der Mme Hennicot, déi e privilegierten Témoin ass vun der Entwécklung vun dësem Projet, net vill bäizefügen. D'Mme Hennicot huet den Historique ganz komplett gemaach, an et ass kee besser placéiert wéi si, als mäi Virgänger an der Education nationale a jetzege Baute-
minister, fir deen Historique ze maachen.

Wann ech den Historique kann aus menger Siicht maachen, da gëtt e vill méi kuerz, well dat geet 1999 un. Deen éischte Kontakt, deen ech mat enger Schoul hat, dat war de Pétenger Lycée. Ech krut e Cri d'alarme vum Pétenger Lycée, vu sengem Direkter, dass d'Infrastruk-
turen an esou engem schlechten Zoustand wieren, sou dass déi éischt Visite, déi ech gemaach hunn, an de Pétenger Lycée war, an ech konnt mech iwwerzeegen, wéi schlecht déi Infrastrukture sinn, souwuel zu Péteng selwer, wéi och zu Déifferdeng um Jencker.

Dat ass enger Schoul net würdeg, dat ass dem Enseigne-
ment net würdeg an dat ass de Kanner, déi do an d'Schoul ginn, hira bestëmmt och net würdeg. Ech hu mir dunn den Dossier ugekuckt, an déi Situatioun déi mer do hatten: e Projet de loi, dee fäerdeg war, deen den Här Goebbels als Baute-
minister ausschaffe gelooss hat, mä deen net déposiert gi war, e Projet de loi, deen de Site "an de Jencken" zu Péteng virgesinn huet. Dono kouw den Oktober 1999 mat de Gemengewahlen, an et kouw eng nei Gemengemajoritéit. Den Här Halsdorf huet mat sengem Schafferot eng Entrevue bei mir gefrot, eng Entrevue, déi mir hatten, a si hu mir gesot, si kéinten als Gemeng net d'accord si mam Site "an de Jencken". Et wor och e Problem vum Terrain, deen dem Stat net ganz gehéiert huet, an d'Gemeng Péteng géing deen Terrain net reklasséieren, mä si géingen ons een anere Site proposéieren, nämlech deen am PED. Wou-
rophin ech du Kontakt mam Ekonomiesminister geholl hunn, deen d'accord war, dass de Stat deen doten Terrain da géing huelen, fir eng Schoul ze implantéieren.

Wann elo gesot gëtt, hei géing net demokratesch verfuer ginn, da muss ech froen: "Wien ass den Usprichpartner op der Plaz?" Dat sinn d'Gemengen! Mir schwätze sou vill vu Gemengenautonomie, da schéngt et mer normal ze sinn, dass d'Majoritéit vun enger Gemeng awer kann hiet d'Wuert mat rieden, well et si si jo, déi den Terrain musse

reklasséieren. Um Terrain vum Site PED waren eng Partie Nuisancen drop, an et ass vill heivun diskutéiert ginn.

Gleeft mer, wann ech net iwwerzeegt wier, dass all déi Problemer kënnen technesch geléist ginn, da wier ech net mat deem Site d'accord gewiescht. Well ech awer weess, dass Urgenz ass, muss elo eng Décisioun geholl ginn. D'Etüd vum Här Goebbels iwwert déi verschidde Siten ass vun 1997. Mir schreiwen elo d'Joer 2002. Jo, da muss een och Décisiounen huelen, well ech sinn iwwerzeegt, dass bei all deene Punkten, déi opgeworf gi sinn eng Léisung dran ass.

Am Ufank war et d'Héichspannung, dunn ass eis gesot ginn: "D'Héichspannung ass op enger Distanz, dass all Réglementatioun et erlaabt, dass een eng Schoul do baue kann." Dunn ass geschwat gi vum Champ anodique; dee gëtt geréckelt! Duerno ass geschwat gi vum Kaméidi. Jo, Kaméidi ass do, mä technesch kann een dat léisen. Et ass geschwat gi vum der Pollutioun vum Buedem, et huet sech awer erausgestallt, dass déi net esou grave ass an et sinn och Sue virgesinn, fir den Terrain an deen Zoustand ze setzen, dass ee gudde Gewëssens kann eng Schoul drop opbauen.

Bei all deene Punkten ass bewise ginn, dass eng Léisung dran ass. An dunn hunn ech als Educationminister gesot: "Wann dat do méiglech ass, da sinn ech mat deem dote Site d'accord!", well et muss een an der Politik Responsabilitéiten huelen, et soll een nolauschteren, et soll een diskutéieren an dialogéieren, mä et muss een och eng Kéier eng Décisioun huelen. An déi Décisioun hunn ech geholl en âme et conscience, an ech war duerfir mat dësem Projet d'accord. Bedenke géint all déi Argumenter, déi virbruecht gi sinn, hunn ech haut keng. Wann ech kee gutt Gewëssen hätt, dann hätt ech bestëmmt net gesot, dass mir dee Site do zréckbehale sollen.

Une voix.- Och net bei der Sportinfrastruktur?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale de la Formation professionnelle et des Sports.- Ech hunn nach net op all Punkte geäntwert!

Et gëtt natierlech da gesot et misst ee virun dialogéieren. Dat ass ganz richtig. Ech hat och eng Entrevue mam Comité vum den Enseignanten. Da gëtt gesot, dass ech deeselwechten Owend e Statement op der Télévisioun ofginn hätt. Jo, wann d'Press e Statement freet an et huet een eng Meenung, da soll een déi awer wierklech och soen, well ech fannen d'Éierlechkeet verlaangt dat awer vun engem, an net dass een eppes anescht seet wéi déi Iwwerzeegung, déi een huet.

Nodeem d'Regierung décidéiert hat, de Projet esou ze déposéieren, nodeem mir en déposiert hatten an nodeem mir an deenen zwou Kommissiounen waren, d'Mme Hennicot an ech, der Educationskommissioun an der Petitiounskommissioun - an ech wëll dem Rapporteur och villmools merci soen, wéi och der Presidentin vun der Educationskommissioun, souwéi de Membere vun deenen zwou Kommissiounen -, wou mir

diskutéiert hunn, do fannen ech, dass mir awer hei wierklech esou en âme et conscience iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, mä dass een iergendwéi eng Kéier awer zu enger Konklusioun komme muss.

Wéi mir dunn zu der Konklusioun koumen a wéi de Projet och presentéiert ginn ass vum Responsable vun de Bâtiments Publics an der Chamberskommissioun hat ech gemengt, et wier gutt, en accord mat der Mme Hennicot, dass och d'Leit vum Péitenger Lycée selwer de Projet géingen exposéiert kréien, esou wéi d'Regierung e virgesinn hat. An dat, virun dësem Vote, well an deem Projet och eng Partie Äntwerten op Befierchtungen dra waren.

Déi Réunioun huet och stattfonnt, mä mengen Informatiounen no waren do nëmme 17 Leit aus der Schoul, déi aner sinn net dohinner komm, well si hu matgedeelt, si wëllten net an eng Réunioun kommen, dat hätt näischt mat de Beamten ze dinn, déi an där Réunioun Explikatiounen ginn hunn, mä dat wär e Protest géint d'Politik vun der Regierung. Ech muss lech soen, wann een d'Argumenter net nolauschtere wëllt, dann ass et natierlech schwier, well an deem Projet hei jo awer eng ganz Partie Punkte sinn, déi eng Äntwert op d'Kriticken duerstellen, déi am Virfeld bruecht gi sinn.

(Interruption)

Da muss ech lech soen, dass eppes mech wierklech net frou mécht an der Ausernanersetzung. Ech verstinn, dass een eng aner Meenung huet, ech verstinn och, dass een déi verteidege wëllt, mä et ginn awer wierklech Limiten an den Här Halsdorf huet et virdrun ugeschnidden. Ech muss lech soen, dass ech erféiert war, wéi ech eng Enveloppe krut vum Lycée technique Mathias Adam Affranchissement par forfait, also op Käschte vun der Schoul, adresséiert un een Deputéierten - ech huelen un, dass déi aner Deputéierten dat dann och ënnert där Form kruten -, also offizielle Courrier vum Stat, wou dann en Dépliant dra war, en Dépliant mat enger Karikatur géint de Projet vum Lycée technique Mathias Adam.

Eng Karikatur, déi wierklech fir den Här Halsdorf alles anescht wéi favorabel ass an och net fir d'Mme Hennicot, an ech muss lech soen, och wa se dra schreiwen: "Il ne reste plus que l'amertume, la satire et le rire jaune." Dat do, dat ass keng Satir, ech wëll mech beim Här Halsdorf a bei der Mme Hennicot entschëllegen, well ech si Responsable vun der Education nationale an ech entschëllege mech, dass dat hei op eng Aart a Weis geschitt ass, och nach am offizielle Courrier vun engem Lycée, dat ass eng Virgehensweis, déi ech als Minister natierlech net guttheesche kann, an et deet mer Leed, dass et zu esou engem Ecart komm ass. Ech hoffen, dass déi zwee Concernéiert meng Excusen akzeptéieren.

(Interruptions)

Mir brauchen nei Schoulen, jiddfereen ass sech deess bewosst. Mir brauchen nei Gebaier an et ass dréngend, et ass en Noutstand do, an all Kéiers, wa mir d'Décisioun

huele müssen iwwer eng nei Schoul, da ginn d'Diskussiounen vun de Siten erëm un, an duerfir wäerte mir elo awer am Plan sectoriel virukommen. Am Plan sectoriel wäerte mir dann och eng Standardisatioun vun de Schoulgebaier virhuelen, sou dass mir duerno méi séier virukommen.

Et sinn e puer Punkten ugeschnidde ginn, déi elo méi spezifesch d'Education betreffen: Dat eent ass de Préparatoire. De Préparatoire ass e Stéck vum Secondaire technique, dat steet esou am Gesetz an dat gëtt och duerch dëse Projet net geännert. Mir hunn eng Partie Schoulen, déi hunn de Régime préparatoire an anere Gebaier, déi si ganz zefridden domat an dat fonctionnéiert zu hirer Zefriddenheet an där vun de Schüler. Beispillsweis de Lycée technique du centre huet eng Annexe an der Avenue Pasteur, huet eng Annexe um Kierchbiert an d'Enseignante selwer sinn och mat där Solutioun net onzefridden.

Wa mir elo haut hei e Projet votéiere fir den Neibau vun engem Lycée zu Péiteng, dann ass dat net determinéiert, wellech Klassen an deen dote Lycée kommen. Ech wëll och soen, dass am Exposé des motifs e Feeler ass, déi 700 Elève kommen natierlech net op de Jencker, dee Site um Jencker léisst dat selbstverständlech net zou, mä mir müssen, nieft deem Lycée hei zu Péiteng, nach an där doten Agglomératioun Schoulinfrastrukture bauen. Elo hu mir déi um Jencker, mä déi ginn och net duer, sou dass mir, an d'Mme Hennicot huet et elo grad gesot, ons net verschléissen, zesumme mat der Gemeng Déifferdeng no enger Léisung ze kucken, fir och dann där Motioun gerecht ze ginn, vun där den Här Garcia elo grad geschwat huet.

Wellech Schüler awer wouhin da kommen, dat ass d'Organisatioun vun der Schoul. Hei stëmme mir iwwer e Bau of, hei geet et net ëm d'Localisatioun vun deenen engen oder deenen anere Klassen, wou déi hikommen.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Dat ass awer ganz nei!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale de la Formation professionnelle et des Sports. - Neen, et ass net nei! Ech weess net, den Här Zanussi hat mir am Ufank vu mengen Ausféierungen elo net nogelauschtert. Neen, e war am Gespréich mam Här Fayot. Ech hat lech jo am An, Här Zanussi!

Ech wollt domat ënnersträichen, dass mir hei bei engem Bau sinn an net bei der Organisatioun vun der Schoul. Ech wollt der Chamber matdeelen, dass nodeems déi Schoul fäerdeg ass selbstverständlech d'Opdeelung vun de Schüler anescht gemaach gi kann. Et sinn och beispillsweis Schoulen, déi d'Klasse vum Cycle inférieur zesummen op enger Plaz hunn, well net alles op ee Site geet. An ob dat am Cycle inférieur Préparatoiresklassen oder Techniquesklasse sinn, dat ass secondaire, mä si sinn do einfach raimlech getrennt aus organisatoresche Grënn. Dat wollt ech zum Préparatoire soen. Mir maachen also hei kee Ghetto, um Gottes Willen! Dat ass wierklech net d'Intentioun vun der Regierung.

M. le Président.- Mme Minister, den Här Zanussi wëllt lech eppes froen.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, ech wollt just d'Mme Ministerin nach eng Kéier froen, well déi Fro vum Préparatoire mer wierklech um Häerz läit an ech wär frou, wierklech eng kloer Äntwert vun der Mme Ministerin ze kréien, ob si dann och der Meenung ass, dass d'Gesetz, wat mir 1994 iwwert de Préparatoire gestëmmt hunn a wat zum Zil huet, dass d'Kanner, och déi aus dem Régime préparatoire, raimlech mat deenen anere Schüler an enger Schoul am beschten integréiert si sollen, ob dat hir Meenung ass oder ob dat se net ass? An ob et, oder ob et hir Meenung ass, dass een de Schoule fräie Laf soll loossen, wéi se hir Schoulen organisieren, op ënnerschiddleche Siten oder op engem Site? Dat wär eng wichteg Prezisioun, eng politesch Ausso vun der Mme Ministerin an där dote Fro ze kréien, déi war bis elo nach net esou kloer.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale.- Ech hu virdru gesot: "Et wier un de Schoulen, sech esou ze organisieren, wéi et am beschten ass." Ech si kee Frënd vun Décisiounen, wou eng politesch Décisioun vun uewen eroffält a gesot gëtt: "Dat ass elo applicabel."

M. Marc Zanussi (LSAP).- Sou maacht Dir et dach hei mat deem Lycée, vun uewen erof!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale de la Formation professionnelle et des Sports.- Jo, vun uewen erof. Wësst Dir, wann e Gemengerot der Meenung ass, an dat ass jo d'Majoritéit vun enger Gemeng, en Terrain ze reklassieren, fir do e Lycée ze bauen, no all deenen Argumenter, déi mir héieren hunn, da kann een net soen, dat wär vun uewen erof, well gleeft mer, wa mir géinge Politik maachen, wou mir all Einzelne géinge froen, wann dat méiglech wier a mir géingen dat maachen, da kéinte mir d'Chamber opléisen, well dat wär d'Enn vun der Représentation parlementaire.

An ech mengen, dass dat awer zu näischt féiert, well mir dann ni zu enger Décisioun komme kënnten. Dialog jo, awer nom Dialog muss eng Décisioun kommen. Dofir si mer gewielt ginn an dofir huele mer och ons Responsabilitéit, och wann et net ëmmer als positiv ugesi gëtt. An der Politik muss een och Décisiounen huelen, déi net jiddferengem gefallen, well soss mécht ee keng responsabel Politik.

Ech sinn net der Meenung, dass een elo hei soll décrétéieren, dass all Schoul soll d'selwecht funktionéieren. Wa verschidde Schoulgebaier fannen, dass se besser eens ginn - an de System funktionéiert ganz gutt -, dass se Schoulen aus organisatoresche Grënn op engem Site regroupéieren, dann iwwerloossen ech de Schoulen dat. Et gëtt jo esou vill vu Schoulautonomie geschwat, dëst gehéiert och an de Kader vun der Schoulautonomie.

Eng Schoul ka verschidde Siten hunn, a wéi d'Schoul sech mat hire Siten organiséiert, dat muss der Schoul selwer iwwerlooss bleiwen, natierlech no Récksprouch mam Ministère. Et ass net, dass ech meng Responsabilitéit net wëllt huelen, mä et kann een net, ouni d'Situatioun um Terrain ze kennen, einfach Saachen décrétéieren, déi an der Praxis net realisabel sinn.

E Wuert zum Schoulsport. Et ass iwwert de Schoulsport vu verschidde Riedner vill geschwat ginn. Et ass gesot ginn, déi Infrastruktur fir de Schoulsport géing net duer goen.

An engem Lycée gëtt et normalerweis eng Sportshal. Dat ware bis elo dräi Sportsunitéiten. Heiansdo kouw nach eng Salle de musculation derbei. Dat ass zum Beispill dat, wat um Geesseknäppche fir de Lycée Aline Mayrisch an där neier Sportshal virgesinn ass.

Turnprofesseren hu gesot, si wieren domat net d'accord, dat géing net duergoen, an dunn ass gesot ginn, et huet ni en Dialog stattfonnt, et ware just verschidde Gespréicher. Ech weess net, wat den Ënnerschied ass tëschent Gespréicher an Dialog. Ech kann lech awer soen, dass Gespréicher dozou geféiert hunn, dass am Kader vun der Standardisatioun vun de Schoulprogrammer fir déi nächst Schoulbauten festgehale ginn ass, wéi am Schoulsport elo soll verfuer ginn, an dass déi Normë vu 27 op 30 m eropgesat gi sinn, an dass no Récksprouch, déi ech mat der Bauverwaltung hat, dat och dann hei op dem Terrain vu Péiteng applizéiert gëtt an och applikabel ass.

Wat d'Zuel vun den Unitéiten ubelaangt, esou muss ech soen, dass déi Responsabel aacht Unitéite gefrot hunn, well si soten, si kéime soss net hin. Ech muss lech soen, dass et aner Lycéeën gëtt, déi dräi Sportsunitéiten hunn. Hei ginn der véier gebaut mat enger Salle de musculation derbei. Mir mengen, dass dat misst à ce stade duergoen.

D'Normë ginn etabliert vun den Demandeuren. D'Norm selwer ass d'Dimensioun vun der Hal. Do hunn ech lech gesot, dass mer vu 27 op 30 m eropginn, fir deem Wonsch entgéintzekommen, an d'Zuel vun den Unitéiten amplaz dräi, wéi bis elo, op véier eropgeet plus eng Salle de musculation. Et ass also e Plus.

D'Piscine, dass déi net zrëckbehalte ginn ass, dat kënnt dohier, well d'Gemeng Péiteng décidéiert huet, d'Piscine vu Rodange als gedeckte Piscine ze transforméieren. Wa mer also dermat d'accord gewiescht wieren, och nach hei eng Piscine ze bauen, dann hätte mer op deem enke Raum dräi Piscinen, well et gëtt jo schonns eng Piscine zu Péiteng. Ech muss lech soen, hei geet et awer ëm d'Sue vum Steierzueler. Ob d'Gemeng eng Piscine finanzéiert oder de Stat, an iwwert de Plan quinquennal Subside gëtt, déi Dépense muss een awer tätegen, an d'Frais d'exploitation vun enger Piscine, wéi mer all wëssen, sinn deier. Och do muss een eng Décisioun huelen.

Gleeft mer et, et ass vill méi einfach als Minister ze soen, selbstverständlech, wann Der gären eng Piscine hätt, kritt Der eng Piscine. Wann Der gären aacht Unitéiten hätt, kritt Der aacht Sportsunitéiten, wëssent, dass dann

déi nächst Projete vu Lycéeën doduerch scho préjugéiert sinn an dass mer dann zu Réiden am Lycée och mussen esou vill Unitéite virgesinn. Ech muss lech soen, dass een awer muss Responsabilitéit iwwerhuelen an net alles, wat gefrot gëtt, kann accordéieren, well d'Rechnung muss och nach iergendwéi opgoen.

D'Mme Err huet virdru gesot, d'Beem wuessen net an den Himmel, och net am räiche Lëtzebuerg. Ech géing dat heirop wëllen applizéieren. Och hei muss ee soen, ass eng Limite, hei kënne mer net driwwer ewechgoen an et muss ee kucken, sech esou ze organiséieren, dass et duergeet. De Schoulsport soll awer net dodrënner leiden.

Et gouf gesot Bréiwer géifen net beäntwert ginn. Den Usprichpartner fir de Programm vun enger Schoul, dat ass ganz kloer den Educatiounsminister. Ech kréie ganz oft Courier, deen en copie un de Bauteminister geschéckt gëtt. Jo, ech hunn eng Äntwert op Bréiwer effektiv ginn. D'Mme Bauteminister net. Si huet elo grad gesot, firwat dat esou am Bauteministère gehandhaabt gëtt. Dat zum Schoulsport.

Ech mengen, ech hätt op all d'Froen, déi d'Schoul ubelaangen, geäntwert. Nach e Wuert zu de Motiounen.

Mat der éischter Motioun kann ech net d'accord sinn, wou geschriwwen gëtt, d'Klasse vum Régime préparatoire misste matériellement intégréiert ginn am Lycée technique Mathias Adam. Am Lycée technique Mathias Adam gi Klasseraim virgesinn, an do kënnen och Préparatoiresklassen dra goen. L'un exclut pas l'autre. Mir wëllen och de Site "am Jencker" ëmbauen a vläicht méi grouss bauen no Concertatioun mat der Gemeng Déifferdeng, an da kucke mer wellech Klasse mer do implantéieren.

Ech kann och am Considérant net dermat d'accord sinn, dass d'PISA-Etüd beméit gëtt, fir hei iwwert de Préparatoire vu Péiteng, respektiv Déifferdeng, ze schwätzen.

D'Motioun 2 géing ech d'Chamber bieten, se och net ze stëmmen. Do geet et nämlech ëm de Reklassement vun der Carrière vun de Schoulmeeschteren. Et ass net gutt, wann ee Saache matenee vermëscht. Hei si mer am Kader vun engem Bauprojet, hei si mer net am Kader vun der Diskussioun iwwer Carrièren, esou dass ech lech géing bieten, och déi net unzehuelen.

Déi drëtt Motioun iwwert e Projet de loi supplémentaire fir Infrastructures sportives, mengen ech, och net kënnen unzehuelen. Mir wäerten am definitive Projet, well hei si mir am Kader vum Avant-projet sommaire, den Norme Rechnung droen, dass d'Sportshal op 30 m ausgebaut gëtt, mä de Virstellung vum de Sportsprofesseren, aacht Unitéite virzegesinn am plaz véier, wat wierklech vill méi ass wéi dat, wat mer am Moment an anere Schoulen hunn, kann d'Regierung net zoustëmmen.

Wat d'Motioun vum dem Här Garcia ubelaangt, do geet et ëm d'Etude de faisabilité, ëm d'Pollutiounen. Et ass ganz kloer, wa sech géing erausstellen, dass et hei net

méiglech wier, e Lycée ze bauen aus all deene Considérations eraus, da misste mer effektiv drop zrëckkommen, mä d'Analysen hu jo awer elo bewisen, an den Här Garcia huet dat elo jo och selwer développéiert, dass déi Terrainen awer net bedenklech wäeren. Et kann een déi Motiounen net unhuelen.

Wat d'Motioun 5 ugeet, ass et kloer, dass d'Nuisances réelles ewechgeholl ginn. Wat eng Nuisance potentielle ass, ass et scho méi schwierig ze décidéieren, wat dat ass. Esou eng Motioun vun enger Nuisance potentielle kann ech net unhuelen, well ech mengen, dat féiert nu wierklech an d'Ongewëssheet.

Wat déi lescht Motioun ubelaangt, dass mer "travaux d'études relatifs à l'emplacement futur d'une infrastructure de l'enseignement postprimaire sur le territoire de la ville de Dudelange", pardon "de Differdange" ...

(Interruption)

Dat war elo e Lapsus, well den Här Zanussi dauernd schwätzt. Ech bieten den Här Meisch, mech dofir ze entschëllegen. Ech hoffen, e mécht dat.

D'Mme Bauteminister ass d'accord, dass mer do Etüde maachen, esou dass ech ka soen, dass déi Motioun sans objet ass, an der Chamber proposéieren, déi ze rejetéieren.

No deenen Explikatiounen hoffen ech, dass dës Projet gestëmmt gëtt. Ech soe jiddferengem merci a si frou, dass mer Décisiounen huelen, déi vläicht net jiddferengem gefallen, mä dat ass net den Objet vun onser Missioun. Den Objet vun onser Missioun ass, derfir ze suergen, dass mer Infrastrukture schafen, déi mir batter néideg hunn. A wann et eng Prioritéit gëtt, da sinn et d'Schoulen, an do muss een einfach seng Responsabilitéit huelen. Ech soen all deene merci, déi déi Responsabilitéit mat droen an deelen.

Merci villmools.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och nach e puer Wuert wëlle soen, an zwar aus der Optik vun der Landesplanung eraus, Landesplanung, déi ech de Mëtteg an der Diskussioun e bësse vermëscht hunn, wann et drëm gaangen ass, Argumenter fir a géint d'Implantatioun vu Lycéeën ze sichen.

Fir d'éischt ass et esou, a meng Virriednerinnen hunn et gesot, dass d'Implantatioun vu Lycéeën eppes ganz Komplizéiert ass.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dir Hären, ech géif lech bieten, lech nach e bëssen ze gedéllegen. Loosst den Här Minister schwätzen, en huet eis wichteg Saachen ze soen.

Här Minister, fuert weider.

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur. - A wann ech d'Geschicht vun der Implantatioun vu Schoulen an deene leschten 20 Joer hei zu Lëtzebuerg kucken, dann ass déi Geschicht parseméiert vu ganz villen Hindernisser, déi hu missen iwwerspronge ginn, wann et drëm gaangen ass, nei Plazen ze fannen, fir Schoulen ze bauen, respektiv bei stehende Schoulen Ausweitungen ze maachen.

Ech erënneren un d'Diskussioun vum Geesseknäppchen, déi praktesch während engem Joerzéngt a voller Wucht gefouert ginn ass, ier do eng Décisioun geholl ginn ass.

Op där anerer Säit si mer awer gefuerdert als Politik, well d'Zuele vun eiser Bevëlkerung zouhuelen, well mer ëmmer méi jonk Leit kréien, déi an d'Schoule ginn, an déi jonk Leit, déi am Joer 2010 an eis Lycéeën ginn, déi kenne mer, well déi sinn alleguer schonn do. Mir stelle fest, dass mer net manner wéi sechs Lycéeën wäerten zousätzlech zu deene bestehende Lycéeën brauchen - zu deenen deen heiten iwwregens net gehéiert -, fir där Erausforderung entgéintzekommen.

Dofir huet d'Regierung 1999 décidéiert, e sou genannte Plan sectoriel "lycées" ze etabléieren, wou mer opgrond vun enger ganzer Rei vu Parametere gekuckt hunn, wéi, wou an ënnert wat fir enge Konditiounen mer d'Implantatioun vu Lycéeën an Zukunft zu Lëtzebuerg wëlle virhuelen. Dat ass eng ganz komplex Prozedur schonn an der Verwaltung gewiescht. Et sinn net manner wéi fënnef Ministère, déi do permanent mateneen diskutéiert hunn. Mir wäerten dee Plan sectoriel an deenen nächste Méint op den Instanzeweeg ginn, fir dass e kann diskutéiert ginn.

Domat hoffen an erwaarde mer eis, well mer am Kader vun där Consultatioun och mat de Gemengen - déi fir eis e wichtege Partner sinn an der Consultatioun vun deene Projeten - wëlle kucken, wou mer d'Implantatioun vun deene Site wëlle maachen.

Ech fannen et succulent, wann d'Verfechter vun der Autonomie communale an deem heiten Dossier am Fong déi Autonomie communale net wëlle gesinn, woubäi ech net dervir scheien, dass wann ech mat enger Gemeng net ëmmer en Accord fannen op e Site, mat hir och kontrovers diskutéieren, fir ze kucken, eng Amélioratioun vun der Situatioun ze fannen. Et ass jo och net esou, dass bei der Implantatioun vun esou engem Lycée op engem Site en Diktat ka komme vun enger Säit erof.

Mir probéieren also iwwer Organisatiounen am Plan sectoriel, déi Problematik, déi meng Virriednerin ugeschwat huet, ze léisen, well et sech fir mech ëm eng vun deene wesentleche Froen vun der Landesplanung handelt.

Da wollt ech zwou prinzipiell Remarke maachen zu deem heite Projet, als een, dee schonn iwwer zéng Joer mat deem Dossier hei konfrontéiert ass. Et ass, wéi d'Mme Hennicot et richteg gesot huet, e Projet, deen e ganz laange Baart huet. Et ass net, contrairement zu

deem, wat ee kënnt mengen, e Problem, dee sech an deene leschten zwielef Méint op eemol esou fonnt hätt, mä et ass e Politikum an et ass eng ganz wesentlech an haart gefouert politesch Diskussioun während iwwer zéng Joer an der Géigend gewiescht, wann et drëm gaangen ass, iwwert d'Zukunft vum Lycée technique Mathias Adam zu Péiteng ze diskutéieren, mat all-méiglech Hin an Hier, mat ville Siten, déi analyséiert gi sinn, an dat muss ee ganz kloer soen, mat kenger Eenegung, déi um Niveau vun der Gemeng a mat der Gemeng konnt fonnt ginn, fir e Site erauszesichen, well egal op wat fir e Site ee komm ass, deen een oder aneren Avantage oder Inconvénient fonnt huet, deen engem Argumenter ginn huet, fir ze soen, deen dote Site gefällt mer besser wéi en aneren.

Just an engem Punkt waren déi Péitenger sech ëmmer alleguer eens, an dat ass keng Erfindung vum Här Halsdorf, deen dat Amt vum Buergermeeschter elo säit 2,5 Joer ausféiert, mä dat ass, dass de Site huet missen um Territoire vun der Gemeng Péiteng bleiwen. Et sinn öffentlech Versammlunge gemaach ginn, fir dat anzekoen, an aner Leit, déi déi Zäit Buergermeeschter waren an eng aner Majoritéit haten, waren ëmmer der Meinung, dass dee Site misst um Territoire vun der Gemeng Péiteng bleiwen.

Dat huet schonn 1994 ugefaangen, well et ass net e Site, deen elo op eemol säit sechs Méint oder engem Joer an der Diskussioun ass. Deen ass scho säit aacht oder néng Joer vun deene Péitenger Lokalpolitiker bal boykottéiert ginn, well e sech zoufälleg um Territoire vun der Gemeng Bascharage zrëckfonnt huet, esou wéi d'Altersheim vun Nidderkuer sech um Territoire vun der Gemeng Bascharage befënnt. All Mënsch seet awer, et wier d'Altersheim vun Nidderkuer. Esou wier dee Lycée hei och, wann e bei d'Ateliere komm wier, op den Territoire vun der Gemeng Bascharage komm, an dat war politesch gesinn zu Péiteng ni acceptabel vu kenger Partei, an och vu kenger Partei heibannen. Et ass och ganz vehement an déi Richtung argumentéiert ginn.

Et ass déi Etüd ugeschwat ginn, déi 1997 gemaach ginn ass. Et ass wouer, ech war deemools am Gemengerot, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn.

(Interruptions diverses)

Ech sinn nach net fäerdeg. Gitt mer eng Chance. Et ass eng Analyse comparative gemaach ginn iwwer eng ganz Rei vu Siten. Wann ech verschidde Konklusiounen aus dem Sommaire vun där Analys hei kucken, zum Beispill beim Site Nummer 6 "an de Jencken" steet: "Pas de problèmes de cohabitation avec l'habitat vu l'étendu du terrain". Eng Sekund nodeem iwwerhaupt driwwer décidéiert ginn ass, dass de Lycée an d'Jencken géif kommen, war déi éischt Biergerinitiativ, précisément vun de Leit, déi do gewunnt hunn, déi gesot hunn, et kann dach net sinn, dass dee Lycée an e Wunnquartéier eragesat gëtt.

Mä ech wëll awer eppes soen. Et gëtt elo gemaach vu sozialistescher Säit, déi sech an deem Dossier erageknéit huet an deene leschte Wochen, wéi wann d'Sozialisten an der Gemeng Péiteng säit Joer an Dag géife plädéiere fir de Site an der Ateliersstrooss. Ech wëll soen, et ass näischt méi falsch wéi dat.

De sozialistesche Buergermeeschter, de fréiere Kolleeg Klein, an de Minister vun de Bauten, den Här Goebbels, hunn ëmmer de Site "an de Jencken" privilegiert, a si si mat deem Site net duerchkomm, an zwar géint d'Bierger aus hirer Gemeng, wa mer dríwwer diskutéieren, wat fir e Site ee mat de Bierger oder géint d'Bierger muss maachen. Do waren d'Bierger aus der Gemeng dergéint.

An ech muss soen, dass ech als Landesplanungsminister och géint dee Site sinn, well en eng wesentlech Viraussetzung net erfëllt, iwwert déi de ganze Mëtteg bal net geschwat ginn ass, nämlech déi, dass wa mer an Zukunft Lycéee bauen, wa mer wëllen öffentlech Infrastrukture bauen, dass mer musse kucken, wou mer eng Ubannung hunn un den öffentliche Transport an haaptsächlech un den Zuch, dass mer d'Lycéee prioritär dohinner bauen, wou mer eng direkt Halt hunn, fir dass d'Kanner och kënne mam öffentliche Transport an hir Schoul fueren.

Ech fannen et pour le moins succulent, wann ech eng ganz Rei Leit haut de Mëtteg hei gesinn hunn oprieden a soen, ee vun den Nodeeler vum Site, dee mer elo zréckbehalen hunn, wier précisément deen, dass d'Eisebunn géif doniewent fueren an déi géif Kaméidi maachen. Mä et kann een net alles hunn an der Landesplanung.

Wann een an de Riede während Joer an Dag seet, d'Installatioun vum Stat a vun de Collectivités locales sollen an Zukunft vermehrt dohinner gesat ginn, wou een och mam öffentlichen Transport hikënnt, da muss een awer och dee Moment, wou een e Site sicht, dee Site esou zréckbehalen. An dat eleng schwätzt als Exklusivungsgrond géint de Site "an de Jencken", well dee Site nom Kritär vun der Landesplanung net acceptabel war. Dat ass e Kritär, dee fir de Site beim PED schwätzt. Et ass awer och e Kritär, dee schwätzt fir de Site beim Atelier.

An do wëll ech lech nach eng Kéier soen, dass dee Site bei den Ateliereen elo eréischt säit engem Joer op der Plaz verteidegt gëtt, well och d'Schoulcommunautéit huet 1997, 1998, 1999, 2000 dee Site net mat där Déterminatioun ënnerstëtzt, dass een hätt kënne e politesche Message kréien, dass een en hätt missten dohinner setzen. Vereenzelt Leit hunn dat gesot.

(Interruptions diverses)

Et ass vu verschiddene Leit gesot ginn, mä et ass net mat där Déterminatioun, wéi dat elo hei vu verschiddene Leit gemaach gëtt, gesot ginn, deen dote Site ass deen eenzege Site, deen a Fro kënnt.

Wann ech d'Landesplanung kucken a wann ech de Site vun den Ateliere kucken, ass de Site an der Ateliersstrooss objektiv gesinn, wann ech de Rayon d'action kucke vun

deenen dräi Siten, dee Beschte gewiescht um Niveau vun der Landesplanung. Et muss een awer wëssen, an dat gëtt hei verschwiegen, dass och dee Site ganz staark Constraints huet. Éischtens läit en niewent den Ateliere vun der CFL. Déi Ateliere vun der CFL si virun e puer Joer eng Kéier verbrannt. Dat läit also à proximité diverse vun engem Geforenherd, dee besteet, wann een iwwert d'Implantatioun dovunner schwätzt.

(Interruption)

Dir sot neen! Wësst Der, Ären Dialog an Äre Diskussioun dat ass Äre Meenung a soss kengem seng. Acceptéiert dach och emol eng Kéier, dass Leit eng aner Meenung hu wéi Dir.

Zweetens huet dee Site - an dat ass schohn aus der Etüd vun 1997 erauskomm - um Niveau vun den Infrastrukturen, déi musse gebaut ginn, extrem Inconvénienten. D'Ubannung u Péiteng hätt nécessitiert, dass een eng komplett nei Bréck hätt misse bauen. Et hätte missen nei Stroosse gezu ginn, fir iwwerhaupt op de Site ze kommen. Et ass e Site, deen an enger extremer Declivitéit läit. Déi Leit, déi d'Konfiguratioun kennen, wëssen, dass et kee Site ass, dee sech esou einfach baut an, last but not least - an dat huet am Joer 2000 den Ausschlag ginn -, de Stat ass net Propriétaire vun den Terrainen do gewiescht. A wa mer wëssen, wéi laang dass een haut brauch, fir Terrainen ze kafen, wann ee weess, wéi komplizéiert et ass, fir Prozeduren duerchzeféieren, a wann ee konfrontéiert ass mat der Situatioun, dass een e Lycée iwwer e Jorzéngt do leien huet, vun deem all Mënsch seet, mir kënne net virufueren, an deem Gebai op där doter Plaz nach weider Unterrecht ze halen, da muss een heiansdo och vläicht d'accord sinn, fir den zweete Choix ze huelen, woubäi ech nach net dovun iwwerzeegt sinn, wa mer wierklech d'Zomm vun allen Avantagen a vun allen Inconvéniente géifen téschent deenen eenzelne Site maachen, ob de Site am PED wierklech deen zweete Choix wier, ob et net dee beschte Site ass.

(Interruption)

Neen, ech fueren elo virun, well ech si gutt lancéiert an dofir kommen ech op meng zweet politesch Considératioun, an déi wëll ech menge Kolleegen aus der sozialistescher Partei matdeelen an ech wëll hinne soen, dass ech se wëll ganz staark dofir warnen, fir mat deem Argument hauséieren ze goen, wat se amgang sinn ze maachen. Den Här Zanussi huet gesot: "D'Sozialiste si géint d'Implantatioun vu Schoulen an Industriezonen", woubäi mer hei net an, mä niewent enger Industriezon sinn. Mir sinn à proximité immédiate vun enger Industriezon, dat ginn ech zou.

Mä ech wëll lech just soen, Dir Dammen an Dir Häre vun der sozialistescher Partei, wann dat doten Äert Argument ass, dann hale mer am Süde vum Land op iwwert d'Reconversion des friches industrielles ze schwätzen, dann hale mer op am Süde vum Land iwwert d'Implan-

tatioun vun enger Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation um Site vun Esch/Belval ze schwätzen, well dat ass "dans la proximité immédiate" vun engem Site, deen haut exploitéiert gëtt. Ech soen lech, dass meng Meenung déi ass, dass mer müssen am Süden eng aner Politik maache wéi déi, déi d'Sozialiste während Jorzéngte gemaach hunn an déi se haut nach eng Kéier an engem Artikel am "Tageblatt" vum fréiere Minister Goebbels zréckbréngen, nämlech déi, fir de Süden als en Industrie-reservat ze considéieren, dat och an der Zukunft als allengege Standuert vun Industrieproduktiounsanlage soll gebraucht ginn.

Mir brauchen eng komplett Réorganisatioun vum Süden, strukturell, infrastrukturell, an dofir brauche mir eng Re-konverssioun vun de Friches industrielles. Dat ass eng Nécessitéit vum Süden an et ass eng Nécessitéit fir eist Land.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wéi ass et mat der Dezentraliséierung? D'accord, um Räissbriet maacht Dir gutt Aarbecht, mä wéi vill Betriber hutt Der bis elo dezentraliséiert? Wéi ass et mat Clearstream?

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, loosst den Här Minister schwätzen!

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Ech wëll also menge Kollege vum der sozialistescher Partei soen, déi mat deenen einfachen Argumenter plädéieren, nämlech am Süde si mer géint d'Implantatioun vu Schoulen an Industriezonen. Wann dat Är Meenung ass, da maache mer an Zukunft am Süden eng ganz Rei Saachen net méi, déi dës Regierung wëllt maachen.

(Interruptions diverses)

Esou wéi ech dem fréiere Buergermeeschter vu Péiteng wëll soen, deen ech an engem Interview héieren hunn, nodeem den Här Di Bartolomeo dat gesot huet, wat en elo hei gesot huet an nach aner Saachen, huet dee gesot, et kënnt een notament dee Lycée net dohinner setzen, well et wier virun enger Zäit e Brand an enger Industriezon gewiescht an et kënnt een net Kanner dohinner setzen, wa se enger Gefor ausgesat wieren.

Éischtens war et kee Brand. Zweetens sinn ech der Meenung, dass een effektiv, wann een eng Schoul baut, muss Rücksicht huelen op all déi Considératiounen do, awer net nëmmen op där doter Plaz, mä da wann ech gelift op de Plazen alleguer. An drëttens wëll ech soen, dass dee soi-disant Brand, dee kee Brand war, wou nach gesot ginn ass, Pompjeeën hätte missten an d'Spidol ageliwwert ginn, dass dat a) eng prophylaktesch Mesure war, déi ëmmer geholl gëtt, wa mer gewëssen Asätz bei de Pompjeeën hunn an, dass wann d'Argument zielt, dass mer keng Schoul kënnen dohinner setzen, da kënne mer b) och keng Leit dohinner setzen.

Well wann ech de Perimeter vun 800 Meter zéien tëschent deem Betrib an deenen zwee Siten an ech

maachen e Krees, dann hale mer op iwwert d'Halschent vu Rodange an iwwert d'Halschent vu Lamadelaine nach ze schwätzen. An do wunne Leit, net nëmme während de Schoulstonnen, mä déi wunnen och nach während dem ganzen Dag do.

(Interruptions diverses)

Ech wëll also soen, dass wann ech déi doten Argumenter gesinn a wa mer op deen doten Niveau erof diskutéieren ginn, dass mer da ganz schwéieren Zäiten entgéintginn. Ech weess net, firwat dass d'Sozialisten elo kuerzfristeg deen doten Trip ageschloen hunn. An ech froe mech och, ob d'Absence vun deem engen oder anere politesche Mandataire aus enger anerer Gemeng am Laf vum Nomëtteg net och seng Ursaachen huet.

Mir sinn amgaang um Niveau vun der Landesplanung an um Niveau vum Aménagement vum Süde ganz schwéier Weeër ze goen. Ech soen lech, dass ech dat net matmaachen, dass ech e Verfechter si vun der Rekonverssioun vun de Frichen an dass ech gären hätt, dass mer op de Frichen an och an a bei Industriezonen Aktivitéiten setzen, déi de Süde vum Land bäibréngen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- D'Diskussioun ass eriwwer, a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4875 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4875.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4875 ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen, 21 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

M. Jean-Pierre Koepp.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

S'est abstenu: M. Jean Colombero.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion 1

Elo stëmme mer of iwwert d'Motioun 1 vum Här Marc Zanussi. Ass ee Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

Déi fir d'Motioun 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 33 Stëmme géint 23 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourj, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps,

Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach.

Motion 2

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2 vum Här Marc Zanussi. Ass do och ee Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 41 Stëmme géint 15 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourj, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen.

Motion 3

Kënne mer d'Motioun 3 par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Mir stëmmen dann elo elektronesch iwwert d'Motioun 3 vum Här Marc Zanussi of.

Vote

Déi fir d'Motioun 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 30 Stëmme géint 24 an 3 Ent-halungen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Fred Sunnen.

Motion 4

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 4 vum Här Robert Garcia. Ass och do e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 35 Stëmme géint 24 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké (par M. Georges Wohlfart), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Emile Calmes (par M. John Schummer), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

M. Jean-Pierre Koepp.

Motion 5

Mir stëmmen iwwert d'Motioun 5 vum Här Robert Garcia och par vote électronique of.

Vote

Déi fir d'Motioun 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 40 Stëmme géint 13 an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Se sont abstenus: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Georges Wohlfart.

Den Här Garcia freet d'Wuert zur Motioun 6. Den Här Garcia huet d'Wuert.

Motion 6

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech maachen Iech just drop opmierksam, dass d'Majoritéit bei der Motioun 4 elo just dogéint gestëmmt huet fir "oeuvrer avec le plus grand soin lors de l'assainissement et à suivre strictement les recommandations de l'étude de faisabilité". A bei der Motioun 5 dogéint gestëmmt huet "à éliminer toutes les nuisances autour du Lycée technique Mathias Adam".

Zu der Motioun 6 kann ech méi schmunzelen, well ech hat jo virdu schonn a menger Ried gesot, dass et mir eigentlech bal egal wär, ob se géif ugeholl ginn oder net, well déi zwou Motiounen virdrun, déi sech jo ähnlech waren, si jo unanimement ugeholl ginn, an et ass näischt geschitt. An do erënneren ech mech un déi Motioun, déi ech virun e puer Méint hei vum Här Goerens ofgeleent krut, déi dräimol ugeholl gi war, an do ass näischt geschitt, an dunn hunn ech, doduerch dass den Här Goerens se ofgeleent huet, d'Hoffnung geäussert, dass dann eppes geschéie géif, an duerfir denken ech, wann déi heiten ofgeleent gétt, vläicht dann op eemol eppes geschitt.

Ech verstinn awer d'Argumentatioun vun der Baute-ministerin net. Si huet hei eppes vun der Schoul Jencker geschwat. Déi Motioun hei geet net iwwert déi Schoul, well deen neie Lycée gétt net do gebaut.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, si huet vun engem neie Site geschwat. Et ass eng Etüd am Gaange gemaach ze ginn iwwert déi zwou Saachen.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Si huet mir virdrun awer eppes anescht ersot. Mir perséinlech ass et egal, mä ech fannen et psychologesch e bëssen douteux, wann d'Chamber hei eng Motioun refuséiere géif, déi seet: "Etüde solle gemaach ginn iwwert d'Implantatioun vun engem Lycée zu Déifferdeng", mä jiddferree geet mat deene Saachen ëm, wéi e wëllt. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Oppositioun zu Déifferdeng an déi aner hei an der Chamber wäert dann iwwerall kundtun, dass d'Majoritéit vun der Chamber géint den Aménagement vun engem neie Lycée zu Déifferdeng ass.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert gefrot. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, mir hunn awer ganz kloer héieren, dass d'Mme Baute-ministerin gesot huet, dass déi Etüd hei am Gaange wär. Dee Moment ass, wéi dat an der Vergaangenheet och ëmmer gehandhabt ginn ass, déi Motioun superféta-toire. Mir kënnen net d'Regierung opfuere, eppes ze maachen, wat se schon am Gaangen ass ze maachen, duerfir géif ech dem Här Garcia proposéieren, hie soll seng Motioun zrëckzéien. Wann hie se net zrëckzitt, da stëmme mir dogéint.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Alleguer?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Alleguer bis op een.

M. le Président.- Den Här Claude Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP).- Här President, mäin Numm ass haut an der Debatt e puer Mol gefall, ech hu mech bis elo awer zrëckgehalen, mä ech wëll dann awer am Kader vun dëser Motioun e puer Wuert soen.

Fir d'alleréischt sinn ech frou, fir virdrun vun zwee Regierungsmemberen ze héieren, datt déi Motioun, vun där den Här Garcia an ech Auteur waren an nach aner Kolleegen hei, an déi mer och schonn zwee Mol hei gestëmmt hunn, an déi zum Deel jo schonn ëmgesat ginn ass, ze héieren, datt déi Etüd hei am lafen ass. Wat an enger éischter Phas den aktuelle Site "Jencker" ubelaangt, wou mir alleguer wëssen, dass deen net an engem besseren Zoustand ass wéi dat Gebai vum LTMA zu Péteng.

Ech kann do zwar am Numm vun der Déifferdenger Gemeng e "mea culpa" soen, well d'Déifferdenger Gemeng war laang Propriétaire dovun an huet sech vläicht net deementspreechend ëm den Entretien gekëmmert an der Vergaangenheet, mä mir hu jo awer och vun zwee Regierungsmemberen hei héieren, datt jee no deem wéi déi Etüd iwwert dat bestehend Gebai do ausgeet, datt d'Regierung bereet ass, mat der Gemeng Gespréicher ze féieren, fir eventuell méi eppes Grousses zu Déifferdeng ze bauen, sou dass dat awer ganz kloer an déi Richtung geet vum Här Garcia senger Motioun, déi mir hei schonn zweemol gestëmmt hunn.

Grad esou freet et mech, datt d'Gemeng Déifferdeng do mat agebonne gi soll an dee Prozess, a mir sinn och am Gaange Proposen auszuschaffen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Dat ass awer interessant. Här President, mir hu virdrun héieren, besonnesch vum Här Wolter, dass all déi Schoulgebaier a Consultatioun mat de Gemenge gemaach ginn. An do seet den Här Buergermeeschter vun Déifferdeng, hie wär elo just gewuer gi vun de Ministerinnen, dass Consultatiounen mat de Gemenge géife geholl ginn an dat 23 Méint no där Motioun, déi hei eestëmme votéiert ginn ass. Da fannen ech dat awer eng Consultatioun mat de Gemengen, wou ech mer als Gemengeverantwortleche mer awer géif e puer Froe stellen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir stëmme of iwwert d'Motioun 6 vum Här Robert Garcia. Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)**Vote**

Déi fir d'Motioun 6 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Stëmme géint 21 an 1 Absentioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss, Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

M. Jean-Pierre Koepp.

Domat hätte mer den Ordre du jour vun haut erledegt. Déi nächst Sëtzung ass mar de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.29 heures)

Communications	page 1161	- Question 214 de M. Laurent Mosar relative au secret bancaire	page 1172
Composition de la Commission juridique	page 1162	Interpellation de M. Alex Bodry sur la politique du Gouvernement concernant la Grande Région (Saar-Lor-Lux)	pages 1172-1202
Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi 4769 portant réforme du salaire social minimum	page 1162	Communication	page 1203
Ordre du jour	page 1162	Changements dans la composition de plusieurs commissions	page 1203
Heure de questions au Gouvernement:		Débat sur la politique étrangère	pages 1203-1248
- Question 210 de M. Fred Sunnen concernant l'achat d'un terrain dans la zone industrielle Differdange-Soleuvre	page 1162	Dépôt de plusieurs projets de loi	page 1249
- Question 211 de M. Mars Di Bartolomeo concernant les modalités d'attribution et les spécificités des permis de travail des chauffeurs de camion	pages 1162-1165	Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste sur les conclusions à tirer de l'année internationale du bénévolat	pages 1250-1263
- Question 212 de M. Jean-Marie Halsdorf relative à la conception future des deux catégories de concessions de pharmacie	pages 1166-1167	Projet de loi 4607 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1997	
- Question 213 de M. Gast Gibéryen relative à la faisabilité d'une implantation de la Cité judiciaire au site de la Rocade de Bonnevoie	page 1167	Projet de loi 4733 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1998	pages 1263-1275
- Question 215 de M. Jos Scheuer concernant le fonctionnement de la clinique pédiatrique	pages 1167-1168	Hommage à la mémoire de M. Gust Schuman, membre de l'Assemblée consultative de 1945 ..	page 1276
- Question 216 de M. Robert Garcia relative à une étude globale de l'impact financier, écologique et social des différents scénarios de développement économique et démographique de la société luxembourgeoise	page 1168	Octroi de l'honorariat de leurs fonctions à des anciens députés	page 1276
- Question 217 de M. Lucien Lux relative au volet social à traiter lors du sommet de Barcelone	pages 1168-1171	Communications	pages 1276-1278
- Question 218 de M. Robert Mehlen relative à l'application des nouvelles règles d'orthographe de la langue allemande	page 1171	Ordre du jour	pages 1278-1281
- Question 219 de M. Robert Mehlen relative à la fermeture immédiate éventuelle des voies d'accès aux autoroutes en cas d'accidents	pages 1171-1172	Débat d'actualité sur la situation alarmante au Proche-Orient	pages 1281-1295
		Projet de loi 4875 autorisant le Gouvernement à construire un nouveau bâtiment pour le Lycée technique Mathias Adam de Pétange y compris l'aménagement des alentours	pages 1295-1336
		Noriichten aus der Chamber	pages 73-80
		Questions au Gouvernement	pages 289-312 au milieu du compte rendu